

eis sprooch

erausgi vun der Actioun Lëtzebuergesch
Lëtzebuerg

1. Trimester Nei Folleg/4 Hefter pro Jor, dovun 1 Extra-Serie
(30) 1991 - 1 Drock: Kremer Muller & Cie L-3895 Féiz

Nr 31

Virun 20 Jor	1	Gil Mandy: De Juppi an d'International	27
Jean Milmeister: E puer Wuert iwwer d'Lëtzebuenger Schreifweis an d'Lëtzebuergesch an der Schoul	2	hr: Versëlwert Plaquette Dicks-Rodange-Lentz fir den Norbert Weber	28
GjPR: Geschitt elo eppes?	4	Pierre Posing: Pervers 1, Pervers 2	29
Danielle Hoffelt: Brout	5	hr:	
Gefaangen	6	Litteraturpräisser 1990/91	30
Fir wat	6	...:	
Al Steinmetz: Fränz, den Douanier	7	Rhänlanddaler	31
Gil Mandy: Déi kleng Hex Finnchen	9	H. Rinnen: Linguistik-Sproochwëssenschaft	32
R.L.:		Will Reuland: Eis Musel	37
Den Heng vun Néngsen	11	Roger Lugen: Kritik?!	38
Eng onheemlech Geschicht!	12	hr:	
Raymond Schaack: Nuesen	13	Et wor. . .	40
Nic Angel: Grouss a kleng Honn	17	Aus dem Bicherbuttek	43
Den Hues am Schnéi	17	Notizen	50
Jeanine Theis-Kauth: D'Nopesch an ech	18	Robert Siuda: Klenggeketen	56
Pierre Posing: Kannerzäit	19	Gil Mandy: De Jos wollt nees e Päerd	57
De Jules, de Bopa	20	Jhemp Biver: Daachvigel	58
Tom Thies: Erënnerungen un d'Vakanz bei den Grousselteren II	21	Adrien Ries: Biwels-Bari zu Fouss (1. Deel)	60
Sou gët ee räich ouni ze schaffen	23	hr: Si hun äis fir ëmmer verloss	63
Jos Hurt: Theater an ale Volleksbräich III.	24		

Wöill du Lëtzebuergesche greschere Gittlesan
Chäfereng an dem Lëtzebuergesche
an dem Gittlesan vum Lëtzebuerg
Lëtzebuergesche Lëtzebuergesche Gittlesan.

Wöill d'Gittlesan Lëtzebuergesche Gittlesan
Gittlesan zu Lëtzebuergesche Gittlesan
Lëtzebuergesche Gittlesan Lëtzebuergesche
Lëtzebuergesche Gittlesan Lëtzebuergesche.

D'Gittlesan wëll mir Lëtzebuergesche
Gittlesan Lëtzebuergesche Gittlesan
Lëtzebuergesche Gittlesan Lëtzebuergesche
Lëtzebuergesche Gittlesan Lëtzebuergesche.

Mir wëll d'Gittlesan Lëtzebuergesche
Lëtzebuergesche Gittlesan Lëtzebuergesche
Lëtzebuergesche Gittlesan Lëtzebuergesche
Lëtzebuergesche Gittlesan Lëtzebuergesche.

Wöill d'Gittlesan Lëtzebuergesche
Lëtzebuergesche Gittlesan Lëtzebuergesche
Lëtzebuergesche Gittlesan Lëtzebuergesche
Lëtzebuergesche Gittlesan Lëtzebuergesche.

E Stéck aus dem Facsimilé vum M. Rodange sénger «Léierchen», déi d'Actioun
Lëtzebuergesch 1973 erausgin huet an déi elo an deer neier Serie «Lëtzebuergesch Bi-
bliothék, I.» nei erauskomm as (cf. ënner Bicherbuttek) vun deem nach 20 Stéck
do sin. Präis 500 Franc

Virun 20 Joër

OPRUFF

De 15te Februar 1971 si mer zu en etlech an der Stad zesummekomm an hunn ënnert dem Numm «ACTIOUN LETZEBUERGESCH» eng Verénergong gegrënnt, déi sech fir alles asetze wëllt, wat vu Lëtzebuerger Aart as, apaart fir eis Sprooch, geschwat a geschriwwen.

Mir sin der Ménong, datt eppes misst gemaach gin, fir der Sprooch ze hëllef géint dat Friemd, dat ëmmer méi dat gutt Lëtzebuergeresch iwverdubbert an erdëmmelt. Wann Der gär eng Hand upaakt, sidd Der wëlkëm! Mir sin och bereet, mat anere Veräiner zesummenzeschaffen, déi dat selwecht wëlles hun ewéi mir.

Wann et lech interesséiert, wire mer frou, wann Der lech géift mellen. Dir héiert da vun äis.

Hei as fir de Moment eis Adress: ACTIOUN LETZEBUERGESCH, 1 rue du Puits, Lëtzebuerg.

De provisoeresche Comité:

H. RINNEN, Präsedent; Ch. MALANE, Sekretär; R. FABER, Caissier; Membren: A. ATTEN, J. BERTRAND, Dr Emile DUHR, Abbé J. GEVELINGER, G. GOEDERT, J. P. HAMILIUS, Abbé J. JOST, L. LUDWIG, R. PHILIPPE, A. RATHS, Abbé A. RECKINGER, A. ROTH, E. SCHMIT, Dr M. SCHROEDER, F. STEINBERG, L. UNDEN, F. WELTER.

Jean Milmeister

E puer Wuert iwwer d'Lëtzebuerger Schreifweis an d'Lëtzebuergescht an der Schoul

Am «Lëtzebuerger Mariekalenner» vun 1991 hieft d'Monique Hermes d'Verdingschter vun engem ganze Koup vu Leit fir d'Lëtzebuergescht an der Schoul ervir, ma ech hun dobäi vergiewes no eisem éischte Lëtzebuerger Sproochwëssenschaftler gesicht, un deem säi 75. Doudesdag mer viru kuerzem mat enger groussaarterger Ausstellung vum Lëtzebuerger Litteraturarchiv am Veianer Schlass erënnert hun.

Dir huet elo vläicht schon erausfond, dass et sech ëm de René Engelmann (1890-1915) handelt. Wann nët, dann as et néideg, dass ech e puer Wuert iwwer séng Verdingschter fir d'Lëtzebuergescht am allgemengen an apaart fir d'Lëtzebuergescht an der Schoul verléieren.

Nodeem de Charles-Mathias André den 28. Agust 1848 an der Chamber zu Ettellbréck déi éischt Ried op Lëtzebuergescht gehalen hat, war en halleft Jorhonnert méi spéit de Caspar Mathias Spoo erëm su kéng Lëtzebuergescht an der Châmbre ze schwätzen, ma obschons en 1896 nët duerchkoum, huet hien duerchgesat, dass d'Lëtzebuergescht 1912 e Schoulfach gouf.

De 25. Juni 1912 as d'Schoulgesetz gestëmmt gin, deem säin Artikel 23 d'Lëtzebuergescht als Schoulfach agefouert huet. Fir e Schoulfach brauch een e Schoulbuch an eng Schreifweis. An elo komme mer bei de René Engelmann.

Den Dicks, dee virun honnert Joër, de 24. Juni 1891, zu Veiane gestuerwen as, hat zwar

schon 1855 e «Versuch über die Orthographie der Luxemburger-deutschen Mundart» geschriwwen, ma wéi et drëm gung, fir eng Schreifweis op wëssenschaftlecher Basis auszeschaffen, huet d'Regierung un de René Engelmann geduecht.

«De Professor R. Engelmann, deen ënnert der Ledung vum Professor John Meier zu Basel Germanistik studéiert hat, gouf dem wëssenschaftleche Studium vum Lëtzebuergescht eng definitiv Basis a séngem «Vokalismus der Viandener Mundart» (J. Schroell, Diekirch, 1910)», heescht et an der Aledung vum drëtte Lëtzebuerger Dictionär.¹

«Wéi de René Engelmann vun der Lëtzebuerger Regierung den Opdrag krut, fir di allgemeng lëtzebuergescht Schreifweis ze standardiséieren, du war dee wichtigste Schrëtt gemat, fir d'Sprooch vun der Anarchie an den onwëssenschaftlechen Experimenten, déi bis dohi gemat gouwen, ze retten», heescht et e puer Säite méi wäit. «E Fortschrëtt gouf et och duerch d'Verfügung, dass dem Engelmann säi System an dem N. Welter séng Schoulbicher gebraucht sollt gin, dofir gouf se och dacks «Schreifweis Engelmann-Welter» genannt.»²

Do fir kann een och am Virwuert vum Nik. Welter séngem Schoulbuch. «Das Luxemburgische und sein Schrifttum» an der éischter Oplo lesen: «D'Schreifweis, déi gebraucht gouf, fir d'Lëtzebuergescht niderzeschreiwen, benotzt dat Besch, wat bis dohin op dësem Gebitt erfond a probéiert

gouef. Dës Regele gouwen haaptsächlech vum H. Professor René Engelmann aus Dikrech opgestallt, deem ech fir séng trei a kostbar Hëllef häerzlech merci soen».³

Dem Nik. Welter säi Schoulbuch an d'Schreifweis Engelmann-Welter waren iwwer dresseg Joër am Gebrauch. Nach 1974 koum eng nei Oplo eraus, obschon duerch en «arrêté ministériel» vun 1946 déi phonechesch Schreifweis Feltes-Margue offiziell gi war. Am Kolléisch awer hu mir mat vill Méi «Lëtzebuurjer gedichter a prosashteker fir ons shoulen, zesumegeshtallt fun ènger shaatlecher kommissioun» (Heft I, 1946 - Heft II, 1947) mat der neier Schreifweis gelies.

Op der Basis vun der Schreifweis Engelmann-Welter huet d'Dixionäerskommissioun mam Präsidant J. Tockert, der Sekretärin H. Palgen an deem ze fréi verstuerwene


R. Bruch eng drëtt Schreifweis ausgeschafft, déi verschidde wëssenschaftlech Widerspréich, wéi den Apostroph fir d'Diphthongen, ofgeschaaft huet an den 10. Oktober 1975 duerch «arrêté ministériel» vum deemolege Minister Robert Krieps offiziell agefouert gouf.

A well d'Lëtzebuurger Bicher fir d'Primärschoul an d'Postprimärschoulen an der neier offizieller Dixionäersschreifweis geschriwwe sin, déi sech op de System Engelmann-Welter stäipt, kann ee roueg soen, de René Engelmann hätt och nach haut eppes mat Lëtzebuergesch an der Schoul ze din.

¹ Luxemburger Wörterbuch. Band I. S. XIV

² Luxemburger Wörterbuch. Band I. S. XLVf

³ Nikolaus Welter. Das Luxemburgische und sein Schrifttum. 1914 S. 3



As dat dann nët och e schéine Cadeau fir all Geleënheet, zemol da, wann um Réck un dee Festdag eng Schrëft drun erënnert?

Geschitt elo eppes?

oder: Nach eng Kéier e puer Wuert iwwer d'Lëtzebuergesch
an eise grouse Schoulen

Eisen neien Unterréchtsminister Marc Fischbach a séng Leit aus dem Ministère hu vill wëlles: et goufen nei Kritere fir d'Promotioun an de Lycees-Klassen ageféiert (mat Kompensatiounsméiglechketen); et gët elo geschwat vu Reformen an Neierungen op didakteschem, informatoreschem a speziell och op pädagogeschem Plang; fir nëmmen ee wichtegt Beispill ze nennen: d'Proffen aus eise Lyceën sollen eng zeguttstert «formation continue» gebuede kréien, dovun hätten dann erëm hir Studenten op alle Klassen eppes...; an iwwerhaupt soll dee ganze «Stage pédagogique» fir déi jonk Kollgegen, déi frësch vun der Uni erëmkommen a selwer Proff wëlle gin, emol e bësse geléft a strukturéiert gin. . .

A wat apaarti nei as: an deem ganz selektive Concours-Examen, deen een zënter enger halwer Dose Joër muss matmaachen — a sech ganz vir klasséieren — fir iwwerhaupt an de Stage eranzekommen, do soll elo och eng «épreuve» op Lëtzebuergesch ofgehale gin; vu wat fir enger Zort, dat bléif nach festzeleën.

Wéi mir dat dëslescht an eiser Proffekonferenz gewuer goufen, du hun — ech hat mer dat nët anescht erwaart — eng Rei Kollegen(-innen) «légèrement ricanéiert», an dat «eloten plutôt désapprouvéiert». Ech weess nët, ob et derwäert as, munneche vun hire Viruerteler, déi se leider Gottes an engem formidabele Kauderwelsch zem Beschte gin, wa si wëllen (dann as et tragesch!) oder wa se nët wëlle Lëtzebuergesch («onse Patois») schwätzen (an dann as et topeg!) nach eng

Kéier z'ernimmen — een Argument blouf jiddefalls an der Diskussioun: wëllt de Minister eng Protektiounsbarriär fir Lëtzebuerg abauen? Wëllt en och an engem verenegten Europa — 1993 — d'Kandidate vun Didendhewen, vun Arel oder vun Tréier (wou een. als Prof éischer manner verdéngt) zuelémisseg kleng halen, déi aner nët iwwerdubbere loossen...? Soll eis Sprooch déi Roll spillen, déi fréier d'Latäin emol hat?

Also: d'Lëtzebuergesch als Mëttel zu enger neier Zort vu Segregatioun oder Discriminatioun??

Dat muss ee ganz sécher nët esou extrem gesinn!

Wann en etlech Prämissen oder Konditiounen bei där Saach gëllen:

- déi Epreuven op Lëtzebuergesch am Concours müssen ee seriösen (litterareschen oder wëssenschaftlechen) Niveau hun;
- d'Kandidate solle mat Zäit informéiert gin;

— si sollen ewell am éischte Joër Uni (vläicht och ewell am Lycée) ee geneë Programm fir déi Epreuve kréien, mat eenzele Schwéierponkter ewéi: Evolutioun an eiser Sprooch; hir Geschicht, d'Triglossie-Situatioun vum Lëtzebuerg; d'sproochlech Aktualitéit zu Lëtzebuerg; déi sproochlech Kompetenz an déi sproochlech Performanz vun de Lëtzebuerg; d'Rappore vum Lëtzebuergesch mat denen anere Sproochen op der Aarbechtsplaz, an der Schoul, am Dagdeeglechen asw.;

— si solle wa méiglech ee Cours iwwer linguistesesch an/oder dialektologesch Problemer an eise Géigende belëen...

— si sollen d'Geleënheet hun, vläicht ewell um «Cours Universitaire» (fréier «Cours Supérieur») eng Wochestonn iwwer Lëtzebuurger Sprooch a Litteratur ze kréien — natüerlech vun engem kompetenten a fachlech beschloene Prof;

— a si misste mat Zäit gewuer gin, wéi déi Epreuve am Lëtzebuergeschen hanneno bewäert a berechent gët — a wat fir eng Kompensatioun eventuell spillt!

Dës Lëscht vu Konditiounen as a guer kengem Fall komplett. Si versteet sech jo och nëmmen als gedanklechen Ustouss zu enger Debatt, déi ménger Menong no scho laang fälleg as. Iwregens: elo wir nach Zäit fir se esou kontrovers an esou demokratesch (nët zevill gehässeg an nët zevill parteilechtakesch) ze féieren.

An iwregens: well jo am «Cycle supérieur» an eise Lycéen en Optiounscours «Lëtzebuergesch» virgesin as, kënnst dee jo och d'Fonktioun kréien, op déi spéider Epreuve am Concours (fir an de Stage eranzekommen) virzebereden; esou seréis wéi nëmme méiglech! Och do brauche mer e gudde Programm, nët datt een iwwer «Sport a Musek», deen aneren iwwer d'Sprangpräsioun an den drëtte vläicht zerguttst iwwer de Renert schwätzt...! Probéierches därer hei nët sin!

Et as och d'Léift zer Sprooch, déi vun engem verlaangt, datt een de Leit aus dem Ministère dat géif am léifsten hannert d'Ouere schreiwen!

An deem Sënn as och d'Propositoun vun der «Commissioun Nationale pour Programmes en Luxembourgeois» opzehuelen: do brauche mer e gutt Schoulbuch fir deen Optiounscours op IIIème oder op IIème (fir wat nach ëmmer nët op Ière?) — mat Texter an Analyse vu Fachleit. Ouni dat geet et nët, fäerten ech, soss géif et jo, wéi haut méng Septimaner soen: «Egal wat!».

A wie wëllt dat da schon???

GjpR

Danielle HOFFELT

Broust

fir méng Mamm

Kuck!

Kuck déng Mamm

wéi se d'Broust schneit.

Kuck!

Kuck wéi se d'Broust

widder sech dréckt

Kuck!

Si kuckt dech.

Mee du mierks dat

alles nët.

Du richs léiwer

d'Welt dobaussen

wéi de Geroch

vun de Gromperekichelcher

an du hues vergiess

wéi gär s du soss d'Grimmele

giess hues

wa si d'Broust geschnidden hat.

Kuck!

Kuck se dach,

si géif sech esou freën

Kuck!

Kuck déng Mamm

wann se d'Broust

widder sech dréckt

an dech kuckt.

Danielle HOFFEL

Gefaangen

Gefaangen a mâr selwer
 ugekett u méng Ängscht
 besiess vu ménger Onsécherheet
 geplot vun Erënnerungen
 sätzen ech do ze kräischen
 stin ech do ze fäerten
 waarden ech op ech weess nêt wat
 kucken ech op ech weess nêt ween
 Zevill Erwaardunge ploë mech
 zevill Hoffnunge maache mech onsécher
 zevill Enttäuschunge maa mer Ängscht
 zevill Egoïsmus hält mech gefaangen.

Fir wat

fir wat
 jäize se a méngem Kapp
 fir wat
 jäize se a méngem Häerz
 an néierens
 eng Äntwert
 fir wat
 froen ech mech
 fir wat
 kräischen ech
 well néierens kréien ech
 d'Äntwert

Al. Steinmetz

Fränz, den Douanier

(eng Geschicht, déi richteg geschitt as)



An engem klengen Duerf, no bäi der Our, war hie sationéiert. Hien hat och ee Familjennumm, mä deen hun déi meescht Leit nët kannt. De Fränz war eng bekannt Perséinlechkeet. Wann ee vum Fränz geschwat huet, da gouf domat nët de Roudeschfränz vun der Millen oder de Kounefränz aus dem Bistro gemengt, neen, et war Fränz, den Douanier. «En häerzengudde Man», hun d'Leit am Duerf gesot, an d'Liss aus der Gassel hat nach een aneren Ausdrock fir de Fränz, «et as e Stuel vun engem Mënsch.»

Fir jiddereen hat de Fränz e frëndlecht Wuert; owes huet e bäim Wiirt mat der Kaart gespilt, a sonndes war en den Hunn op der Kelebunn. War dat d'Ursach vu senger Beléifheet? Oder war et, well e gären en An zougedréckt huet, wann d'Leit mat Kierf an Täschen iwwert d'Bréck gaang sin. Dem Fränz huet näischt dru geleën, fir séng Nues dran ze stiechen. De Kontroller wollt et nët mam Fränz verdierwen, well si an der Zäit zesummen an der Kasäre gedéngt hatten.

Eng Kéier huet et geheescht: «Mir kréien en neie Kontroller!» D'Douanier-en, laanscht d'Our, hun d'Käpp zesummege Streckt a sech gefrot: «A wéi soll deen «Neien» dann ausfalen?» Eng Woch méi spéit huet de Pir vu Roudersse gemellt: «Mech huet en erwëscht, wéi ech op der Tournée an d'Zäitong gekuckt hun», an de Leo vu Stolzber huet sech gëiergert: «Mir huet deen «Neien» d'Lewitte gelies, wéi ech fënnef Minutten ze spéit an den Déngscht kom sin. Gleeft mer es, mat «Deem» as nët gutt Kiischten iessen.» Et huet sech séier rëmgeschwat, wéi deen neie Kontroller agestallt war. Hie koum aus dem Schreiffbüro aus der Stad a war streng mat de Gesetzer. A wann d'Douanier-en am Café bäience souzen an an d'Gespréich koumen, da gouf kee gutt Hoer un dem «Neie» gelooss. — «Ech loosse mech nët vum engem Unzécker kommandéieren», sot de Fränz «ech hun dresseg Joer laang éierlech mäin Déngscht gemaach, Deem wäerd ech schon de Baart maachen. . .» An dobäi huet e mat der Fauscht op den Dësch geschloen, datt d'Drëppeglieser vu Schreck zesummegefuer sin.

E puer Wochen duerno gong et dem Fränz dach eng Kéier et Strapp ze séier. Dat war am Héischsummer, wéi d'Bauern am Karschnatz waren. D'Sonn hat et extra gutt gemengt, an huet vum bloen Himmel rofgebrannt, datt d'Wasser am Floss vun Hétzt geziddert huet. De Fränz souz am Zollhaischen op der Bréck, an huet de Frellen nogekuckt, déi sech mat Schwonk aus dem Waasser gehäit hun a wéi eng selwereg Sträif rëm zrëckgefall sin. Zwou Auer. Kräizdäiwelnamol! Nach zwou Stonne bis ech ofgeléist gin! Et war schmeier, dem Fränz sin d'Ae kleng gin, a säi Kapp gouf ëmmer méi schwéier. Dobaussen as de Roudeschbauer laanscht gaang an huet heemlech an d'Douaniersshaische geluusst, wou de Fränz grad am Gaang war d'Schoungstréckele lasszeman.

«Do», sot hien, an huet d'Schong bis an den hëneschten Eck vum Haische gejummt. An dunn huet de Fränz alles vergiess: d'Gesetzer, den Déngscht, de Kontroller. . . a séng Schong. De Fränz huet de Kapp op den Dësch geluegt an en Tëmpche gehal. D'Douanierskap as him bis iwer d'Nues gerutscht, a gläich drop huet en ugefaang an Dur a Moll ze schnaarchen, iwverdeems d'Sonn sech an de blénkegen Uniformsknäpp gespigelt huet. E Liederwon, vollgeluede mat Gaarwen, as iwert d'Bréck gefuer, e puer Geessen hun am Hank gemeckert; de Fränz huet geschlof, säi meescht a säi bescht. De Roudeschbauer as heemgaang, de Fränz huet nach ëmmer geschlof. . .

Do — op eemol huet d'Dir vum Douaniershaische gekraacht; de Fränz as an d'héi Luucht gefuer, wéi wann eng Harespel hien an den Hëneschte gepickt hätt. — «Gudde Moien, Här Kontroller! Näischt Besonnesches am Déngscht!» — «Dat wëlle mer glenwen, 't as jo sténkeg warem heibannen. Kommt, loosst mir mol an d'frësch Loft gonen, dat deet Iech gutt.» De Fränz as hin an hier getrëppelt, huet u séngen Uniformsknäpp gefrëckelt, u séngen Halse gezun, an heemlech ënnert dem Dësch no sénge Laat-

sche gekroopt. Èmsoss! «Kommt Fränz, loosst Iech nët fléiwen!» — «Jo, Här Kontroller!» Op deen dënne Strëmp as de Fränz nieft dem Kontroller getrëppelt. En huet op d'Zänn gebass vu Péng, wann e Kiselsteen sech tëschent d'Zéiwe geklemmt huet. De Kontroller duerft op kee Fall mierken, datt e séng Schong ausgedoen hat. Dat war e schlëmme Verstouss géint d'Déngschtuerdnong, an eng Meldong un d'Direktioun wir fälleg gewiest. Wat hat de Kontroller nëmme wëlles. De Beamte Komplimenter ze maachen a mat hinnen e Stéckwees ze goen, dat war nët séng Manéier.

Op eemol huet de Fränz gemierkt, datt de Kontroller op e Stoppelfeld zougaangen as. «Nee, nimools, dat kann ech nët aushalen», duecht de Fränz. Séng Strëmp ware voll Lächer, a séng Féiss hu verdäiwelt wéi gedoen. Nee, iwert d'Stoppelen ze goen, dat wir mäin Doud! — De Kontroller as ganz stur virugaang, huet vum Karschnatz geschwat, vun de Frelllen, a vun dene gudde Leit am Duerf. . . De Fränz hätt jäize kënne vu lauter Péng, wéi déi spatz Hällem séng Féiss gekëddelt hun. Dem Roudeschbauer séng Mied a Kniecht hun denen zwéin Douanier-e ganz verwonnert nogekuckt; si hu sech gerullt vu Laachen, wéi de Fränz sech wéi en Zirkusbier beholl huet, deen op deen hëneschte Patten duerch d'Zirkuspist geet. De Kontroller huet nët emgekuckt, an hien huet déi fürchterlech Grimassen nët gesinn, déi de Fränz an engem Stéck geschnidden huet.

Et war eng Éiwegkeet, bis se zrëck op d'Strooss koumen. De Fränz huet séng Féiss bekuckt, si hate giel a blo Flecken an all puer Meter huet d'Blutt séng Spuren hannerlooss. . . Bei der Bréck huet de Kontroller dem Fränz d'Hand gedréckt: «Sou, Fränz, dat war eng kleng Ofwiesslong, elo wäerd Iech d'Loscht vergaange sin, fir am Déngscht ze schlofen. . .» De Fränz huet kee Wuert gesot, et war, wéi wann en eng mat der Broutschéiss kritt hätt. Mä deen aneren Dag war d'Géigend voll vum Fränz séngem Kräizwee. . .

Gil Mandy

Déi kleng Hex Finnchen

Et wor an där Zäit wou et nach vill méi Hexe gi sin ewéi haut. Du wor ënnert hinnen och eng kleng Hex an déi huet Finnche geheesch. D'Finnche wollt pãrfors och eng grouss, ellen a grãisslech Hex gin. Mã wann een et sou bekuckt huet, da konnt een sech mam beschte Wëllen dat ower nët virstellen. Hatt huet ower och guer, guer nët bei déi aner Hexen an Hexekanner gepasst. Déi Al hun all Kéier mat de Käpp gewackelt, wann se d'Finnchen nëmme gesinn hun, an si hun sech wéinegsten siwemol am Dag gefrot: «A wéi koume mir un dat do?» Mã wann si och siwemol hannerteneen d'Kräiz vun ennen no uewe geschloen an dobãi siwemol «Satanas aus der Hällegaass, schëtt äis Hällepiff an d'Faass!» geflucht oder déi komplizierter Zauberspréich genurelt hun, si koume fir d'Baschten nët derhannert. Eent stoung fest: eng vun hinnen huet dach missten eng Kéier friem gaange sin. Mã wat fir eng, a wou a mat wem? — Mã déi huet sech schwéier gehitt fir eppes verlauden ze loos-sen, an si huet (heemlech) nach siwemol méi grãisslech geflucht an nach méi schrecklech Zauberspréich opgesot, fir datt nãischt sollt erauskommen. Well soss hätten déi aner si a Stécker gerappt. Si wor nãmlech eng Kéier an der Fuesent. . . , neen, ech dãerf dat och haut nach nët verroden.

Et sief dann. Abee, d'Finnche wor e bildschéint Meedchen. Et hat laang seideg blond Hoër, Guckelcher esou blo wéi den Himmel am Fréijor, et hat eng grued Nieschen, eng Haut esou zaart wéi eng Piisch, an Zãnn esou wãiss ewéi Parzelãin. Et hat keng Speechelen, keng enzel Waarzel, kee Bockel a kee kromme Fouss. Déi aner haten all esou rau a raschteg Stëmme, mã séng wor esou hell wéi déi vun engem Kanarienvillchen. Déi

aner konnten esou knaschteg, dreckeg, rukkelzeg laachen, mã bei him gouf et nëmme e Gekickels oder e Lache wéi wann d'Klãkelcher vun enger Kapell géife lauden. Je, kuerz gesot, et wor eent fir dran ze bãissen an ower och glat den honnertprozentege Kontrãr vun enger Hex.

Mã dat wier jo alles nach nãischt gewiescht. Wann Finnchen nët esou e verbruete Kapp an en onmëigleche Charakter gehat hãtt! An der Hexeschoul krut et weider nãischt ewéi Datz. Well et huet sech géekelt virun de Spannen, de Fleeschmëcken, de Mais an de Raten an all deem aneren Ongeziwwer. Et huet sech geschuddert virun de Mais-, Raten-, Kueben-, Kazen- an aner Drecker, a besonnesch virun dem Piff. Et huet déi schwarz Kueben an déi struppeg Kuedere gefaart. Je, et konnt alles dat nët leiden, wat fir déi aner Hexekanner de grãisste Genoss wor a wat si am léifsten haten. Och mam Auswenneg- léiere vun den Zauberspréich gong et einfach nët. Entweder huet et se hannevir opgesot oder duercherneen, sou datt se kee Sënn méi haten oder datt jhust de Kontrãr derbãi erauskoum. Mam Fluche gong et nach vill méi schlëmm. All déi aner kleng Hexe woussten déi allerlãngsten a rukkelzegste Flich op de Fangeren auswenneg, bal esou gutt wéi déi Al. Heiandsdo hun se esouguer neier erfond. Beim Finnche gouf et dorausser ëmmer esou eppes wéi eng Allhellegelitanei oder eppes ganz Verkéiertes. Wann hatt deen allereinfachste Fluch sollt opsoen: «Satanas géint Gott bei äis!», huet d'Finnche geruff: «Gott bei äis géint Satan-as!»

Dir kënnt iech virstellen wéi déi aarmen al Hexejoffer da geroost a gejëimert huet a wéi déi aner Hexeschoukanner de Spunnes

oder de Spott an de Geck mat him gemat hun. Voller Verzweiwelung huet d'Hexejoffer dann déi laang gouereg Fangeren iwwert dem Kapp zesummegeeschloen an nees e puer vun dene schappege kazgroe Fliichten ausgerappt déi se nach hat a gejaut: «O du Himmelkräizdäiwel domm Zatzelouder vun engem verbaascherte Finnchen! Mir sin hei an der Hexeschoul an nët an enger himmelkräizdäiwel verdaamter Pafeschoul! Himmeldonnergeesseboun!» (Elo huet dir jo och selwer scho gemiirkt wat fir e schlecht Beispill d'Finnche fir déi aner Hexeschoulkanner wor, well déi al gescheit Hexejoffer selwer elo schon zweemol an der Roserei «himmelkräiz» gesot hat amplaz «hällegreef» an esou weider.) Et muss een éierlech zouginn, datt si mam Finnche ganz vill gehäit wor. Jo, an dat huet da bluddeg Tréine gekrasch, wann et esou vernannt gouf, well hatt wollt jo mat aller Gewalt och eng ellen, al, béis an abgaschteg Hex gin.

Am prakteschen Unterricht wor et keng Fatz anescht. Amplaz eng Schossel kloort Waassser a gudde sténkege Piff ze verzaubern, huet dat miserabelt Finnchen aus dem schéine Piff einfacht proppert Krunnewaasser gemat. Amplaz eng Kréibänk op d'Kopp ze geheien, stounge bei him d'Kréi, d'Schossele, d'Telleren an d'Tase méi schéin an exakt a Rei a Glidd wéi virdrun. Amplaz de Kéi d'Audere mat Hexefett anzereiwen fir datt se keng Mëllech méi géifen, huet hatt sech am Gëfteschaf vergraff an eng Zaubersalleg erwëscht. A muerges sin dem Bauer d'Emere bal iwwergelaf vu Mëllech an déi wor esou séiss an esou déck wéi gelleche Schmant. — Wann d'Finnchen am Schoulhaff sollt léieren um Biesem ze reiden, da koum et fir d'Baschten nët an d'Luucht, mä hannerno wor den Haff esou propper gekiirt, datt een esouguer mat der Lupp kee Stëbskäerche méi fond hätt. D'Hexejoffer huet sech da voller Roserei um Buedem gewänzelt a Kreesch gedun ewéi e Bëschiesel. Si wollt sech Äschen a Sand iwwert de Kapp streën, mä et wor näischt méi esou eppes do. Wat fir eng Plo fir deen Haff nees schéi

knaschteg ze kréien! Pouten, Datzzen, Pensummen a Retenüen hun näischt gedéngt. Well d'Joffer ower gesinn huet wivill Méi d'Finnchen sech gin huet fir dach nach enges Daags eng richtig Hex ze gin, huet si et nët aus der Schoul geschäst an si sot: «Wie weess? Et geschéien alt nach Wonner.» (Jo, dir huet richtig gelies, si sot «Wonner.») Mä ee gudden Dag hat d'Finnchen ower eng gesticht fir déi et bal exdiaboliséiert gi wir, déi allerguerst Strof déi et ka gin. Duerch séng Schold gouf et eng international Komplikatioun. An dat koum esou: An engem Nopeschland (ech soen nët a wat fir engem), wollten denen hir Hexen en neit Hexenhaus opriichten fir domadder kleng Kënnercher ze lackelen, well dat aalt wor mat der Zäit vun deem ville Gerapps baufälleg gin an de Mielwuurm wor dran. Duerfir haten déi vun deër Säit all Nopeschhexen em Hëllef geruff. Eis Hexen haten aerdeg geschafft, graf, gebaakt, gekacht a gebracht, an si haten e ganze Waggong voll zesumme kritt mat Liefkuch, Biskuitten, Marzipan, Schockela, Déck-, Hiesel-, Mandel- an Afenëss, Mokuch, Lakritzen, Zockerspeck, Knätschgummi, séiss a sauer Kamellen, Miel-, Puder-, Kristall- a Stéckerzocker, Eër a Salz, Botter a Schmalz, Safron, Mëllech a Miel, je, mat elauter ville gudde Saachen, déi de Kënnercher gutt schmaachen. E ganze Waggong voll! Mä en anere Waggong haten déi niderträchteg Hexe strubbevoll geluede mat Rudden, Biirkereiser a Knëppelen. Deen haten se fir de gudde Kleesche bestëmmt. Deem wollten si eng stiichten. Well d'Finnche bei wäitem déi schéinst Schrëft hat, huet hatt dierfen d'Adresse schreiwen an d'Pabereien ausfelle fir d'Douane, de Frachtbrëif fir d'Eisebunn an esou weider. A sénger Oprengong fir alles gutt ze maachen, huet d'Finnchen, wéi hätt et och kënnen anescht sin, d'Nummeroe vun de Waggonge verwiesselt: déi gutt Schnekererie krut de Kleeschen, an d'Hexen, aus dem Nopeschland kruten d'Rudden. (Wat wor dat eng Freed an elauter am Himmel, an eng Roserei op där anerer Säit! Et huet een nuets hiirt Gejäiz héieren an hiirt Gebirels bis eriwwer.)

Den Heng vun Néngsen

Am Doloun bei dem Millebauer
zu Esch-am-Lach, direkt laanscht d'Sauer,
stoung zënter éiweg Bitschter Heng.
D'Gesennesch, dat wor hien eleng.

Hie mousst duerfir och alles kennen,
säi Räich wor wiirklech allenennen
A koum op Bitscht hien owes heem
hat hien am Kapp nach muench Problem.

Sou sot de Meeschter d'lescht nom lessen:
«Nu séier heem. An nët vergiessen
fir muer mat Zäiten opzeston.
Mir musse jo op Néngse gon.»

«'t as gutt, ech wäerd de Wecker riichten
an opstou, wann nach d'Stäre liichten!»
riff drop den Heng. «Eng schéi gutt Nuecht,
doheem gët sech da gläich geluegt!»

Mee d'Stäre si scho laang verschwonnen
an d'Sonn regéiert zënter Stonnen.
Keen Heng as ower wäit a breet.
Da's eppes wat kee Mënsch versteet.

Do endlech kënnt hien ugestiwelt!
En as nët voll an nët beniwelt.
«Mee Heng, wou woors de dann sou laang?
Et gouf äis schon e bësse baang.»

De Bauer freet sou ongedëlleg.
Den Heng, hie weess sech guer nët schëlleg,
«Ech héi'ren lech nach däitlech son:
'Mir musse muer op Néngse gon'.

Ech wor sou fréi schon aus de Plaumen
a wollt mech nët nach weider saumen.
Ech sot mir duerfir: «Waart nët laang'
a sin direkt op Néngse gaang!»

Den Heng wor gaange fir ze goen,
mee ouni no dem Sënn ze froen.
Sou as dee gudde Rot entstan:
Nët wéi den Heng vun Néngse man!

R.L.

Eng onheemlech Geschicht !

De Jhemp, deen huet mol de Virwëtz gestëppelt,
duerfir as hien nuets op de Kiirfecht getrëppelt.
Um Kiirfecht, sou duecht hien, do fënt een nach Rou,
zemol an der Nuecht as et stëll souwisou.

Sou taascht hien sech daper mam Bengel duerch d'Reien,
friet d'Schrëft op de Steng, wien do drënner kënnt leien,
as frou datt vun him nach kee Wiirtchen do steet
a geet 'rëm op d'Paart lass, sou séier et geet.

Mee wie geet am Däischtren do nieft him mat virun,
Wie kënnt wéi e Schiet lo mat him bäi der Dir un?
Gespenscht oder Geescht? Mee dat gët et jo nët!
Ze plomp an ze schwéier sin heifir och d'Schrëtt.

De Jhemp riskéiert e Bléck iwer d'Schëller.
Dat as, méngerwärege, schlout-wäiss wéi e Mëller,
e schéint ausgewuessen a kräftegt Skelett.
Wéi Phosphor séng Schanken, keng Grimmel vu Fett!


An ënner dem Aarm huet et eppes gedroen:
E Grafkräiz, aus Mënsbécher Marber geschloen!
Dodrop dann en Numm nach, a gëllener Schrëft.
Dem Jhemp steet de Mond op. Da seet en: krëdjëft!

Et as jo bestëmmt scho ganz aussergewéinlech
datt Doudeger opstin. Mee dann nach perséinlech
den egene Grafsteen, bäi séngem Gewiicht,
mat virun ze schlefen, dat as dach nët liicht!

«Recht hues De», seet duerop de fréiere Pätter,
«mee 't as nu mol sou bäi äis aarme Skeletter.
An dëser sou streng bürokratescher Zäit
do kënnt een dach ouni en Auswäis nët wäit!»

R.L. 16.9.89

Raymond Schaack



Dir wësst alleguer, datt et Leit gët, déi engem op den éischte Bléck sympatesch sin, an anerer, déi een och nach nom honnertsten nët ka gesin. Dat kann un dausenderlee Klengegkete leien, well de Mënsch as eppes faméis Komplizéiertes. Fir wat fënt de Jhàngi d'Gréitche schéin an d'Kätti ellen? A fir wat as de Pir an dat do verléift, a géif dat hei nët emol fir Schwéiermamm wëllen? All Déppche muss nun emol säin Deckelche fannen, an dat as och gutt esou.

Ma datt ee fir dat eent schwäremt, an nët fir deen aneren, muss dach awer eng bestëmmt Ursach hun. As et de Charakter, sin et déi méi oder wéiniger déck Been, sin et déi rout, déi lang oder déi krauseleg Hoër?

Oder as et zu gudder Lescht vläicht och d'Nues?

Huet der emol schon ärer Nopesch oder ärem Geeniwwer säi Gesiicht ganz genee ënert d'Lupp geholl? Dann as iech bestëmmet opgefall, dat an all dene Fiseminnen eppes ëmmer an der Métt steet, do, wou een et nët kann iwwersinn: An dat as d'Nues. Si steet, läit, sëtzt oder hängkt matten am Gesiicht, ëmgi wéi eng Kinnegin vun allerlee wéiniger wichtegen Herrschaften. Si as ewéi d'Sonn am Planéitesystem: Alles dréit sech ëm si. Si steet do, wéi déi mëttelst Keel am Spill: Wann alles no alle Säiten hi fällt, bleift si stoen.

Mat der Zäit kritt d'Stir gräisslech Falen, déi hir Fouen ëmmer méi déif zéien. D'Bake falen entweder zesummen wéi Deeg, oder gin op wéi de Bauch vun enger futtisser Kou, déi an der Sonn verfault. Mierkt der, wéi de Kënn eroffällt, wéi eng futtis Rollued, a sech derbäi verduebelt, verdräifacht an nach méi? Eleng d'Nues bleift riicht do stoen, ouni eng eenzeg Fal an ouni ongesonden a watschelege Speck. Jhust bei den Doudege wiirkt se apaart spatz, ma dat as nëmme well de ganze Rescht vum Gesiicht definitiv zesummegefall as, sou wéi eng mëttelalterlech Buerg, vun deër eleng nach e Kamäin do steet.

Der gesitt, d'Nues as schon eppes Extraës, an et kann ee se nët ouni Weideres mam Rescht vum Gesiicht zesummen an een Dëppe puchen. Si mécht d'Perséinlechkeet aus vun deem, deem si gehéiert, oder méi genee gesot, vun deem, deen hir gehéiert. Iwregens, kënt dir iech eng Nues ouni Mësch virstellen? Dat geet vläicht bei der Sphinx. Do läit d'Nues eleng a gutt versuergt zu London, a léisst sech vun den Turlisten am Musée bëafen. Iwwerdeems zerbréckelt de Rescht vum Béischt am Wüstesand. Wéi wir et awer mat engem Mësch ouni Nues? Stellt iech vir, do wir matten am Gesicht e Lach, oder einfach nëmme flaach Haut. Et as nët drun ze denken.

Ma eng Nues an eng Nues as nach laang nët dat selwecht. Ech géif soen, wann ee ganz genee wir, géifen et op der Welt esou vill verschidden Nuesen ewéi Mënschen. Ma grad ewéi d'Mënschen, kann een d'Nuesen a verschidde Kategorien andelen.

Iergend eppes hun d'Nuese fir d'éischt emol mat der Hautfaarf ze din. Wann ech soen: «En huet eng Neger Nues», sot gesäit jiddeeren ongeféier dat selwecht Bild viru sech. Am Gewéinlechen as esou eng Nues breet an zimlech platt. Et denkt een un déi grouss Boxernuesen, wéi déi vum Joe Louis, vum Cassius Clay a vum Mike Tyson. Dat sin Nuesen, déi nëmme aus Fleesch bestin, ouni dee klengsten Dibbelche Schank, an déi sech an all véier Himmelsrichtungen dréie

loossen, ouni datt et hirem Proprietär eppes géing ausmaachen. Et kann een och ouni Weideres mat der Fauscht drop schloen. Si bludden zwar e bësschen, ma en definitive Schued kréie se nët derbäi. Si sin zéi wéi Büffellieder, breet wéi en Elefantefouss, an onkomplizéiert am Gebrauch wéi eng Schwéiermammszong (ech schwätze vum Stack, deen esou heescht).

Allerdéngs entsprécht dëst Bild vun enger Neger Nues nach laang nët ëmmer der Wirklechkeet, well et an Afrika vill Dausende vu Leit gët, déi schmuelt a riicht Nuesen hun. Ma wat wëllt der hun, et sin nun emol esou Biller, déi een am Kapp huet.

Genee d'selwecht as et mat den Indianer. Eng Indianer Nues wéi aus dem Billerbuch, muss ëmmer ausgesin, wéi de Schniewel vun engem Adler: staark gebéit, schaarf wéi e frëschgeschlaffent Messer, an esou reng wéi deem allerbeschte Juegdhond séng. E richtegen Indianer muss e Bleechgesicht schon op honnert Meter géint de Wand richen. As dat awer wirklech esou? Ech mengen nët, well och deen zéisten Indianer kann emol e ferme Schnapp kréien, oder och mat enger klenger, breder Nues op d'Welt kommen.

Wéi as et elo mat de Chinesen? Wat as «déi» chinesesch Nues? Nun, ech mengen, si wir kleng, reng, ouni Bockel, zimlech mëll, an esou gebaut, datt se sech bei déckem Reen méi wuel ënnert engem Prabbeli fillt wéi an der fräier Loft. As dat alles richtig? Fir dat gewuer ze gin, hut der am Beschten a China ze fueren, an do all Chines op d'Nues ze kucken.

Wat d'wäiss Rass ubetrëfft, fanne mir jo, mir hätten déi schéinsten Nuese vun der Welt, an och déi gréisste Wiel u Modellen. E Chines wir domat bestëmmt nët d'accord, well fir si waren déi europäesch «laang Nuesen» eppes besonnesch Gräisslech.

Trotz de Chines sin ech awer de Meinung, datt et op der Welt keng méi interessant Nuese gët, wéi déi vun eise léiwe Matbiirger. Well fir Neger-, Indianer- a Chinesen Nuesen ze fannen, braucht der nët a friem Länner ze

fueren. Déi alleguer fant der an der Grousgaass. Kuckt iech eis stolz Lëtzeburger dach emol genee un. Vun der breder, watscheleger a matscheleger Bomisnues, iwwert de Geier- an Adlerschniewel, deen och de schäerfste Wand um Nordpol nach géingschneiden, bis op déi aartlegste Stupsnues, all Zorten a Modelle si vertratt.

Et as jhust eppes Apaartes derbäi: Déi kleng Kanner, hun alleguer esou eng léif, kleng Niesercher, datt ee Loscht hätt, dran ze bäissen. Si kucken esou onschëlleg an eis béis an hannerlëschtteg Welt, datt ee richtig Aangscht fir si kritt. A wa se eréischt néitschen! Et as zevill léif. Ma kuckt iech déi selwecht Nuesen emol zwanzeg Joër méi spéit un! Der sid erféiert, ma berouegt. Erféiert, well déi Niesercher dacks zu ongehüwvellen an ongemällechen Troteren a Susaphonen erugewuess sin, déi, wa se bis un d'Néitsche kommen, déi Doudeg erwächen, an Elefante wéi Stréihällem duerch d'Loft blösen. Berouegt awer och, well der gesitt, datt déi Rüsselen, déi fir si esou geféierlech Onschold laang scho verluer hun, a sech am Liewe bestëmmt duerchsetze wäerden. Jo, d'Onschold as eppes wat op dëser Welt nët laang unhält, an dat as dann och emol guer nët esou schlecht.

Vergläicht der d'Puppelchesnues mat dene vun de Kanner an de jonke Leit ënner zwanzeg, da kënnt der mam Darwin är eegen Evolutionstheori opstellen. Der gesitt, wéi aus enger klitzeg-klenger Onscholdsnues, eng virwëtzeg Klengmederchesnues oder eng frech Bouwennues voller kénger oder impertinenter Speechele gët. A kuckt der weider da bedauert der vläicht deen een oder anere jonke Kârel, deem et grad esou geet, wéi mir an der Zäit. Ma erlaabt mer, e puer Wuert doriwwer ze soen.

Als Bouf hat ech eng Nues, déi ech ëmmer schéi fond hun. Si war nët ze déck an nët ze dënn, si war schéi riicht, jee, si hat déi Moossen, déi bei den ale Griichen als de «gëldene Schnëtt» bekannt a geschat waren. Mat dëer Nues do, wir ech mä ganz Liewe laang gâr

zefridde gewiescht. Ma eiser Herrgott, der Däiwel oder och vläicht einfach nëmme d'Ierfschaaft vu ménge Grouss- an Urgrousselteren, hu mer dat Bild vun enger Nues nëmme eng Dose Joëre gegénnt. Op eemol huet dat dommt Stéck nâmelech ugefaang uewen eriwwer ze schwellen. Et war wéi deemools, wou d'Alpen an den Himalaya sech lues a lues aus der Äerdkuuscht erausgewullt hun. A wiirklech, no en etlech Zäit, hat ech matten am Gesiicht eng Kräizung téschent dem Mont Blanc an dem Mount Everest stoen. Ma och un der Basis huet sech Mueneches verännert. Do as d'Louder ausenaner gelaf, wéi Deeg an deen een nët genuch Miel gedïn huet. Fir d'Bëtschel fett ze maachen, as zu gudder Lescht, de Bierg zum Vulkan gin. Aus der Mass, as hei an do e Krater eraus gewuess. Fir d'éischt gouf d'Haut rout a blénkeg. Dann huet se sech bombéiert, huet geliicht wéi eng Lanter, an as dann ausernee gebascht. De Matéisser war geplatzt, an huet op éiweg Zäiten e gräissleche Krater hannerlooss. Ech war rosen ewei eng Spann, an hu mech an den Äerdbuedem era geschummt, ma et war nâischt drun ze änneren: Méng schéi griiches Nues war definitiv ätta, a fir de Rescht vu méngem Liewe muss ech mech mat enger Kräizung téschent Walfëschréck, Geierschniewel an Elefantefouss erëm ploen.

Mäin eenzegen Troust as, datt och nach aner Matbiirger nët grad verwinnt goufe mat hiren Nuesen, an datt a Wiirklechkeet och d'Kleopatra, trotz hirer griichescher Ofstammung nët grad déi schéinst Nues hat.

Ma wa mer vu wiirklech grailechen Nuese schwätzen, da wéisst ech gâr, ob der schon emol zu Florenz an der «Galleria degli Uffizi» waart? Do hänken nämlech déi zwou uergsten Nuesen déi ech kennen. Déi eng gehéiert engem anonyme Bopi, deen de Ghirlandaio mat séngem Enkelkand gemoolt huet. Déi aner as dem Federico de Montefeltre, Herzog vun Urbino séng, an et as de Pietro della Francesca, dee se onstierflech gemaach huet. Béid Nuese si wéi gesot, vereeschterlech ellen, ma grad si sin et, déi

eppes iwwert de ganze Mënsch aussoen. Dem Bopi séng Rommels- oder Gromperennues kuckt mat esou vill Léift op dat Këndchen, datt een zu gudder Lescht vergësst, wéi onméiglech déck a knobbeleg se as. Dem Federico séng awer, as esou kéng gebéit, kuckt esou krigeresch an d'Welt, datt ee versteet, fir wat dee Mann e grouse Politiker war, dee séng kleng Hemechtsstad zu enger vun dene bedeitendste Stied vun Italie gemaach huet.


Esou kann eng Nues, sou schro se sech och ugesäit, e Mënsch dach sympatesch maachen.

Esou wäit esou gutt iwwert d'Form vun den Nuesen. Et bleift eis awer e leschte Ponkt ze beschwätzen, an dat as deen, vum Ënnerscheid tëschent enger plakeger an enger ugedongter Nues. Dir mengt, all Nuese wire plakeg? Do iirt der iech. Nieft denen Dausenden an Dausende vun Nuesen, déi effektiv bei all Wieder plakeg duerch d'Gaasse lafen, gët et der awer och, déi sech an der mokelegster Stuff nët ausdin oder vläicht grad do sech eréischt undin. Wéi as dat ze verstoen? Ma ganz einfach, déi Nuesen hu vu mueres bis owes, oder din nëmnen doheem. . . e Brëll op.

Mat dësem Brëll awer, ënnerschede si sech nët nëmme vun dene plakegen Nuesen, si ënnerschede sech doduerch och nach ënnert

eneen. Jo, muench eng fënt op dës Manéier eréischt hir richtig Perséinlechkeet. Natürllech verdroe se esou e Kledongsstéck nët eng esou gutt ewéi déi aner. Zevill kleng Nuese brieche liicht ënner der Laascht vun dëser Maschin zesummen. Anerer, déi sou ganz schéi riicht sin, sin och nët derfir gemaach. Op hinne fillt de Brëll sech wéi op enger Rutschbunn. Knaps sëtzt en uewen drop, läit en och schon nees hallef donidden, an d'Aen hätten néideg, wéi déi vun de Kriibsen, him op Stiller nozerëtschen. Fir e Brëll mat der néideger Eleganz ze droen, brauch eng Nues nun eemol e klenge Bokkel. Ouni deen, fillt och deen deierste Brëll sech drop nët ganz doheem, a wëllt ëmmer nees fortlafen.

Huet de Brëll awer déi Nues fond, déi zu him passt, da geet en nët nëmme mat hir duerchDéck an Dënn, ma da kann et sin, datt si een deen aneren eréischt richtig schéi maachen. Dir wësst jo wéi et as: Dat schéinst Meedchen, dat sech nët erauszefize weess, huet nët de Succès op deen et sech kënnt erwaarden. Genee d'selwecht as et mat de Luussmaschinnen. Si kënnen och déi grujhelegst Nues passabel maachen. Kuckt emol gutt, a wann der mech gesitt, da verstitt der, wat ech mengen. Oder fir wat hätt ech wuel soss esou eng Miggenick op ménger Nues sëtzen?



Harold

Grouss a kleng Honn

(oder (vläicht) eist
Ländchen an der E.G.)

E grouse, schwéire Wollefshond,
wéi een der heinsdo fënt,
deen hat e klengen Dackelche fond
als säin allerbeschte Frënd

Si hun zesumme gerolz, gespillt,
Schanken a Chapi gedeelt,
si hun zu zwee am Kouer gebillt.
Et huet hinne glat näischt gefeelt.

Héi, wéi s'een Dag gerannt durch d'Gewan
do stong e Mast bei der Strooss.
Well s'allenzwee hir Nout musse man,
Hun s'et lafe gelooss.

Do bei dem héijen Tëléfonsmast,
do as den Ongléck geschitt:
de Wollefshond huet nët opgepasst,
an den Dackel krut séng Britt.

Hie rëselt sech, dass en dréche gët
an 't héiert ee lues e son:

«E Klenge soll dach beileiwen nët
mat groussen Honn pisse gon.»

Nic Angel

Den Hues am Schnéi

Dobaussen hault de Wand a jeet,
e roost ëm d'Luede, rappt um Daach.
Wäiss huet de Schnéi sech ausgebreet,
mar schläichen d'Kanner op der Baach.

Wéi as den Huesepapp geplot!
Hie fënt kee Kabes a kee Kléi.
A séngem groussen Huesestot
weess hie vu Rau kee Rot sech méi.

E jappelt iwer Schnéi an Äis
an dreemt vu Rommle, Sonn a Freed. . .
Wann s du hien ees esou gesäis,
jo hien nët uechter Feld a Weed.

De Kabes as nees gutt gewuess,
loss dach en Heed am Gäertchen ston.
Vläicht hëlleft dir e fetten Hues,
wann et dir eemol schlecht sollt gon.

Jeanine Theis-Kauth

D'Nopesch an ech

Schlappt mat zerfatzte Boxeseem
deen Eelsten aus der Disco heem,
hëlt d'Duechter sech am Auto Zäit,
fir hirem Frënd awar ze son,
moolt op der Strooss schéi grouss
mat Kräid,
dee Jéngsten aus dem Lexikon – –
sid sécher, datt si et gesäit,
well d'Nopesch huet soss näischt ze don,
wéi Dag an Nuecht op Wuecht ze ston,
datt nëmmen näischt hir soll entgon.

Ma komme Leit mat enger Lëscht
an soen, 't wir fir Caritas,
or rabbelt d'Suekëscht,
wann d'Musek mueres an der Gaass
den Hämmlsmarsch fir d'Kiirmes spillt,
a jiddfer Hond wéi rose billt – –
da lackelt näischt se virun d'Dir.

Ech wisst sou gäre, wéi dat wir!
Karsamschdes – war et grad esou!
Do hun déi waakreg Klibberjongen
ëmsoss bei hir, schéin haart a frou
fir d'Suen a fir d'Är gesongen.

Ech din en Eed, si war doheem!
Sou féiert kee mech op de Leem.
Et weess en dach genee Bescheed,
wat d'Nopesch mécht, a wuer se geet.

Jeanine Theis-Kauth

Kannerzäit

De Jules, de Bopa
de Kapp mat TIDE gewäsch
SCOTCH Pechpobeier ëm de Fanger
gewéckelt wann en sech geschnidden hat
d'falsch Zänn éiweg am Nuetsdësch leien
d'Gesicht bluddeg nom Baartmaachen
en Nuessnappech wéi e Kichenduch
héich schwaarz Schong mat Krämp, ëmmer
zwei Nummeroen ze grouss
Vakanz? – nom Eessen eng Stonn
gerascht, héchstens.
vum Zinnklos en Anthrazitgilli
«deen ale war nach gutt: spare in der Zeit,
dann hast du in der Not»
en as praffen an de Gaart
d'Schlappen niddergetrëppelt
ni bei den Dokter, mol bei d'Krëienaans
(pédicure), wann et guer nët méi gung
all sonndes an d'Mass.
all Joër an d'Oktav.
«ech hale wuel jo»
«krënonzéng am Schaf»
mat den Hinger an d'Bett.

Pierre Posing

Pierre Posing

De Jules, de Bopa

Dat muss ech Eech awer elo erzielen: e muss deen Owend méi midd wéi d'Hénger gewiescht sin.

Mir haten eng Epicerie, an de Bopa war ëmmer den éischten op. Dann huet en alt ewell d'Uebst an d'Geméis virun d'Dir gesat. Dat war alles op Wenercher, déi ee konnt zu der Butteksdir rausrullen, Stellagen op Rieder. Dat huet de Bopa ëmmer moies gemaach. Owe huet een aner d'Wenercher rëm ragerullt, well et ze schwéier war an och scho spéit fir de Bopa.

Hien as ëm halwer siwen opgestan, mee owes war en awer och méi fréi un. Ëm sechs Auer huet e Kaffi gedronk, d'Knaus huet en an de Kaffi geluegt, fir ze weechen, an dann as en nach an d'Buedzëmmer an op de Büro (Toilette) geschluppt, an da loug en esou véirel vir siwen, siwen Auer.

Mir hun esou ëm halwer aacht de Buttek zougemaakt. Mir waren deen Owend och

méi fréi un, fir zur Zäit an eng Sechswochemass ze kommen, vun engem Kënnegen. Mam Geschäft as een néirens hikomm.

Et war eppes op aacht wéi mer aus der Mass koumen. Datt ech méng Mamm kennen, huet si nach ni sou gelaacht wéi deen Owend, mat sou engem genëssleche Schallek rondrëm d'Aen. Si hätt bestëmmt gär heemlech gelaacht, aus Respeck virum Schwéierpapp séngem Alter (si huet en ëmmer gediirzt), mee si war explodéiert.

De Bopa, a vollem Eescht, flichbewosst, an der Menong 't wir deen aneren Dag, moies, huet d'Uebst an d'Geméis virun d'Dir gerullt.

An Zäit vun ongefëier zwou Stonnen hat de Jules sech ausgedo, ugedo, zweemol gewäsch, an zweemol Kaffi gedronk.

De Bopa, deen ëmmer mat den Hénger schlofe gaang as, hat sech deen Owend virun den Héngera a - «virum» Wecker getässelt.

«Fäi Leit somme sech ni ze laang», sot de Misch, «du muss nët onbedéngt den Nuetsprogramm op der Tëlevisioun aschalten, fir datt si sech hiewen».

R.K.

E Schrëfsteller dee sech eescht hëlt soll sech un dese Prinzip halen:

*Probéier esou ze schreiwen,
datt déng Sprooch,
deen aner d'Sprooch verschléit.*

Tom Thies

Erënnerungen un d'Vakanz bei de Grousselteren II.



Eise Frënd Issi

Den Issi wor am Duerf, an deem méng Grousseltere gewunnt haten, eppes wéi en Duerfgeck, zu deër Zäit, vun där ech hei verzielen, ongeféier drësseg Joër al, geeschteg e bësschen ënnererñiert, ouni awer béisaarteg ze sin.

Wat dem Issi u geeschteger Kraaft gefeelt huet, huet e mat kierperlecher erëm ausgeglach. Jiddereen, op Bauer oder Handwierker, deen eng Aarbecht ze maachen hat, déi en nët eleng maache konnt oder wollt, huet den Issi komme gelooss, dien dann, fir eng Moolzecht an e Glas Limonad alles gemaach huet, wat kee Mënsch kujenériert oder vun der Aarbecht ofbruet huet, obschons en e gudden Aarbechter wor. Et as awer och virkoum, datt den Issi bäi engem Bauer e gutt lessen erageschlou huet, fir duerno d'Aarbecht ze vergiessen. Drolegerweis wor awer kees een dem Issi lang béis.

Och mär Bouwe wore mam Issi gutt Frënd, och wa mer an eiser kannerecher Topegkeet him dacks eng déck gespilt haten. Ower un deër, déi elo kënnt wore mer onschëlleg, datt mer op d'manst en Hellegeschäin verdingt hätten.

Enges Daags huet d'Kuelenhaff-Madame den Issi ruffe gelooss an em ordonnéiert, e soll der Mod Anna, de Kuerf mat der Wäsch bei d'Baach droen, an duerno nët vergiessen se no zwou Stonnen, wann d'Anna mat der Wäsch fäerdeg wär, déi erëm erop ze bréngen. Fir déi Aarbecht wär em eng Kachéiseschmier sécher.

Den Issi huet eng Maul gemat, wéi siwen Deg Reen, huet nervös mat de Fanger ge-

spillt, as ronderëm d'Wäsch gelaf, wéi e Geck, awer en huet d'Wäsch nèt ugerouert. No enger Weil huet d'Kuelenhaff-Madame da gefrot : «Issi, wat as da lass ? — seet d'Aarbecht der haut näischt !» «Dat nèt — awer wësst Der Madame, ech géng dat jo gär maachen — wann ech e Frang géng kréien : jo, ech bräicht e Frang, an ouni Frang as haut näischt ze maachen !»

D'Kuelenhaff-Fra huet e Gesiicht gemaach, wéi wa se Esseg gesoff gehat hätt, well d'Geldausgin wor hiner déckste Stärkte kéng. Wéi den Issi ower derbäi blouf, huet se e Gesiicht gemaach, wéi wann een hir e Kand erbass gehat hätt, as mat daierlecher Minn bäi de Kicheshaf, huet e Frang aus engem Ierdendéppchen erausgeholl a mat Tréinen an den An dem Issi en an de Grapp gedréckt, ouni awer ze froën, wat e Mann ewéi den Issi mat engem Frang géng ufänken. Den Issi ower huet de Frang mat engem kuurze Merci ugeholl, en an d'Täsch gestach, de Kuerf mat der Wäsch op séng breet Schëllere gelueden, huet e Liddche fir sech gepaff, iwwerdeems en der Baach zou geschréckt as.

D'Anna kouv e puer Minutte méi spéit wéi den Issi, an huet gaangs ugefaang mat wäschen. Den Issi luch nèt wäit vun der Baach am Gras an huet den Wollécken no gekuckt, déi flëmmseg um héijen Himmel hungen. Wéi d'Anna bäino fäerdeg wor, kouv vum Nopeschduerf hier, de Baunjhamper, wéi en erof geklomm wor, huet en de Velo an eng vun denen décken Hoen, déi ëm d'Baach stungen, an de Schiet placéiert, huet säi Béngel vum Gepäckdréier geholl, an as dem Laangewee zougeschratt, dee fir mam Velo ze fueren ze stengeg wor.

Den Issi hat dem Jhamper interesséiert no-gekuckt. Knaps wor deen esou wäit ewech, datt een en nèt méi gesi konnt, huet den Issi sech gehuewen an as op de Velo zougeschlach. Jhust, wéi e wollt drop, huet d'Anna geruff, et wäer fäerdeg.

Den Issi huet duurch d'Zänn geknoutert an de Velo rëm fale gelooss, fir bäi d'Anna eriw-

wer ze goen. D'Anna wor awer schons déi säit der Baach, fir iwwert d'Wisen dem Kuelenhaff zou ze gon. Den Issi huet de Kuerf erwëscht an as zrëck bei de Velo, deen en eng déck Minutt laang daierlech beschnoffelt huet, éier ëm d'Erliichterong kouv. Séier huet en d'Stolpäerd opgeriicht, de Kuerf mat der Wäsch, mat vill Méi, ower ouni ze verzoen, op deen alen, schwanche Gepäckdréier geschwenkt, sech selwer drop gehaang, a fort gung d'Post, mat vill Gewakkels, lues ower ëmmer.

Éier et am Duerf, bäi der Kiirch, riets zouvum Kuelenhaff hi gung, as d'Strooss géi erofgaangen, fir no enger schaarfer Rietskéier grad esou biergop ze gon, wou een ëmmer schons eng schéi Vitesse kritt hat. Sou och den Issi dee jo nèt dru geduecht huet, datt de «Gréngen» jhust virdrun séng Kéi an de Stall gedriwwen hat, an déi soss näischt anescht ze maachen haten, wéi hir gréng Britt op d'Strooss ze kéipen. Wéi elo den Issi mat dem Velo an deër proprer Wäsch kouv, as en ausgerëtscht a mam Velo an der Wäsch an d'Britt gefall. Sécher, et wore genuch Leit do, déi dat Spill gesinn a sech bal vreckt gelaacht hun. Den Issi ower huet sech nèt stéiere geloos, huet d'Wäsch nees zesumme graf, se an de Kuerf gehäit, de Velo widdert Kiirchemauer placéiert. Duerno huet en de Kuerf mat der Wäsch op de Bockel geholl an as der Baach zougeschréckt, wou- ran en d'Wäsch am héie Bou gehäit huet, éier en hannendru gesprongen as, well hien hat jo och eng Wäsch déck néideg.

Wéi den Issi no enger Stonn nèt um Kuelenhaff ukomm wor, huet d'Madame d'Anna hannescht geschéckt, fir ze kucken, wou hire Wäschtransporter da géng flëmmen. Dat huet eenzock ze héiere krut, wat mat der Wäsch geschitt wor an as bäi d'Baach gelaf, wou den Issi am Gras luch. Et as dem Anna soss näischt anescht iwreg bliwwen, wéi déi dreckeg Wäsch zesummen ze rafen an op de Kuelenhaff ze schlefen, well et wor schons spéit : d'Anna huet mussen an de Ställ hëllefen.

De Baunjhamper huet säi Velo bäi der Kiirch erëmfond a wéi de Giddo erëm an déi richteg Direktioun gewisen huet, hätt de Bannhiddler fuere kënnen, wann den Issi net grad em de Gréngen-Eck komm wär.

Kaum hat de Baunjhamper den Issi erbléckst, huet e rout gesin, huet säi Staf erwëscht, mat deem en dem Issi gedrät huet, iwwerdeems en op dien zougelaf as. Den Issi net domm, as an d'Kiirch gelaf, wou e sech an engem Beichtstull verstoppt huet. De Jhamper as dem Issi no bis virun d'Kiirchendir. Do as et em agefall, datt d'Kiirch eng helleg, neitrol Plaz wär, wou keen deem aner eppes däerft undon, datt eiser Härgott den Issi selwer sou gemeet hätt, wéi e wor, an datt all Mënsch dat ze respektéieren hätt.

Tom Thies

Sou gët ee räich ouni ze schaffen

De Jupp loug op der fauler Haut, obschons en honnert Saachen am an em d'Haus ze maache gehat hätt, — awer Gaardenaarbecht — dat wor näischt fir hien.

Säin Noper awer, den Nuckles, huet net vill vum Näischtman gehal an huet net nëmmen op sénger Aarbechtsplaz alles gin, wat en hat — neen, och doheem huet en an Haus, Haff a Gaart geschafft, wéi en Äerdwiermchen.

Sou konnt e sech enges Daags net méi halen a sot zu séngem Noper: «Hallo Jupp, weess De, datt d'Lidderegkeet guer net gesund as?!»

«Net gesund, wéi a fir wat soll d'Lidderegkeet net gesund sin?», huet de Jupp getudelt.

«Ma dat wëll ech Dir soen! Een deen näischt mécht, kritt mat der Zäit en Häerzinfakt a fort as en!»

«Dat ka jo sin! Awer, ech wëll Dir och eppes soen. Ech hat zwéi Frënn, deen een huet

Jo et misst ee frou an zefridden sin, datt ee selwer sou vill Geescht kritt hätt, fir säin alldeeglecht Brout éierlech ze verdéngen. Mat schwéierem Gemitt huet de Baunjhamper sech emgedréit, as op säi Velo geklomm an heem bei séng Famill gefuer, déi aus enger gesonder Fra a véier dichteg Kanner bestan huet.

Wéi den Issi no enger Weil, an deër et roueg bliwwe wor, virsichteg aus der Kiirch eraus koum, stung d'Anna vum Kuelenhaff bäi der Paart ze waarden, huet den Issi elle vernannt an am Numm vu sénger Madame de Frang zréck verlaangt. Deen awer huet den Issi gutt verstoppt, dem Anna awer huet e gesot, en hätt e verluer, wéi e mam Velo op d'Schnëss gefall wär.

geschafft, sech geplot, gespuert, an hat mat 25 Joër schons en décke Batz Geld op der Bank, deen aner huet jhust grad souvill geschafft, datt en all Dage genuch z'iessen hat an eng Fläsch Béier drénke konnt».

«Gesäis De», sot den Nuckles, «Aarbecht mécht sech ëmmer bezuelt!»

«Ee Moment», sot de Jupp, «e bëssche Gedold, dee gudd Schaffert huet sech mat engem wonnerschéine Meedche bestuet, huet en Haus gebaut an huet ëmmer nach méi Geld op de Koup geluegt.»

«Gesäis De», huet den Nuckles geruff, «d'Schaffen, dat mécht räich.»

«Lues, lues, Nuckles! Dee gudd Schaffert a Spuerer, huet sech iwwerholl, krut e Schlag a fort wor en!»

«A wat huet säi liddereche Frënd gemaach?!»

Deen huet endlech deem gudd Schaffert séng räich Witfra bestued!»

Jos Hurt († 22.1.1962)

Theater an ale Volleksbräich III.

Kanddaf, Hochzäit, Uucht

Jiddfer Theater as aus dem Kult ervirgaangen, as religéisen Urspronks. Dat as esou wuel fir den ale griicheschen Theater, deen aus der nationaler Feier zu Éiere vum Gott Dyonisos gebuer as, zu deer en Aeschylos, ee Sophokles an den Euripides hir gewaltig Tragödie geschriwwen hun, wéi fir de ganze mëttelalterlechen Theater, deen aus dem Gottesdéngscht ervirgaangen as.

«Dans l'Europe chrétienne, dés le XII siècle, la liturgie enfenta le drame, comme en Grèce l'orphisme avait enfanté la tragédie», seet e franséischen Theaterkritiker.

Déi Feststellung wor bis elo en Axiom, dee vun allen, déi iwwer den Theater geschriwwen, ugeholl as gin.

1936 as an Däitschland e Buch erschéngen: «Kultspiele der Germanen als Ursprung des mittelalterlichen Dramas», vun engem Universitëitsprofesser: Dr. Robert Stumpfl, dat nët wéineg Spëtakel gemaacht huet. Den Autor, dee leider jonk gestuerwen as, behaupt näämlech, an dat as d'Ergiefnes vu séngen Ënnersichungen, datt de Kär vum mëttelalterlechen Drama, an domat vum spéideren Theater iwwerhaupt, nët d'krëschtlech Liturgie wor, an datt déi Entwécklung aus dem Gottesdéngscht eraus, déi bis dohin ugeholl as gin, ni stattfond huet. D'Wuuzel vum griicheschen a vum mëttelalterlechen Theater woren ural virkrëschtlech heednesch Kulturbräich, Vegetatiouns- a Fruchtbarkeetskulten, déi an dene sougenannte geheime Männerbünden verankert woren an aus denen déi - bei hinne praktizéiert kultesch Aktiounen, Handlun-

gen - och Agank fond hun an déi krëschtlech Liturgie.

De Professor Stumpfl wor egentlech nët deen éischten an nët deen eenzeg, deen déi Gedanken eropbruecht huet. Virun him hat de Jakob Grimm schon 1835 a sénger däitscher Mythologie kuurz drop higewisen, datt den Theater nët an der kiirchlecher Liturgie säin Ufank fond hätt, mee datt en sech entwéckelt hätt aus denen dramatesche Volleksbelëschtengongen an aus den heednesche Fester vun der eelster Zäit. Op dee selwechte Gedanken as de Grimm eng zweet Kéier an eppes méi ausféierlech zrëckkomm a sénger Rezensioun 1838 vum Hoffmann von Fallersleben sénge Fundgruben am «Göttingische gelehrte Anzeiger».

Wéineg Uklank hun dem Stumpfl séng Argumenter a Frankräich fond, mee desto méi an Däitschland, wou vill fir a géint hie geschriwwen as gin. Haut as et roueg gin ëm dee Sträit: De Mann as mat séngen dacks onbewisenen Hypothesen nët durchgedrongen. Mee eppes Guddes hat säi Buch: et huet erëm vill méi ewéi virdrun op dat aalt, et kann ee soen, uraalt Brauchtum higewisen an op déi déif an nach ëmmer lieweg Kräften, déi grad op dramateschem Buedem an denen onvergängleche Volleksbräich draleien an haut nach no Jordausende festzestelle sin.

Op déi folkloristesche Wuuzel vum Theater wëlle mir e wéineg agoen. De Folklor as eng relativ nei Wësseschaaft, déi kaum méi wéi e Jorhonnert al as. Aus der Romantik an der

Erfuerschong vum Vollek (Volleklidd-Seechen-Brauch. . .) as si erausgewuess.

Wa mir eisem Professor Hess séng volkskundlech Wierker duurchbliederen: «Luxemburger Volksunde (1929)», «Luxemburger Volksleben in Vergangenheit und Gegenwart» (1939) an, «Altluxemburgische Denkwürdigkeiten» (1960) oder dem Adolf Berens séng Geschichte aus dem ale Lëtzebuurger Vollekslieden, da fanne mer do eng ganz Rei Elementer vun eiser Lëtzebuurger Virtheatergeschichte.

Den Danz an d'Spill as en Urelement vum Theater a wéivill dovun läit haut nach am Spill vun de Kanner. Kuckt nëmme, wann d'Medercher hiirt Lidd: «Mariechen sass auf einem Stein» sangen a spillen, déi Wieder, deen Dialog, déi Handlung, deen Danz an déi Mimik, dat alles as e klengt Theaterstück, wat se do opféieren. A wéivill aner ähnlech Lidder gët et esou. Am Kand läit schon den Driff zum Spill an de Sënn vum Duerstelle vum Theater.

Huet en aalt Lidd wéi déi «Englische Schäferin», dat bei eis an der Zäit vill gesongen as gin; weist déi Dialogform nët ganz kloer hin op eng Handlung?

Huet eis Heeschelidder vun Dräikinnekdag, Liichtmëss, Fetten-Donneschdeg, Fuesent a Bounesonndeg, wann d'Kanner sech verkleiden an hir Gowen heeschen; huet esou en aalt Lidd vun Hochzäit a Matgëft: Et wollt sech e Bauer séng Duechter bestueden; huet d'Lidder, déi fréier op de Mäert mat Biller a Gesank, Wieder a Mimik opgefëiert si gin, z.B. vum Schënnergehane; huet eis Duerfspottlidder, d'Meeschdorfer Wolleflidd, d'Menster Lidd, d'Hueschterter Lidd, d'Gëtzer Lidd, d'Ieselslidd asw. an deem ganze Liddergutt leien esouvill Urelementer vun der Volleksdramatik.

Och an de Joeresgebräicher stiechen al Relikter vum Theater: beim Kanddaf den Danz an d'Lidd vun Schweizerimann, an den Amusement beim Kanddaf, wéi de Mathias Ruden e beschreift: «D'Fraen um Kanddaf» a bei der Hochzäit: Komm heraus,

komm heraus, du traurige Braut; wéi de Gregor Spender an «Die Bauernhochzeit in früheren Zeiten» et erzielt.

As dann d'Begriefnes vun der Kiirmes nët engem ganze Spill vu Begruewe vun der Wanterjoreszäit ofgekuckt?

Aus dem Jaudesjagen vu Veiane klénkt nach en Noklank vun engem ale Judas-spill.

Eisen Neklosowend, wéi e fréier wor, wann den Nekleesche mat séngem Housécker vun Haus zu Haus gaangen as, mat séngem Iesel an dem Housécker, mat sénge Froen an Äntwerten, mat sénge Belounungen a Strofe schéngt aus engem Neklosspill an nët aus engem heednesche Wanterkultbrauch.

Op den Neklosbrauch an d'Neklosspill mussen mir nach spéider eng Kéier zrëckkommen. De Karl Steisen huet a séngem grouse Wierk: «Nikolauskult und Nikolausbrauch im Abendlande» schon 1931, also 5 Jor virum Stumpfl, mat deer falscher Menung ofgerechent: «mit dieser gelehrt-mythologischen Deutung der Spiele», wéi hie seet.

Duerno as d'Krëschtentom kom mat den hellegen Nuechte vun der Wantersonnenwende, déi ugefëllt wore vun alen heednesche Volleksbräich mat Spill an Danz. En Tréierer Provinzialkonzil erneiert 1310 fir eis Géigenden ee Verbatt: Niemand unterstehe sich die sog. ägyptischen Nächte (Tage) zu beobachten und die Kalenden (Neujahr) zu feiern, auch sollen keine Reigen bei Nacht aufgeführt und keine Tänze durch die Gassen und Strassen gehalten werden». D'Krëschtentum huet déi Bräich virfond an huet do misse villes beschneiden an erneieren, fir an déi al Form een neie Geescht an déi Zäit eranzeleën, fir hir de Sënn vu Krëschttag ze gin. Esou huet se d'Adventszeit ageféiert, fir d'krëschtlecht Vollek vum heednesche Charakter vun denen iwwekkommene Bräich ofzebréngen an et an de Geescht vun der Krëschtzeit eranzeféieren.

Wéivill al Virtheater-spillgutt loug an den Uuchten an an de Spannswewen? Do sin a Soen a Geschichten al Zäiten an al Gebrä-

cher, vergaangen, donkel an onheemlech Ereegnesser eropbruecht gin, do sin déi Doudeg aus dem Duerf an aus der Familjen eropbeschwuer gin, grujheleg an onbaarmhäärzeg.

Wéivill vun eise Lëtzebuerger Theaterdichter hun et versicht, déi al Uuchten a Spann-
stuwwen an hire Stécker erëm opliewen ze
loossen: de Léon Berchem duurch séng
Uuchtzeen an der Millen a séngem Siwebu-
ren (1926), de J.-M. Ruden a sénger Uucht
aus aler Zäit (1939). Ma kee vun hinnen all
huet et op esou eng mënschlech - déif an on-
heemlech - ergräifend Manéier fäerdeg
bruecht wéi de Max Goergen a séngem
Spill: Eng Uucht (1944)...

Vill méi klor läit d'Theaterspill an zwéin ale
Gebräicher, déi haut verschwonnen sin: an
der Opféierung vum wëlle Mann an an der
Amecht.

Fréier, nach virun 100 Jor, as zu Gréiwemaacher
op Fuesent de wëlle Mann gespillt gin.
Iwwer d'Fuesent an d'Fuesentspill vum wëlle
Mann soll et an der nächster Emissioun
hiergoen.

A jiddfer Uertschaaft huet eng esougenannt
Borscht bestanen, déi sech zesummege-
huet aus all dene jongen onbestuete Leit aus
dem Uert, déi sech méi spéit an anerer Form
awer mat dene selwechten Iddiën an aus
deem selwechten Urdriff eraus: Union des
jeunes gens - Jünglingsveräiner (ech mengen
hei nët déi konfessionnel Veräiner mat deem
selwechten Numm), ech denken z.B. un déi
vu Wolz, deen esou Stëbs a Strait opgewir-
belt hat. De Stumpf l mengt a séngem Buch
dës Jugendbünde hätten déi fréier Männer-
bünde ofgeléist.

Dës Borschten, déi de wëlle Mann gespillt
hun, woren déi selwecht, déi och d'Amecht
opgefieert hun, d'Borscht wéi se zou Maacher
genannt as gin. Dofir nënt den Nik.
Welter a sénger «Braut», déi jo e Maacher
Spill as, déijéineg, déi dem aarme Meedchen
d'Braulteed: «Komm eraus, komm eraus, du
traurige Braut» sängen, die Burschenschaft.
Et wor e Jugendbond, d'Amecht fir déi jonk

Borschten an de Rousegaart («Rosengar-
ten»), wéi den Ad. Berens se nennt, fir déi
jonk Medercher, déi eng streng Opsicht ge-
fouert hun iwwer d'moralesch Bedroen an
d'Opfouer vun hire Komeroden a Komerod-
innen.

Wat d'Amecht wor a wéi se gehalen as gin,
dat beschreift de Professor Hess a séngem
Bichelchen: Das Amecht 1933. Eng Amecht
zu Maacher huet och den Ad. Berens a
sénger Geschicht aus dem ale Lëtzebuerger
Vollekslieden: «D'Kerfegsbloum» duerge-
stellt. Ufanks soll et eng polizeilech Institu-
tioun gewiescht sin, déi d'Hutt vu Bann a
Feld, vu Sitten a Gebräicher an d'Bestrofung
vum Schëllegen iwwerholl hat. Wou se hiren
Urspronk hat, dat wëssen eis Spezialfuer-
scher nach nët. Si as no an no ausgeart an
de Professor Hess mengt am Enn wär si
nëmmen méi e Spill, en Theater gewiescht,
deen d'Leit aus dem Duerf an aus der Ëm-
gëgend kucke komm sin.

Eng Fortsetzung hun déi al Amechten, wéi
se polizeilech verbuede woren, fond an dene
Lokalpillen oder Lokalpossen, déi nach am
Enn vum viregte Jorhonnert a muenchen
Uertschaafte vun dene jonke Borschten op
Fuesent am Duerf opgefieert se gin. Zu Be-
fort hun d'Jongen nach 1885, no enger Zei-
tungsnotiz aus deem Jor, de «Schënnergeha-
nes» gespillt. Aus dene Lokalposse kommen
d'Fuesentsëmzich vun haut, déi mat méi
Opwand an Tam-Tam a mat wéineger
Geescht a villen Uertschaafte erëm ofgeha-
le gin.

En Iwwerrecht vun der Amecht, deen nach
bis an eis Zäit era lieweg wor, wor d'Liesfest,
dat all Jor am September zu Gréiwemaacher
a verschiddene Wiirtschaften ofgehalen as
gin. Mir hun et nach als Bouwe bei «Prënzen
Anna» matgemaacht. De ganze Sall wor mat
Girlande vun Äppel a Biren an Drauwe be-
haangen. E puer Borschten als Bannpräiter
hun déi gehutt a wann s'een erwëscht hun,
deen dru gaangen as, dann hun si e matge-
holl virun de gréngen Dësch, wou de Riichter
a säi Schreier souzen an do as en uge-
klot a geriicht a geboussst gin. Do as dann

och dacks säi ganze Sënneregëschter öffentlech opgeschloen an dem aarmen Däiwel as zu muencher onbequëimer Bouss veruurtelt gin.

Ech weess nët wouhier déi Geriichtsspiller koumen, déi duurch d'ganzt Mëttelalter séier beléift woren. Jiddfer Geriichtshandlung mat hire Froen an Äntwerten, stellt schon am Fong en Drama duer an duerzou kënnt, datt een an dëser Form dem léiwe Matmënsch vill Wouerécht an och vill Frechheet soe kann, am Laachen engem der e puer versetze kann. Muench Theaterhisto-

riker mengen dee Rechtbrauch an déi vollekstëmlech Spiller wären Iwwerreschter vun denen uralen Borschten, vun dene Jugendverenegongen, déi fréier all déi Volleksbräich wéi d'Amecht, wëlle Mann, Erntefester, Jaudes, Gehanesdanz, Päerdsreiden an esou virun dirigéiert an organiséiert hun.

Wirklech, an eisen ale Bräich stécht nët nëmmen een déiwe Sënn, dee mir haut dacks nët méi verstin, mä a ville vun hinne läit ural mimesch-dramatesch Volleksbrauchtem.

De Juppi an d'International

Ech hat Iech jo ewell eng Kéier vu méngem Frënd Juppi erzielt. Bei Geleënheet stellen ech Iech en emol vir wéi dat sech gehéiert. Fir haut nëmmen esou vill: Hien as kee Kommunist, kee Sozialist an och soss keen... ist. Je, en hält iwwehaapt nët vill vun der Politik an nach manner vun de Politiker. Mä dës leschter owes, wéi mer zu e puer beim Patt souzen an et esou lues Zäit gin as, fir un den Heemwee ze denken, a mir äis ower nach nët eens woren, ob mer nach ee sollten huelen oder nët, du stung op eemol de Juppi op an huet mat sénger schéiner Barytons Stëmm ugefaangen ze sangen:

«C'est la lutte finale, faisons front, mes amis, contre la soif infernale, prenons encore un demi!»



Ech glewen nët, datt irgendwou op der Welt d'International mat esou enger Begeescherong gesonge gouf.

Gil Mandy

Versëlwert Plaquette Dicks-Rodange-Lentz fir den Nobert Weber

Photo Tessy Goedert



Vun l. no r.: Lex Roth, Norbert Weber, Heng Rinnen, Staatsminister Jacques Santer, Maisy Tockert.

(14.11.1990)

Et wor eng léif, hemeleg Feierstonn wéi d'A.L. dem Norbert Weber d'versëlwert Plaquette an der Kapuzinerstuf iwverrecht huet. Wann och aner Leit wéinst dem Foussballmätsch gefaart hun, fir an d'Stad ze kommen, dann huet den Här Staats- a Kulturminister Jacques Santer awer drop gehalten fir do derbäi ze sin, eemol fir engem fréiere Mataarbechter am Kulturministär séng Sympathie ze weisen an zegläch der Actioun Lëtzebuergesch esou hire

Verdénst fir eis Sprooch ze ënnersträichen.

De Präsidant Henri Rinnen huet an enger kurzer Usprooch dem Norbert Weber séng Aarbecht am Kader vun der Lëtzebuenger Litteratur ënnerstrach an nët vergiess ze betounen, datt durch hien eng nei Zäit, en neie Wand an eis Litteratur erakomm wir. Dat as iwregens vum Fernand Hoffmann a sénger «Mundartdichtung» apaart ervirgehuewe gin. Den Nowe, wéi den Norbert Weber ënnerzeechent, huet och a séng Publikatiounen dem Fernand Hoffmann séngem

Wonsch entsprach, deen do schreift, datt et un de Schrëftsteller wir eise Wuertägentom ze erhalen an un d'Generatioune virunzegin. (F. Hoffmann: I/1964, S.28). Dëst as och am Heng Rinnen sénger Usprooch betount gin, wouriwwer de Peter Klein ewell viru méi wéi honnert Joer (1855) geklot huet a fir dat den Dictionnaire vun 1906 entstanen as: de Wuertschaz ze sécheren an am Drock z'erhalen. — Gewëss weess all Mënsch, datt mat der Zäit Wieder vergin, neier geschafen an aus (Héich-) Sproochen iwverholl gin; dat as der Weltlaf. Mä et sollt een awer dobei nët vergiessen, datt fir dat mir d'Wuert hun, dat och solle verierwen.

Den Norbert Weber as nach ee, vun deer Generatioun, déi vun den Naziën am Krich agezun, hu misse bludden. Hien as de 16.2.1925 zu Iechternach gebuer, huet säi Kolléisch gemaacht a krut eng Plaz beim Kadaster. De Kulturminister vun deemools, den Här Pierre Grégoire, huet en du bei sech geholl, well e wouss, datt en do op deer richtiger Plaz wir. Mat de Revüen an den Theaterstécker huet den Nowe dunn deen neie Wand an eis Litteratur bruecht, an deer hien eng Dir opgestouss huet, en neie Wee gangen as, dee virdrun nach nët getrëpelt wor. Dat wat hie bis elo geschriwwen huet kann een a sénge Bicher liesen: Stécker a Soen (1967); (Revüen) Bonz ënne, Bonz uewen (1969), am «Frëndeskrees erauskomm»; Dickserien (1974, an der Section Arts et Lettres erauskomm). — Et sief hei nach op de «Chalop», Theaterstéck fir

d'Jordausendfeier vun der d'Stad Lëtzebuerg erënnert dat hien eppes ëmmodeléiert huet an den 20.10.90 nei opgefouert gouf, wéi et drëm gong fir de Komponist vum Stéck Edmond Zigrang ze éieren. As et en Zoufall, datt den Norbert Weber déi Plaquette kritt huet, bal op den Dag wéi säin éischt Theaterstéck de «Schéifermisch», den 26.11.1958, mat vill Erfolleg, am Stater Theater opgefëiert as gin?

De Prääsident vun der A.L. huet bedauert, datt den Nowe de Bic oder d'Fieder an d'Scheek gestach huet a gemengt e géif se vläicht nach eng Kéier do raus huelen, fir eiser Sprooch en Dëngscht ze leeschten, wat nët eleng säi Wonsch, mä sécher och dee vun anere wir, an dofir nach eng Kéier de Peter Klein zitéiert, deen 1855 geschriwwen huet: d'Sprooch as dat sécherst Zeeche vun der Identitéit, wat mir schwätze si mir!

Den Norbert Weber hält fest a sénge Wieder fir Merci ze soen, datt e wiirklech frou iwver déi Plaquette wir, dat wat iwver d'Sprooch gesot wir gin, och säin Uleies as, hien erëm Courage gemaacht krut a géif siche fir séng Fieder erëmzefannen, well hien hätt de Bic dach nach nët ganz verstach. Hie géif hoffen, datt en déi Auszeehnong vun der A.L. verdéngt hätt, a wou en d'Aarbecht fir eis Sprooch vun der Actioun Lëtzebuergesch betount huet.

Bei engen Patt gudde Miseler gong déi kleng Feier eriwver, wou nach iwver munneches vum Theater a Lëtzebuergesch gededeget gouf.

Pervers 1


Hëllef!
si maache
kleng
ELEFANTEN!
aus Elefantenzänn

Pervers 2

Freides si méi Leit
am Zuppermarschee
wéi sonndes
am Bësch.

Pierre Posing

Litteraturpräisser 1990/91



Roger Manderscheid

Am Kapezinnertheater krut dëst Jor de *Roger Manderscheid* de 25. Januar 1991 de Batty Weber-Präis, deen all dräi Jor engem Lëtzebuerger Schrëftsteller, fir säi Gesamtwierk an nët fir een eenzelt Buch zouerkannt gët. Deen eischte Präis hat den Edmond Dune kritt. — De Cornel Meder huet d'Laudatio gehalen a gemengt, datt de Roger Manderscheid den zwete Michel Rodange wir; de Pol Greisch huet aus sänge Bicher virgelies,

an de Staats- a Kulturminister Jacques Santer och d'Verdëngschter vum Laureat ervirgehuewen; dat Ganzt gouf musikalesch vun de «Musiciens» agekleet. — De Roger Manderscheid schreift däitsch a lëtzebuergesch a mengt a séngem Merci, datt d'Lëtzebuergesch och kënt hëllef de Mannerwäertegkeetskomplex vun engem klengen Stat z'iwwerwannen. — Mir gratuléieren dem Roger Manderscheid a wënschen, datt e fortun op deem Wee viru geet, deen e bis elo gaangen as. — Säi lescht Buch «Schacko-Klak» as zem Deel verfilmt gin, deen de Pol Kieffer a Frank Hoffmann inzenéiert hun. D'Buch, dat duurch de Film entstanden as, d'Dréibuch, Interviewen asw. Dat vum Feitlesch Fränk mam Kieffesch Pol gemaacht gouf, as fir 850 Frang an der Editioun Phi, Iechternach ze kréien, 850 Frang. — Am Jury vum B. Weber-Präis woren: Rosemarie Kieffer, Germaine Goetzinger, Joseph Groben, Lucien Kayser a Cornel Meder.

* * *

Laureate vum Nationale «*Litterature Concours 1990*» sin de J. Paul *Schneider* fir «*Atteindre la Lumière*»; de Jean *Portante* fir «*Journal d'ici et d'ailleurs*»; den Nico *Helming* fir «*Patton & Co*»; et gouf kee Präis fir lëtzebuergesch Gedichter. De Präis (50.000 Frang) as am Februar iwwerrecht gin. Am Jury woren: Henri Blaise, Pol Greisch, Lucien Kayser, Nic. Klecker, Vic Weitzel a Germaine Goetzinger.

Rhänlanddaler



Hubert Jennings, Heng Rinnen, Mme Denise Manquillet-Schneider, Jules E. Bogaers

Den 18. Dezember 1990 krut eise President, den Heng Rinnen, zu St. Vith de „Rheinlandtaler“ iwwerrecht, nieft him nach d'Madame Denise Manquillet-Schneider, franséisch Kënschtlerin, d'Häre Jules E. Bogaers, hollänneschen Archäolog an den Hubert Jenniges, Journalist am belsche Radio fir den däitschsproochege Programm. — Dee Kulturpräis krute fir déi drett Kéier Leit aus dem Nopeschgebitt, déi am Rhän-Maas-Gebitt fir Kultur a Fuerschong geschafft hun. — Zënter 14 Jor iwwerrecht de „Landesverband Rheinland“ déi Plaquette

fir Aarbechten um kulturelle Gebitt, et sief Archäologie, Archiv-, Museums-, Denkmal-fleg, Landesgeschichte, Folklor, Natur- a Landschaftsschutz. — Op der Plaquette as e Medusekapp, dee bei Bonn fond gouf. — De Wilhelm Müser, Vizepresident vum „Land-schaftsverband Rheinland“ huet déi véier Geéiert virgestallt an hiirt Wiirken am Sënn vum europäesche Gedanke betount. — Den Eierewäin huet d'Stad St. Vith offrériert.

(cf. Lux. Wort 20.12.1990)

H. Rinnen

Linguistik – Sproochwëssenschaft

Wat as dat fir eng Sprooch, dat Lëtzebuergesch, gët d'Actioun Lëtzebuergesch aus en etlech Géigende vun der Welt gefrot, ewéi aus Nordamerika, vu Japan an esouguer hei aus dem Land selwer. Et kann een dann de Leit déi dat froen äntweren, ma kuckt an dem Robert Bruch (†) séng Bicher an Artiklen, dem Fernand Hoffmann séng «Sprachen in Luxemburg», séng «Munartdichtung» an aner, dem Jean-Paul Hoffmann séng Aarbecht iwwer den Dräilännereck Schengen-Sierk-Pärel ugin; op d'Aféierungsartiklen an dem Lëtzebuerg Dictionnaire hiweisen an op dem Alain Atten säi Radiodictionnaire op 92, 5 opmierksam maachen, deen e gudden Iwwerbléck iwwer d'Wieder aus dem Dictionnaire mécht. (Et as sécher schued, datt een déi kuurz Texter nët ze liese kritt, well alt nët jiddereen dat (muerges) nolauschtere kann). Soss as et an der leschter Zäit roueg op deem linguistesche Gebitt hei am Land. Dofir soll emol ernimmt gin, wat dann déi Zäit iwwer eis Sprooch an auslänneschen Zäitschrëfte steet, déi mer kritt hun.

Loosse mer fir d'éischt dem Gaton *Scheidweiler* säin Aufstz an der Zäitschrëft «Volkskultur an Rhein und Maas», 9. Jorgank. 1/9 1990 nennen, déi de Landschaftsverband Rheinland, Amt für rheinische Landeskunde Bonn, Rheinland-Verlag, Abtei Brauweiler, D-5024 Pulheim 2, erausgët.

Et geet hei nët em reng linguistesche Begrëffer a séngem Aufsatz iwwer «*Die heutige Situation des Luxemburgischen im Grossherzogtum und im angrenzenden Ausland*». — Hien huet deen Artikel agedeelt an: d'Gebitt vum

Lëtzebuergesch; wou gët Lëtzebuergesch geschwat; (mat enger Kaart an enger anerer vum fréiere Lëtzebuerg); d'Sproochesituation vum an a Lëtzebuerg; Zweesproochegkeet an hir Grënn; d'Litteratur op Lëtzebuergesch; d'Lëtzebuergesch an den Nopeschgebitter; d'Situatioun nom zwete Weltkrich: Ausbau a gläichzäiteg Substanzverloscht; Réckbléck an Ausbléck; als Bäigof eng Sproochprouf aus der Chamber, Prouf, déi esou wiirklech weist wéi konterbosseg dat Lëtzebuergesch ka sin, wann aus Lëtzebuergesch, Héidäitsch a Franséisch zesummegepraft gët.

Deen objektiven Aufsatz gët guer kee schlechten Iwwerschlag vun eiser Sprooch, wou se steet a wat se as, ouni d'Problemer ze iwwersin, déi do sin, wa se sollt bleiwen, wat se as. Et muss een nët grad mat dem Autor sénger Menung averstane sin, wann hien e.a. mengt, datt d'Lokadialekter vun dene jonge Leit kaum nach geschwat géife gin, well eng Ausgläischsprooch, eng Koinè, sech durchgesat hät. Sou allgemeng as dat nët. Et brauch een nëmmen an d'Land era lauschteren ze goen, et sief an d'Éiselek, an d'Réidenner, Veianer, Iechternacher, Miseler Géigend asw. . ., jo esouguer der «Sproochschoul» UKW 92,5 nozelauschteren, wou een dat Escher, dat Stater. . .eraushéiert. Wéi déi Wëlzer hir Manifestatioun den 21.12.1990 an der Stad haten, stong op hire Schëlter Woolzer (oder as et Wëlzer). As et nët vill méi esou, wéi et an engem aneren Aufsatz an deer Zäitschrëft duergeluegt gët: «Dialekt und Standardsprache (héidäitsch) in einem Eifeldorf» vum Monika *Grömping*, déi do

d'Resultat vun enger «empirischer Untersuchung in Mütscheid» ugët. Si huet doranner ënnersicht wéi sech d'Duerfsprooch mam Héidäitsche verhält, wéini, woufir, vu wem Platt an Héidäitsch geschwat gët. Et kënt een no deem, wat si do festgestallt huet, d'Koiné als eng Aart Héich-Lëtzebuergesch ugesin, mat deem et sech grad esou huet wéi dat Mutscheider Platt zem Héidäitschen, eventuell och als «Code-switching» (vun Duerfsprooch a Koiné), wéi et do heescht no der sproochwëssenschaftlecher Litteratur, ugeholl kënt gin. — Awer wat as egentlech a wat as «richteg» d'Koiné? — Wir et nun nët un der sproochwëssenschaftlecher Sektioon vum Institut fir emol esou e Froebou an d'Land ze schécken aus deem ee gewuer kënt gin, wéini a woufir schwätzt der Koiné, wéini a wou är Duerfsprooch. Et kënt een unhuelen, datt do dat selwecht erauskéim ewéi bei der Analys an deem Artikel, deen hei virdrun zitíert gouf.

Et as schéin, datt de G. Scheidweiler d'Aarbecht vun der Actioun Lëtzebuergesch ernimmt, a wann en de Radio an den «Hei elei» nennt, da wir «Eis Sprooch» als Zäitschréft an der Litteratur och alt derwäert gewiescht genannt ze gin, well et déi eenzeg Zäitschréft hei am Land as, déi nëmmen op Lëtzebuergesch erauskënt, an nët wéi déi aus dem Areler a Lottrénger Streech, nieft hirem Lëtzebuergesch zimlech franséisch Artiklen hun, bedéngt natiirlech aus engem Grond, deen ee verstoe kann. — De G. Scheidweiler weist och op d'Geforen hi fir d'Lëtzebuergesch, dat entstoe kann (kënt). Wann och d'Gefor nët ze leechen as, deer déi kleng Sproochen ausgesat sin, zemol dono, wann d'Grenze weidenaffen opstin an ewell eng nei «Völkerwanderung» haut am Gaang as, da glewen ech dach nët, datt d'Lëtzebuergesch ënnergeet, sou laang nach zwéi Lëtzebuurger do sin. Wéi et awer iwwerlieft dat as d'Fro! — De G. Scheidweiler weist mat Recht op den ellenen Drock vum Héidäitschen hin, deen nach zougeholl huet, zënter deer Zäit, wou de «Fernseh» an all Haus steet. Wir nët och emol do eng Ëm-

fro ze maachen, fir ze wëssen, wat fir e Fernseh (oder Télé) gekuckt géif gin? Wat erauskéim wir viraus ze gesinn; 't as d'Saach vum «moindre effort».

Ob déi Wieder, déi aus dem Franséische stamen, ofhuelen, schéngt engem dach éischer, an zem gréissten Deel, vun der Persoun ofzehänken, deemno wou se steet, a «wat se as».

Nu gutt, en Aufsatz, deen d'Situatioun klor duerbréngt an derwäert as notéiert ze gin.

* * *

Ëm Lëtzebuergesch geet et och an de «Beiträge zur Phonetik und Linguistik». Et sin d'«Aspekte des Lëtzebuergesch», déi de Jean-Pierr Goudaillier am Helmut Buske Verlag, Hamburg (1987) erausgin huet.

De François Schanen, e gebiirtege Schenger, Professor fir Däitsch op der Universitét Montpellier gët doranner en ausféierlechen Iwwerbléck iwwer «Grundzüge einer Syntax des Luxemburgischen. Die Verbalgruppe». Hien huet sech zënter laanger Zäit mat der Syntax vum Lëtzebuergesch ofgin a séng Professuraarbecht gong iwwer «Recherches sur la syntaxe du Luxembourgeois de Schengen: l'énoncé verbal» (véier Bänn - Université de Paris. Sorbonne: 1980).

En Deel dervun as am «Bulletin linguistique et ethnologique, Nr 21, 1978, Sait 27 - 90» publizéiert gin: «Observation sur le système verbal du Luxembourgeois». — An der «Linguistica Palatina» sin «Observations sur le système verbal du Luxembourgeois: l'accompli, structure attributive (1976)» vun him erschéngen.

An deer heier Etude beschreift hien d'Grondzich vun enger Syntax vum Lëtzebuergesch, wou en d'Verbalgrupp op 86 Säiten un e sëlliche Beispiller méi genee duerstellt. Anescht gesot, hien ënnersicht wéi d'Verben an de Sätz am Lëtzebuergesch gebraucht gin; dat, no sénger Heimechtssprooch Schengen, wou e Gesprécher heemlech op Band ugeholl huet - am

Ganzen zéng Stonnen- dernieft nach no Gespréicher aus anere Géigende vum Land an no geschriwwenen Texter, sou datt hie mengt - an dat kann ee bejozen - dach e komplett Bild, vun der Syntax verbal gesinn, vum Lëtzebuergeschen entstane wir.

Fir d'Schreifweis, d'Orthographie, baséiert hien sech op deer offizieller, déi am *Mémorial* vum 16.11.1976, B-No 68. S. 1366, publizéiert as gin.

Et wir elo ubruecht méi an Eenzelhete vun deer ganzer Etude anzegoen, et géif awer e bésse wäit goen - et geet iwregens an der Grammatik vum Robert Bruch (†) dovunner och Rieds - mä zitéiere mer jhust dat, wat de Fr. Schanen iwwer de Plural am Lëtzebuergesche schreift an op de Misär hiweist, deen d'Ausländer domat hun, wa se Lëtzebuergesch léieren.

Deen äerdege Linguist François Schanen gët dann nach verschimt an enger Foussnott un, datt geschwë vun him eng «Grammaire de l'allemand» mat ronn 600 Säiten an dem Verlag Nathan, Paräis, erauskënnt, wou vun him ewell 1981 «L'allemand par le thème annoté et corrigé» publizéiert gouf.

* * *

Nach e Wuert iwwer de Jean-Pierre *Goudaillier*. Déi zwéi virdrun, de G. Scheidweiler an de Fr. Schanen, si Lëtzebuenger. De Jean-Pierre Goudaillier as Fransous, deen duurch säi Kontakt mat Lëtzebuenger Studenten op der Universitéit zu Paräis un d'Lëtzebuergesch kouw, et geléiert huet an e puer Etude vun him an de Publikatiounen vun der Sproochesektioun, wou e Mëmbler as, erschéngt sin. An der Festschréft fir d'Joffer Hélène Palgen (Beiträge Nr. 11.1979 — Dialektologie heute) huet en iwwer «Phonétique expérimentale, théorie phonologique et dialectologique luxembourgeois» referéiert. Eng aner Etude as am «Bulletin linguistique et ethnologique (Fasc. 23.1985)» publizéiert a geet iwwer «Mëll Konsanten amplaz schaarfer um Enn. Automatismes ou règles

obligatoires», op däitsch gesot: «Stimmhaftigkeit und stimmlosigkeit des auslautenden Konsonanten im Luxemburgischen». — Dat klénkt vläicht ganz friem, ongewinnt a geléiert, mä et as dat wat de Robert Bruch (†) ewell festgehalten huet a sénger Grammatik an och soss, dat den Alain Atten esou ausdréckt (am Buch: *Lëtzebuergesch an der Schoul*, 1974): En Däitsche setzt virun all Vokal den Otem frësch un (Knacklaut): Guttdäitsch wir et: um'elf'Uhr, ma lëtzebuergesch «emelëwauer».

Aner phonetesch Artikler vum J.-P. Goudaillier sin, esou wäit mer wëssen, am «Bulletin linguistique etc.» (nr. 20/1976), an der Zäitschréft «La Linguistique» 1976, an an den «Hamburger phonetische Beiträge», 1981 (Buske Verlag) erauskomm.

* * *

En aneren Ausländer, dee sech mam Lëtzebuergeschen ausenanersetzt as de Gerald *Newton*, en Englänner och Mëmbler vum der Sproochesektioun. Hien as Professor op der Universitéit Sheffield fir Germanistik (Dept. of German) an hat 1979 an der Festschréft fir d'Joffer Palgen: «Dialektologie heute» iwwer Soziolinguistik geschriwwen, Titel: «Einige Gedanken über Sprache und Gesellschaft». An de «Yorker Hefte», déi de Charles *Russ* vun der Universitéit of York mam Claudia *Volker* vum Goethe-Institut, York, erausgët as am Band «Sprache und Gesellschaft in deutschsprachigen Ländern» (1987) en Artikel vum G. Newton iwwer: «The German Language in Luxembourg».

Hie beschreift doranner d'Situatioun vum Däitschen hei am Land, gët fir d'éischt en Iwwerbléck iwwer eis Geschicht an ennersicht dann de Gebrauch vum Däitschen, nieft dem Lëtzebuergeschen a Franséischen, wou en sech natiirlech och op dem Robert Bruch (†) an apaart dem Fernand Hoffmann sénge Publikatiounen op dem sproochleche Gebitt, nieft egenen Opnamen, e.a. baséiert, «Eis Sprooch» an déi zwéin Dictionnaire vum H. Rinnen a Will Reuland ernimmt sin.

Et as klor, datt hien a sénger Etude och dat nēt iwwersin huet, wat d'Naziën am Krich hei wöllte per force aféieren: «Eure Sprache sei nur deutsch! Fort mit dem welschen Kauderwelsch!» dann, d'Personenstandaufnahme vum 10.10.941 ervirhieft, déi ofgebrach gouf, well zesoe jiddereen op d'Fro, wat as är Sprooch «Lëtzebuergesch» geäntwert huet.

Et schéngt engem och nēt esou ze sin wéi de Schema vum Gebrauch vun de Sproochen et weist, dat, nodeem d'Lëtzebuergesch 1984 eis Nationalsprooch gin as, Opstellung, déi op dem Fern. Hoffmann séng «Sprachen in Luxemburg» baséiert.

Et soll hei nēt méi op d'Fro agaange gin, ob eng vun denen dräi Sproochen (däitsch, franséisch, lëtzebuergesch) am Land «dominant, codominant oder subdominant» as, jiddefalls as d'Lëtzebuergesch «unchallenged first». Et wir awer intressant haut emol nach eng Kéier dorëmmer ze froen, wéi et mat dene Sprooche wir, well an deer leschter Zäit dach vill méi op Lëtzebuergesch geschriwwen gët, wéi et dat bis viru kuerzer Zäit nach nēt wor. (Dat féiert d'Rosemarie Kieffer am «forum» Nr 123 1990 «Literaturszene Luxemburg» dezou ze froen: *Beaucoup d'auteurs de langue allemande se tournent volontiers vers le luxembourgeois. Est-ce une concession au goût du jour? Ou s'agit-il d'une vocation véritable? Celui qui écrit en français risque, de nos jours, de se sentir exclu de la vie culturelle luxembourgeoise*». — Kann een dorop nēt äntweren: ma well d'Lëtzebuergesch de Lëtzebuurger méi seet a soe kann ewéi aner Sproochen, well et hir Mammesprooch as, e Stéck vun hinnen?

D'Franséicht as méi eng friem Sprooch ewéi dat Héidäitsch, wou nēt vergiess dāerf ze gin, datt eng Parti eler Leit, déi véier, fennef Jor am Krich kee franséisch geléiert hun. (Mir kruten dat en entlech Mol ze héieren wéint franséischen Artikelen an Naturschutzzäitschrëften.) Dat wëllt nun awer nēt heeschen, datt se sech «exclu» géife misse

spiren, wann een op franséisch schreift. Wéi huet emol ee mer gesot: Wat mer dem Franséische méi aus dem Wee gin, wat mer dem Däitsche méi an d'Gräpp lafen. (Hei kann een och op dem G. Scheidweiler séng Iwwerleungen dozou hiweisen.) — Et sief. — Nun, de Gerald Newton gët a sénger Etude, wéi gesot, e gudden Iwwerbléck vun eiser(en) Sprooch(en), derwäert Notiz dervun ze huelen.

Wuel esou intressant as en aneren Artikel vum Gerald *Newton*, deen am Buch «The Dialects of Modern German. A Linguistic Survey», dat de Charles V.J. Russ, 1990, am Verlag Routledge, 11 New fetter Lane, London EC4P 4EE, erausgin huet.

An deem Bäitrag - Central Franconian (S. 137-210) - kritt d'Lëtzebuergesch ganz vill Plaz, Bäitrag deen de Fernand Hoffmann am Lux. Wort, Die Warte, Nr 8/1549 -22.2.1990 - linguistesoch besprach huet. An deem fundéierten Artikel iwwer dat Mëttelefränkesch geet den Autor Newton op all Aspekter an, déi mat dem Lëtzebuergesch ze din hun a vergläicht e.a. mam Mëttelefränkesch, dem Héidäitsch, wou de ripuareschen Deel nēt iwwersi gët. Opgebaut as en: Geschicht, Lëtzebuergesch, Sprooch a Constitutioun, Koinè, Lëtzebuergesch an der Géigend ronderëm, (Belscht, Lottréngen), Siwebiirgen, éier en op d'Mëttelefränkesch an d'Lëtzebuergesch kënnt, Form a Grondzich linguistesoch matenee vergläicht. — Et mag sin, datt et nēt jidderengem sénges as, fir sech mat laangen a kuerze Vokaler, haarden a mëlle Konsonanten, mat Diphthongen a Monophthongen, mat Längten a Kürzten, mat Palatalen en Alveolaren, mat Korreptioun, mat Velariséierung a Gutturaliséierung, mat Plural-a Verbform, mat Syntax asw. ofzegin, mä dofir fënt e Linguist doudsécher dat, wat e wësse wëllt a wat e sicht.

Eng kleng Bemierkung sief erlaabt, do wou et sech ëm den Afloss vun der Koinè op d'Lokalsprooche, an dat dat vum UKW ausgeet, dréit.

Wéi grouss den Afloss vun der Koinè op d'Lokalsproochen (-dialekter) soll sin, gouf uewen ernimmt, a wat dervun ze halen as. Eng méi grouss Gefor as an dem «Pendelverkéier» an an dem Zesummeleë vun de Kannerschoulen. De «Pendelverkéier» wor nach nimools an eiser Geschicht esou grouss ewéi haut, an dat fierft lues a lues op d'Duerf-sprooch of. Den Afloss vum UKW, 92,5, op deer anerer Säit, soll awer nët iwwersi gin. Wéi grouss den Afloss duerch déi Zentral-schoulen, de Radio an de Pendelverkéier as, wir eng Etude wäert.

Et gët ee gär zou, datt d'«annonceur», d'Noriichtesprichter (en neit Wuert?), d'Speaker, nët emmer Zäit genuch hun, fir d'Noriichten, déi se op franséisch, däitsch an englesch erakreien, uerdentlech ze iwersetzen, mengt de G. Newton, mä Wieder an Ausdréck, déi dach all Stacklëtzebuenger seet, vun do aus massakréiert gin, an dann einfach a poulricht aus denen (Heich-) Sproochen liichtschaz erageholl gin wou et nët eleng em Noriichte geet, as sécher de Fall. Och wa mir Wieder derfir hun, mä déi si nët kennen, well se kee Lëtzebuergesch «geléiert» hun, well et muss ee sech och e ganz bësselchen an eis Sprooch eraschaffen. E Wuert, dat m. M. no vun do aus bei de Leit an de Gebrauch kouw as dat «uschwätzen» (iwwerhaapt dat uschreiwen, ukucken . .). Um UKW schéngt keen ze wëssen, datt een am Lëtzebuergesch een urieden an een usprieche kann, datt keen Uertel «geschwat» mä «gesprach» gët. Et as e Wuert dat an eiser éierwäerter Chamber och ganz dacks an de Mond geholl gët, an een (mech) gehäit huet am Koinmentar vun den Diaën, déi bei de Feierlechkete vun der Dynastie gewise si gin.

As et lëtzebuergesch, wann et heescht: si hu sech «ausgeschwat» fir eng Konferenz de 4. Januar 1991 zu Lëtzebuerg, amplaz sech «ausgesprach» oder «si sech eens gin fir» (sou den 30.12.90). An dann dat Wuert «gelongen» nom däitsche «gelingen». Et as äis bis elo nët gelungen dat an dat ze maachen, mir hun et bis elo ëmmer nëmme «fäerdeg kritt» odder et «as äis geroden», «mir sin

eens gin», dat an dat ze maachen, fäerdeg ze kreien. Dat gelonge schéngt dach gelungen ze sin! Grad esou as et mat «gewëllt sin», wou mir dach zënter éiwegen Zäite «wëlles sin, hun». Sou gong am UKW Rieds vun engem Reeschiirm, e Prabbeli géif engem wuel nët duergoen. Dëslescht (17.12.90, owes) wusst dee Speaker eppes vun engem Auto, deen *zreckfond* as gin, ze mellen. Esou eng Lëscht kënnt bis Mokuchsdag virugeféiert gin! Mä loosse mer e «breack» maachen (28.12.90).

Doriwwer sollt emol een eng Etude maachen, an et géif ee sech wonneren, no deem moderne Lëtzebuergesch «staunen», wat do erauskéim. Nëmme, déi Bemierkungen hei vidru sin nët geduecht, fir engem Virwërf ze maachen, mä solle jhust weisen ewéi eis Sprooch sech ännert, no engem ale Gesetz, dat seet, datt eng Sprooch eppes Liwegas as, déi stänneg erneiert. Mä solle mer dach nët e bësselche méi op eis Sprooch oppassen, ouni dobäi onbedéngt Alschléieges opzewiermen, dat laang dout as. En Elsässer huet dëslescht gemengt, datt en Dialekt sech aus dem Héidäitsche géif erneiern. Wann dat esou as, da sir mir um gudde Wee. (Perspectives linguistique en Alsace - Lux. Wort, 27.11.90). An et weist sech!

Eng Klenggeheet am G. Newton séngem Artikel sief nach jhust ernimmt: e puer Setzfehler, déi mam éi-Laut ze din hun, sou e.a. Keisblat amplaz Kéisblat (s.178), mei amplaz méi (S.189) (doduerch kënnt een, deen nët am Lëtzebuergesche Bescheed weess irgeféiert gin); S. 189 — Brackert soll Brachert sin (dee Brach schwätzt); S. 183 wir jhauwen éischer u séier lafen, engem Streech gin ze denken ewéi et mat werfen (als drëtt Bedäitung «een dorëmmer jhauwen»), erëmgegin; S.199 feelt fir dat däitscht Tasche, dat lëtzebuergesch Täsche oder Tasch; S. 178 sollt et heeschen «eng» am amplaz «e» Medail.

Dat sin, éwei gesot, Klenggeketen a setzt de Wäert vun deer gudder wëssenschaftlecher Aarbecht nët erof.

Déi verschidde Beiträg an dene Bicher si gutt opgebaut an iwwerluet, datt ee frou

muss sin, datt nieft de gebiirtege Lëtzebuerger, sech och Auslänner esou fir eis kleng Sprooch intresséieren.

A wann se sollt ënnergoen an deem groussen Europa, da wir awer hei déi Sprooch festgehalen, déi mer schwätzen, oder geschwat hun.

Een dee sech sproochwëssenschaftlech mam Lëtzebuergeschen ofgët, kënnst nët laansch déi Artiklen, déi hei genannt si gin, se fousen op enger zolitter Basis a Recherchen, si wëssenschaftlech gutt fondéiert an aner kënnen vu do aus goen, fir op deem Gebitt virunzeschaffen.

Eis Musel

Wou de Wäin um Billek blitt
an d'Krunnemécke gäre kluddren;
Wou Stack fir Stack séng Drauwe kritt,
An d'Fässer wochelaang schéin duddren,
Dat as eis Musel!

Wou munche Fëscher heemlech roost,
Wann d'Fësch erëm an d'Waasser falen;
Wou d'Freed sech mat de Glieser moosst
An d'Fester villeg Frënn gefalen,
Dat as eis Musel!

Wou eise Wäin a Fläsche schléift
An d'Stäck méi dack am Frascht erféieren;
Wou d'Sonn am Hank de Wënzer gréift
A Kränkten heemlech d'Drauwe stéieren,
Dat as eis Musel!

Wou d'Wäiblum eis de Kapp verdréit
An d'Schëffer sech duurch d'Waasser
brueden,
Wou d'Häerz vun eisem Ländche schléit,
An Héicht an Dällt sech ëmmer gueden,
Dat as eis Musel!

Will Reuland

Roger Lugen

Kritik ?!

«Eis Sprooch»

Et gët e sëllechen intressant Artikelen an däär Zäitschrëft, an et sin och eng ganz Abbezuel Auteuren, déi esou Artikele schreiwen. Dat wier jo schéin a gutt, ower mir fällt et op, datt der drënner sin, déi eiser Sprooch e schlechten Déngscht erweisen, well se Wieder an Ausdréck benotzen, déi alles nëmme wéi kee Lëtzebuergesch sin!

Als Beispill gräifen ech der e puer aus der leschter Zäit eraus:

Heft 23, S.25: D'Fra aus der Virstad, vum E.K.

Ech fannen, datt den Ausdréck «spezial ugefäerdegte» Kanal zimlech staark no däitsch richt. A wann den Auteur schreift «fir ze déngen zou enger... fabrikatioun», beweist dat och, datt hien nët op lëtzebuergesch geduecht huet.

Op Säit 36, am Artikel iwwer den Hellege-Pueles-Kult an der Por Huncheréng vum Tom Thies geet Rieds vum Hl. Pueles sénge «Gebeen». Wéi grujheleg! A sech engem aneren Thema «zouwennen» as och alt nët grad an eiser Sprooch gewuess.

An da wonneren ech mech, datt dem Pir Kremer an séngem Gedicht vum Steirwe Buedem op Säit 35 eppes «gelong» as. Ausgerechent de PiK kënnt sech do eppes Besseres afale loossen!

Heft 24, S.17: Wee- a Feldkräizer an der Par Huncheréng, vum Tom Thies.

An der éischer Kolonn fannen ech dat Wuert «warschénglech», wat mer nët geet. Kuerz hannendru geet Rieds vum «grëisseren» (Steen), amplaz vun deem «méi groussen», oder einfach de grousse Steen am Vergläich mam klengen.

D'Säit 18 huet och nach e puer esou Wieder, z.B. schreift den Auteur vun engem Sockel mat enger «Deckplatt»; ech huelen un, et misst

«Deckplack» sin. Da liese mer iwwer e «feingeschaffte» Kapitäl. Kléngt dat nët e bëssen no dem däitsche «feingearbeitet»?

Ënnen op der Säit 18 fanne mer dann «mëndlech Beriichter». Solle mer äis wiirklech «berüchte» loossen? Weess den Auteur nët, wat dat Wuert bedeit?

Loosse mer am Heft 24 nach en aneren Artikel op d'Schëpp huelen: dee vum Aloyse Schmitz: «Schwätze mer dann all eng aner Sprooch?» op der S. 25.

Fir d'éischt fale mer zwéin Ausdréck op, déi och an aneren Artikele virkommen:

1) do steet an der éischer Kolonn «eis» amplaz «äis», esouguer dräimol, an och soss an dem selwechten Artikel;

2) géint d'Enn vun der zweter Kolonn kënnt dann dat Wuert «oft», wat och nawell dacks ze fannen as.

Op der S. 26 fanne mer d'Wieder «Ënnerloen» (fir Ennerlagen) a komescherweis och «Beriichter» – wéi beim Tom Thies.

«Selfstänneg» as och alt nët wéi et soll sin.

Vum Artikel «Aus dem Liewe vun engem Frang» vum J.-C. Marson op Säit 42 zitieren ech nëmmen all déi Wieder, déi mer géint de Stréch gungen:

«stolz (3 mol!), Schreifwuerenhandler, Lëppestéft, elend, ageschlof, an erëm (wéi bei villen aneren Auteuren) d'Wuert «eis» amplaz «äis» (4 mol). An dann dat grujhelegt «genau»! Ech kréien all Kéier eppes u mech, wann ech dat gelungent Wuert héieren oder liesen!

Heft 25: Dem Käser Charel IV. säin Dram, alt erëm vum Tom Thies.

Op de Säite 5 a 7, 1. Kolonn, heescht et zweemol «as et em gelongen» am plaz «réusséiert» oder «gegléckt». Bei deem Wuert geet et mer genau esou – pardon – jhust d'selwecht wéi bei «genau»!

Op S. 5, 2. Kolonn, heescht et «... as an der Nuet der Festung zou,...» eng onméiglech Konstruktioun an eiser Sprooch. Ech huelen un, den Auteur wollt soen: ..., as an der Nuet op d'Festung lass geridden oder gezun,...»

Wa «Noschub» (S. 5) och nët am Dictionnaire steet, kënt een et nach stoë loosse, ower «Grundlag fir géuerdent Verhältnisser» (Säit 7) schmaacht nees no Iwwersetzung aus dem Däitschen an huet näischt bei verluer. Wann et alt ging heeschen «eng Basis fir zerguttstert Zoustänn» oder «fir uerdentlech Verhältnisser», ower dat do?

Op där selwechter Säit geet Rieds vum Kinnek Jhang séngem «Gebeen». Wat dat soll sin, datt kann een nëmmen unhuelen. (Dat Wuert gouf et och schon an engem Artikel am Heft 23).

Loosse mer nach um Enn vun der Säit 7 dat Wuert «Anlei» ernimmen, dat och vun déisäit der Musel hierkënt a séng Nationalitéit direkt verréit!

Ech hun den Artikel nët méi weider gelies.

Hei as nach e lescht Beispill, aus dem Heft 26: De Latäiner, och vum Tom Thies:

Wann et op Säit 27, 2. Kolonn heescht «en terrible Fläiss... gepuert (sic!) mat enger gudder Portioun Talent», dann as dat alt erëm – ech hat bal gesot «eng Anlei» – vun déisäit, wéi och déi zwee aner Ausdréck aus dem Artikel:

– sou wann d'Mamm den Nicki «drénglech» gebieden huet, wat mir vläicht éischter mat Nodrock gemaach hätten; an

– op der Säit 28, 1. Kolonn, wann do steet, den Nicki hätt sech «ugezun» ir en an de Stallung. Mir aner hätten äis alt ugedoen.

As dat nët eng Blamage fir den Aier, mat där d'Actioun Lëtzebuergesch all déi Joëre probéiert huet, eiser Sprooch erëm op d'Been ze hëllefen?

Dat erënnert un déi Aart a Weis, wéi d'Lëtzebuergesch am Radio zerwéiert gët. Wann esou schlecht Beispiller an eise Medië verbreet gin, da kënt ee schwéier, wann iwwerhaupt, dergéint un.

Op esou eng Aart a Weis as der A.L. hir Aarbecht émsoss!

As et dann nët méiglech, den Auteurs hir Texter ze préiwen, ir se gedréckt gin? Gët et kee Lecteur, deen nët nëmmen no orthografesche Feler kuckt, ma och den Dictionnaire erbäihëlt?

Wa jidderee ka schreiwe, wéi e wëllt, da si mer erëm geschwënn do wou d'A.L. ugefaangen huet. Grad eng Zäitschrëft wéi «eis sprooch» ka sech dat nët leeschten, soss huet se hiren Zweck verfeelt. An da brauche mer äis nët iwwer de «Schrëtt viraus» ze wonneren, deen nach ëmmer an enger Reklam geschert. Dene Leide kann een ee Fanger man, oder de Geck mat hinne man, virschreiwe kann een hinne (leider) näischt. Den Editeur vun enger Zäitschrëft, déi jhust wéint der Sprooch erauskënt, huet ower ëmmerhin d'Recht, wann nët esouguer d'Flicht, fir den Auteurs op d'Fangeren ze klappen, wann d'Texter nët an séngem Iddi sin, grad wat d'Sprooch ugeet.

Näischt fir ongutt, ower ech hätt léiwer eng Parti Atikele manner wéi där do ee weider.

Red.: Wat haalt dir da vun deem, wat hei vir-dru gesot gët?

Friem Feler kritizéieren
as etlechmol wuel gutt;
bedenkt Dir och derniewent,
wat dir alt lósst an dutt?

(M. Rodange: Renert X. Gesank Vers 53-57)

Et wor. . .

Viru 5 Jor, de 27. Januar 1986 as den *Tit Schroeder* gestuerwen; hie wor den 12. 1. 1911 zu New York gebuer. — D'Actioun Lëtzebuergesch gët dëst Jor séng Gedichter eraus.

den 19. 2. 1986 as d'*Ry Boissaux* gestuerwen; si wor de 15. 8. 1890 zu Hollerech gebuer; huet franséisch, däitsch a lëtzebuergesch geschriwwen, e.a. Mäin Diddelénger Geschichtebuch

de 14. 7. 1986 as de *Georges Schmitt* gestuerwen, gebuer den 19. 12. 1907 an der Stad (cf Eis Sprooch Nr. 19)

de 6. 6. 1986 as den *Norbert Stelmes*, gebuer de 25. 5. 1915 zu Ëlwen, Grënner vun de Jeunesses musicales, gestuerwen, 71 Jor al.

den 12. 10. 1986 as den *Hary Turpel*, de Monni Hary, gestuerwen; e wor den 30. 8. 1898 zu Kieme gebuer; wie kennt séng Witzebicher nët?

den 21. 4. 1986 as den *René Eiffes*, Musekprofesser, gestuerwen; e wor de 25. 11. 1914 zu Dideléng gebuer.

de 4.3. 1986 as de Moler *Will Dablem* gestuerwen, 69 Jor al

1986 stiirft och de *Pol Sonntag*; Noruff am Lux.Wort de 14. 10. 1986

de 17. 9. 1986 as de *René Mertzig*, Musécker zu Meaux gestuerwen; e wor den 11.8. 1911 zu Kolmabierg gebuer; den 1. 6. 1989 gouf eng Plack u séngem Hemechtshaus opgehaangen

de 5. 3. 1986 as den *Alfons Pletschette* zu Wangen am Allgäu gestuerwen; e wor de 25. 10. 1912 zu Marienau bei Forbach gebuer an huet déi Déifferdanger Passiounsspiller geschriwwen. (cf Lux. Wort 28. 7. 1986)

virun 10 Jor, de 14. 5. 1981 as de *Lucien Ludwig* gestuerwen, e Mëmber vun der Actioun Lëtzebuerg, deen hir d'Ierfschaft vun «Eis Sprooch» (1952-1962) zoukomme gelooss huet; huet déi éischt Cours-e gehale fir Auslänner Lëtzebuergesch ze léieren.(1974-76); en iwwerzeegeten Unhänger vun der Schreifweis Feltes-Margue vun 1946, déi hien «OLO» (offiziell lëtzebuergesch Orthographie) gedeefft hat; déi mir elo hun huet en «Dixi» genannt.

de 7. 10. 1981 as d'*Nina Lefèvre* gestuerwen, d'Fra vum *Julien Lefèvre*, deen de 4. 1. 1984 verscheed as, an deen eis Dicks-Rodange-Lentz-Plaquette gemaacht huet; d'Nina Lefèvre, Portrismolerin as eng gebuere Kestler; den 21. 4. 1904 zu Taschkent am Uzbekistan, Russland op d'Welt komm.

de 26. 8. 1981 as de Robert *Thill*, Journalist, virum Krich an der Lux. Zeitung, wou e vill mam *Batty Weber* ze din hat, gestuerwen; wor de 21. 10. 1904 zu Bouneweg gebueren.

de 5. 4. 1981 as zu Iechternach de *Monni Jos*, de Geeschtleche Jos. Keup gestuerwen; e wor virun 100 Jor, den 21. 3. 1891 zu Verviers gebuer, ee vun eise gudden Dichter

den 29.9.1981 gouf zu Biissen eng Erënnerungsplack un d'Geburtshaus vum *Jean Tautges*, Schoulmeeschter, opgehaangen; gebuer 1830 zu Biissen, gestuerwen 1871; huet 1863 «d'Lux. Schulblatt» geschafent, éischt Schoulmeeschteschzeitung

den 28. 6. 1981 wor zu Stadbriedemes eng *Dicksfeier*; et gouf eng Plack un d'Schlass opgehaangen, déi de *Guy Hary* geschafent huet.

virun 20 Jor de 15. 12. 1971 as de Schoulmeeschter *Hary Trauffler* zu Mamer verscheed; e wor de 17. 11. 1890 zu Bongerëf op d'Welt komm; 9 Bännercher Kannertheater si vun 1949 bis 1953 beim Worré—Mertens erauskomm; wor virum Krich Mëmber vun der «Hemechtssprooch», am Comité vun «Eis Sprooch» (1952-62), huet am Lëtzebuergeschen Dictionnaire matgeschafft, Mëmber vun der Sproochesektioun; huet d'Zäitschrëft fit d'Kanner, d'Morgenglocken sénger Zäit erausgin.

1971 as d'Actioun Lëtzebuergesch gegrënnt gin.

viru 25 Jor de 5. 8. 1956 as de *Franz Binsfeld* zu Lëtzebuerg gestuerwen, Dichter vun e.a. Stierestonnen; e wor de 5. 8. 1891 zu Wolz gebuer.

den 21. 10. 1956 as de *Marcel Reuland* gestuerwen; de 27. 10. 1960 gouf him zer Eier an der Stad eng Strooss op säin Numm genannt; gebuer zu Iechternach de 16. März 1905. Wat en äis hannerlooss huet steet an «Dem Marcel Reuland säi Wierk», dat 1969 erauskomm as.

Et huet och emol e Marcel-Reuland-Präis vu Radio Lëtzebuerg bestanen, fir den 1961 49 Aarbechten ageschéckt wore gin; Präsident vun der Jury wor den Alph. Weicker.

viru 30 Jor, den 30. 9. 1961 as den *Nik. Pletschette* zu Rëmeléng gestuerwen; e wor zu Steën gebuer an 79 Jor al; hie wor viru Krich Mëmbler vun der «Hemechtssprooch», an der «Eis Sprooch» am Comité a Mataarbechter; Mataarbechter vum Lëtzebuenger Dictionnaire, Mëmbler vun der Sproochesectioun; as zu Betebuerg begruewen

den 13. 1. 1961 as de *Leo Berchem* gestuerwen; e wor de 17. 4. 1897 zu Diddeléng gebuer; huet Theaterstécker geschriwwen; mam Mich. *Molitor* e Buch mat Seërcher erausgin; wor am Comité fir d'Monument M. Rodange, de «Fiisschen» um Knuedler

de 15. 9. 1961 as de *Lucien Koenig*, de Siggy vu Lëtzebuerg, gestuerwen; hien huet d'Uniou 1911 gegrënnt; den 23. 5. 1987 krut en e Monument an de Stad Park gesat.

1961 krut den *Hary Godefroid* zu Rodange e Monument opgeriicht; en as 1942 gestuerwen; gebuer den 23. 9. 1877 zu Jemeppe (Belgien). An der «Festgof» zur Gedenkfeier» steet, wat e geschriwwen huet.

viru 40 Jor 13.7.1951 as den *Nik. Welter* gestuerwen; gebuer zu Miersch den 2.1.1871

1951 gouf d'S.E.L.F. (Société des Ecrivains de Langue Française) nei gegrënnt

viru 50 Jor, den 10. 10. 1941 wor d'*Personenstandaufnahme*, wou de Gauleiter Simon wollt hun, datt mer als Muttersprache «deutsch» missen ugin; mä et kouv anescht, bal jidderen hat als Mammesprooch :«Lëtzebuergesch» op den Ziedel geschriwwen an d'Personenstandaufnahme gouf ofgebrach as den *Nicolas Ries* gestuerwen; hien huet d'Cahiers Luxembourgeois vun 1923 bis zu séngem Doud geféiert, en Essai iw-

wer d'Psychologie Luxembourgeoise geschriwwen, «Le beau pays de Luxembourg», «Le Diable aux champs»; e wor de 26. 10. 1876 zu Flussweller gebuer; Pseudonyme Vedruns a Philinte.

as de *Sosthène Weis*, Moler gestuerwen.

viru 60 Jor, de 14. 11. 1931 as de Komponist J.A. *Müller* zu Lëtzebuerg gestuerwen; gebuer de 16. 7. 1854 zu Iechternach

viru 70 Jor as de Groussherzog Jean, de 5. Januar 1921, gebuer gin

viru 80 Jor, de 17. 1. 1911 as den *Aendréi Duchscher* gestuerwen; e wor den 19. 10. 1840 zu Eschsauer gebuer (cf. Biographie Nationale II. 1948)

viru 90 Jor den 9. 9. 1901 as de *Ferd. Gremling* um Houz gebuer; gestuerwen den 18. 10. 1970 zu Lëtzebuerg; hie wor och ee vun denen déi 1952 gehollef hun «Eis Sprooch» ze grënnen, Redakter dervun.

viru 100 Jor as den 29. 6. 1891 den *Pol Noesen* zu Ierpeldéng/Bus op d'Welt komm; gestuerwen 1960, Lëtzebuerg.

as de *Jean Jacoby* de 26. 3. 1891 zu Lëtzebuerg gebuer; gestuerwen den 9. 9. 1936 zu Mühlhausen; als gudde Sportzeechner krut en 1924, 1928 déi gëllen Olympiamedail.

as den *Dicks* de 24.6.1891 zu Veiane gestuerwen; gebuer zu Lëtzebuerg de 24. März 1823, säi Papp den Ignace de la Fontaine as den 11. 2. 1871 gestuerwen.

viru 120 Jor, 1871 gët d'Neipuert an der Stad ofgerass

viru 130 Jor huet de *Michel Lentz* d'Gedicht «Schuebermëss» publizéiert.

as den *Nic. Warker*, Professor, zu Iechternach gebuer, den 17. 2. 1861; huet mam Godefroid Kurth 1893 zu Arel e Veräin gegrënnt fir d'Mammesprooch (Lëtzebuergesch) a Belgien; huet e.a. «De Bruddermierder vu Bongerëf» geschriwwen; gestuerwen 1940 zu Arel

viru 150 Jor kënn dem *Jean-François Gangler* säi Buch : «Koirblummen un Lamperbiereg gepléckt» eraus.

viru 190 Jor as den *Anton Meyer* den 31. 5. 1801 (II. Prairial an neuf) an der Stad gebuer, Jong vum Hubert Meyer, Schouster, Mamm Elisabeth Kirschenbilder; e gët dat éischt Bichelche mat Gedichter op Lëtzebuergesch 1829 «E Schréck op de Lëtzebuenger Parnassus» eraus. D'Actioun Lëtzebuergesch huet wëles säi ganzt Wierk 1992

erauszezin. Hien as de 29. 4. 1857 zu Léck gestuerwen.

* * *

Aner Notizen

1911 gouf d'ARBED gegrënnt; éischte Prääsident Hubert Müller-Tesch

as d'Alters- an Invalideversécherung entstanen de Veräin «Kunst in der Schule» gegrënnt gin gët den Nic Ries den «Essai d'une psychologie du Peuple Luxembougeois» eraus.

gët d'Assoss gegrënnt

kënnt dem J.P.Erpelding säi Roman: «Die Gläubenden» eraus.

1921, den 3. 7. 1921 as de Physiker Gabriel Lippmann gestuerwen, deen den Nobelpräis 1908 kritt hat, fir d'Faarwephotographie; e wor 1845 zu Bouneweg gebuer

1826 kënnt den 1. Juli de «Journal de la Ville et du Grand-Duché de Luxembourg», déi den M.L. Schrobiltgen leet, eraus (*1789 Lëtzebuerg, + 1883 Iechternach), dat d'Lëtzebuenger Wochenblatt ersetzt, vun deem déi éischt Nummer 1821 komm war an 1824 a 1825 Lëtzebuergesches hat, déi éischt Zeitung am Land op däitsch; 1844 gouf et de Courier du Grand-Duché de Luxembourg, den 8. 3. 1868 dann d'Luxemburger Zeitung

1826 gët den Cercle Littéraire zu Lëtzebuerg gegrënnt; Prääsident an Direkter de Buergemeeschter Schaeffer

1841 gët de 26. 2., d'Dikrecher Mëttschoul e Staats-Progymnasium mat 4 Klassen; dat selwecht Jor och een esou zu Iechternach

den 1. 10. 1841 as d'Handelskammer gegrënnt gin **1841** krute mir eng Verfassung vum Wëllem dem II.

1841 hat Lëtzebuerg 177. 268 Leit

gët den Ignace de la Fontaine Gouverneur ad interim, deen éischte Lëtzebuenger un der Spëtzt vum Land; Papp vum Dicks

koum dat éischt Schoulgesetz; vun 392 Primärschoule sin der 216 d'ganzt Jor op, 37 nëmme 6 Méint, 139 mander ewei 6 Méint; Schoulmeeschtere woren 13 Geeschtlecher, 21 Koschter, 1 Wiirt, 4 Gemengesekretär, 34 Handwierker an 19 Doléiner (Handarbeiter)

1846, den 6. 12. as déi éischt Nummer vum «Grenzbote» do, deen de Prof. M.Hardt erausgët.

1851 halen d'Redemptoristen déi éischt Vollekommissioun, déi de Bëschof Laurent geruff hat an zënter 1851 definitiv zu Lëtzebuerg sin.

1866 Cholerajoër

1791 schreift de Provinzialrot de Gemengen si misste Schoulmeeschteren astellen

1741 as de Brudder Abraham vun Orval, Familiennumm Gilson, Molerbrudder gebuer, gestuerwen 1808 zu Florenville

1741 publizéiert de Jean Bertholet vu Vielsalm d'Histoire ecclésiastique et civile du Grand-Duché de Luxembourg

den 6. 11. 1691 stierft d'Maria Zorn, *1625, déi den Uerde vun de Spidoolschwëstere Hl. Elisabeth gegrënnt huet, begruween an der Méchelskiirch.

1741 as déi éischt Gierwerei zu Klierf

1441 verkeeft d'Elisabeth vu Görlitz dem Philippe vu Burgund hir Rechter op Lëtzebuerg fir 11.000 Gulden an eng Rent op Lieweszeit vun 8000 Gulden; gestuerwen a begruween zu Tréier den 3. 7.1451

1141 rífft de Kinnek Geisa Leit aus Westdäitschland, Muselfranken a Siwenbüirgen; e Lidd zeit dovun: Nach Ostland willen wy reyden

691 geet de Willibrord fir d'éischt op Roum

zesummegeraaf aus:

Tatsachen aus der Geschichte des Luxemburger Landes vum P.J. Muller (1963)

Geschichte der Luxemburger Mundardichtung, Band I an II, vum Fern. Hoffmann; «Die im Luxemburger Land lebten und webten vum Gregor Spedner; egen Notizen.

Aus dem Bicherbuttek

Do kann een och soen: «wat d'Wiel méi grouss, wat méi gehäit». Et as nees eng Kéier esouvill um Bichermaart, datt een nët weess wéi a wat a wou. Schéi, mat lackelegem Deckelen, schéi faarweg, gebonnen a geheft, deier a manner deier, sele sin se bëlleg.

Aus deer ganzer Rëtsch hu mer der haut en entlech erausgeholl, déi mer iech mat guddem Gewësse rodé kënnen se unzeschaffen. Se sin alleguer an eiser Sprooch geschriwwen, wat se sécher nach méi «attraktiv» maachen, well mer jo zënter 1984 eng Nationalsprooch hun, déi et wuel ëmmer wor, mä du legaliséiert as gin.

Dat eent as dem *Milly Thill* säint an deem hatt erzielt aus sénger jonger Zäit «*Vun déi Säit der Syr*», mam Ënnerstitel: aus der Schoul geschwat (1936-1945). D'Buch as esou léif presentéiert, mat faarwege Biller aus deer Géigend vum Land, an deem et op 355 Säiten 51 Erënnerongen op eng häerzeg a riichtewech Aart a Weis erzielt, mat enger Freed sonnergläichen, mat Eenzelheten, datt een dat alles mengt mat ze erliewen. Et mengt een et séiz een an der Uucht, wou d'Noper mat him poteren an ewéi wann et géif heeschen: weess de nach. Säin Talent fir z'erzielen as nach ganz no an deer Zäit, lieweg, spontan, heidsdo vläicht bësse vergullt. Ob dat nun déi Zäit vu virun dem Krich as oder déi aus dene battere Joren am Krich, alles as esou grondéierlech duerbruet, derbäi an enger gudder Hemechtsprooch, datt esouguer e Wuertfuerscher hei oder do Wieder fént, déi deem gefale mussen. D'Milly Thill hat séng éischt Geschicht am Sonnesblat publizéiert déi dono am Lux. Wort viru komme sin. Nieft denen Erënnerungen, déi een do konnt liesen, sin der nach eng Parti derbäi komm. Et kënt een elo higoen an déi 51 Erënnerungen opzielen, déi am éischten Deel vun 1936 bis 1940 an am zwete vun dunn bis 1945 gin, mä dat sollt een emol selwer kucken, wann een d'Buch am Buttek nëmmen esou derduurch bliedert. D'Milly Thill as Léierin, an et schreift am Virwuert, datt et séngen Elève merci seet, déi an

der «*classe de fin d'études complémentaire* sin, zem gréissten Deel portugisesch Kanner, déi ganz begeeschert méng Erzielungen illustréiert hun. Op déi intressant Manéier as et mir pädagogesch gegléckt, si iwwert eis Sprooch, mat an eis Geschicht a Kultur, un eis Traditionen a Gebräicher, eranzehuelen a si drun z'intresséieren.» — Dat soll och hei betount sin. — D'Illustratiounen, vun dene Kanner a vun der Autorin selwer, maachen dat Buch nach méi «attraktiv» a verdäitschen dat Geziels op eng häerzeg Manéier.

D' Buch «*Vun déi Säit der Syr*» vum Milly Thill, mat dene faarwege Fotoen op den zwou Deckelsäiten kritt ee fir 850 Frang an de Bicherbuttecker oder beim Verlag St. Paul, Postscheck 12-12, Lëtzebuerg. A wann der et kaaft, maacht der dernieft nach e gutt Wierk, well d'Autoren léisst hiren Deel vum Bénéfiss der «*Ecole de base*» zu K. D'jabasso Nouna, Burkina-Faso iwwer «*Chrëschten am Sahel*» zoukommen.

En anert Buch, dat mer hei virstelle wëllen, dat geet och an dee Streech, Erënnerungen aus der Kannerzäit. Et sin *Eislécker Erënnerungen vum Raymond Schaack*. Op 245 Säiten erzielt de Raymond Schaack aus sénger Kannerzäit an deer hien am Krich zu Klierf wor, wou säi Papp, den «*Här Riter*», sech mat dem klenge Gestreits um Friddegeriicht huet missen erëmbaalgen. An denen 21 Erënnerungen geet et am éischten ëm Bomiën an der Stad, wou en 1936 op d'Welt koum an 1938 mat séngen Elteren op Klierf geplënnert gouf. Wann hie schreift, datt déi éischt Erënnerung, déi as, wéi e séngem Bridderchen eng gespilt huet, dann as dat eng Geschichtchen ewéi et deer alt mat méi jonge Gesëschter geschitt (de Schreiwier heivun huet eng Kéier séngem Bridderchen de Mond voll Liefkuch gestach, well en ëmmer gebläert huet), aner esou Saachen ewéi mam Bopa, de Leit aus der Noperschaft, vun hiren Déngschtmedercher, de Spiller, de Massendénger, den éischte Schouldag, d'Fester, déi stéckseg Kiircheloft asw. si lëschtteg-tragikomesch Erënnerungen aus dene 7 Jor, wou en

zu Klierf gelieft huet. Déi aner awer, wéi d'Preise komm sin, mat all hire Mësslechketen a Verdrësslechketen, der Resistenz, an dann d'Rundstedtoffensiv sin dach awer Geschichten, déi wuel en Ussproch op Geschichtlechheet hun. Aus all dene klengen Eenzelheten kann een d'Liewen aus deer Zäit erausspieren an et kann ee sécher sin, datt no enger Rétsch vu Jore munnech ee (lokale) Geschichts- a Folklorfuerscher Donnée fënt, déi him weisen ewéi et deemols wor. Ewell haut kann een dat soen, wien denkt iwwehapt nach drun, datt d'Jongen, grad ewéi d'Medercher, Schiirtecher unhaten, fir an d'Schoul ze goen? Wat den Auteur vun deer Zäit vun der Rundstedtoffensiv esou getrei do beschreift as eng Saach iwweh déi déi geléiert Geschichtsmänner liichtschaz ewech gin oder jhust an engem Saz ernimmen. Hei haten se sech an e Fielsekeller eragedréckt an et gouf Zäit, datt de Krich bal eriwwe war, well wéi et ugefaang huet z'entdäen as d'Wasser aus de Fielsen nëmme méi esou gelaf kouw. — Mä elo hu mer äis ewell bal zevill vun denen eenzele Geschichten ustieche gelooss, déi den Autor nach mat Gedichter «geréscht» huet, déi mam Gezielt ze din hun, déi emol gutt oder manner soll gerode sin. Wat awer nach apaart betount soll gin, dat sin dem *Otto Nalezinek* séng charakteristesche Zeechnungen, déi dat Gezielt esou richteg ënnersträchen. — De Raymond Schaack wor bis 1945 zu Kliäref, hie schreift haut aus der «Entfernung» a kann esou deem aus der Kannerzäit séng «Kommentare» bäiflécken, dat nët stéiert, éier d'Kandserënnerung an eng aner Dimensioun bréngt. — Wat bléif nach vun deem Buch ze soen, datt de Stil, d'Ausdröckswies mat deer vun dem Milly Thill ofwäicht, hei dat méi distanzéiert, do dat méi direkt. Et sief, et sprécht een ëmmer un, an et as gutt, datt et geschriwwe gouf. Mä nach eng Kéier dee Rot, loosst Iech d'Buch an engem Bicherbuttek weisen, kuckt dran, dir kënnt sécher sin, datt et iech gefällt, nët nëmme dene Kliärwer an Ischpelter, ma och de Guttländer, a wann et och nëmme d'Spichte vun Dr. Kéiner wieren, wéi déi lieweg Aart a Weis, wou d'Liewen am Dagdeeglechen (zu Ischpelt an der Vakanz) sou getrei beschriwwe as.

— Déi 2 Bicher sin am Verlag St. Paul, Postscheck 12-12, an an de Bicherbuttecker «dat hei fir 890 Frang» ze kréien.

* * *

Zwee Kannerbicher oder zwee Bicher fir Kanner. Loosse mer do mat deem ufänken, dat fir déi aus dem éischten an zwete Schouljor as: *D'Kira an de Buschtawesträit* vum Chantal *Schenten-Keller*, 70, rue du Château, L-3217 Betebuerg, dat illustréiert as gi vum Pascale *Junker*. Dat richteg schéint Buch, mat denen apaart lackelege, faarwegen Illustratiounen as jhust virun Neklosdag erauskomm, op lëtzebuergesch an och op däitsch ze kréien, d'Lëtzebuergesch gouf vum Néckel *Rollinger* nogekuckt. — Ëm wat geet et? Mä einfach fir dem Kira, dat 8 Jor huet, an nët gär séng «Hausaufgab» mécht, vill léiwer mat séngem Mippche «Wusch» spillt wéi d'Buschtawe léieren ze schreiwen. — Wéi et schéngt léieren d'Kanner haut eréischt am zweten an drëtte Schouljor d'Buschtawe schreiwen, wat mir Al an eiser Ibenzäit am éischte Schouljor, déi éischt Deg, mam Griffel an d'Lä gedréckt hun. — Dat schéint Buch fir Kanner as geduecht «fir déi alleguer, déi an d'Schoul gin, an un déi, déi viru ville Joëren dra gaange sin». — Den Drock as duurch d'BIL an de Kängruh-Club méiglech gemaacht gin. Et kascht 495 Frang a ka bei der Autorin, sief et op lëtzebuergesch oder op däitsch, bestallt gin; an de Bicherbuttecker as et awer och ze kréien. D'St. Paulus-Dréckerei huet mat deem Buch e Bewäis gin, datt och schéi faarweg illustréiert Bicher fir Kanner hei am Land fir en akzeptabele Präis gedréckt kënne gin.

Dat anert as dat vum *Guy Rewenig*, deen äis mam *Muschkilusch* Geschichte fir Kanner op 134 Säite virleet a vum *Renée Weber* illustréiert sin, déi ganz gutt zu all Geschichtche passen. De *Muschkilusch* as am Verlag *Op Der Lay*, Robert Gollo Steffen, 2, Op der Lay, L-9560 Esch-Sauer, Präis 450 Frang erauskomm an hat am Nationale Literaturconcours 1989 eng Auszeechnung kritt. D'Buch schéngt engem méi geduecht ze si fir eler Kanner, wann nët fir Erwuessen, wéi fir Klenger, déi éischter Freed un de gudden Illustratiounen hätten ewéi um Text.

Et as eng Freed dem G. Rewenig séng Wuertspillereien, franséich - lëtzebuergesch, ze liesen; zitéiere mer dofir nëmme «*Muschkilusch*» dat «*mouche qui louche*» ze verstoen as. Déi 39 Geschichtercher mam Kätt, dem Glenn, der *Muschkilusch* asw. si flott geschriwwe an amusant, mä et freet een sech (ech mech), ob dat wirklech an de Stéit esou as wéi et do duergestallt gët, wou gejaut, gebrëllt, gesoff gët, wou d'Mamm fort as, well de Papp se zerschloen huet.

...

Dofir, as dat eng Lektür, fir kleng Kanner, souguer wann doran d'Wiirklechkeet beschriwwe wir vu Stéit, déi engem dach als «Kannerlektür» ze denke gin; gët et da keng aner Stéit oder as dat nët méi modern genuch oder as een (ech) ze al fir et ze verstoen?

Et sief awer erlaabt e Wuert vun der Schreifweis an denen 2 Bicher ze soen, well se widder an deem engem ewéi an deem aneren dem Gestz entsprécht. Soll an engem Kannerbuch dann nët méi dorop opgepasst musse gin, well d'Kanner esou Wieder bal esou, bal anescht gedréckt gesinn. (hat fir hatt, Buschtaw fir Buschtaf, em fir em, lāscht fir lescht, gleewen fir glewen, d'huet fir 't huet, Eddi fir Äddi, Flilléken fir Flillécken, jhauwt fir jhauft asw.) Déi Bemierkung soll nët als vun engem Kriddelschass verstane gin, mä aus deer Suerg, fir d'Kanner nët irzeleden an duurchernee ze bréngen, well s'an der Schoul anescht gewise gin.

* * *

Dat 24. Buch vun de *Wormer Muselbicher* erënnert un d'Franziskanerinnen, déi vun 1890 bis 1969 zu Wormer esou vill Guddes gedoen hun. Den Titel *100 Jor Wormer Klouschter 1890 - 1990* géif een unhuele loossen, datt d'Schwësteren elo nach do wiren, wat awer nu leider nët de Fall as, et gët drun erënnert, datt virun 100 Jor, d'Schwësteren zu Wuermer hiirt éischt Haus kritt haten a bis 1969 do bliwwe sin. — D'Broschür presentéiert sech schéin, mat enger Zeechnung vum Mariette *Laux* um plastifizierten Deckel, an op dene 86 Säiten gët een esou Munneches iwwer hiirt Wiirken zu Wuermeldéng, an derbäi nach vill Aneschteres vun de Fransiskanerinnen hei am Land gewuer. Zitëiere mer nëmme: No de Wieder vum Erzbëschof Jean Hengen, dem Buergermeeschter Jos. Pündel-Mathes, dem Amiperas-Präsident Jeannot Frantz, stellt de René Muller den hl. Franz vun Assisi; vir, dann d'Mutter Franziska, déi den Uerden hei zu Lëtzebuerg gegrennt huet, dat selwecht geschitt och vun der Schwëster Monique Marx, wou dono de René Muller déi 100 Jor vun de Franziskanerinnen zu Wormer beschreift. D'Generaloberinne vun Uerden zënter 1851, d'Oberinnen am Klouschter vu Wormeldéngen, d'Franziskanerinnen aus der Uertschaft, d'Schwësteren aus dem Klouschter, déi an denen 79 Jor an der Krunnergaass woren, d'Kléischer vum de Franziskanerinnen (29 vun denen der haut nach 12 bliwwe sin) gin opgezielt.

En Auszuch aus dem Prof. Emile Donckel séngem Buch iwwer Lëtzebuenger Kongregatiounstëfter, eng Erënnung un d'Marie de Zorn an d'diamante Jubiläum vum Pachtouer Nic. Seywert schléissen dat illustréiert Buch. — Et muss een nees dem René Muller merci soe fir déi Aarbucht, fir déi Aier, déi en huet fir déi Bicher erausze gin, zemol, well se nët nëmme Wormer oder Wuermeldéngen eleng eppes ze soen hun, mä och iwwer d'Duerfgeschicht erausgin.

* * *

Däi Wëll soll geschéien nennt sech d'Gebietbuch vum Elly *Schmit-Weber*, 5, rue de la Montagne L-6911 Rued/Sir, Mëmber vun der Le Fort-Gesellschaft fir krëschtlech Litteratur, Würzburg dat si mat Léift verfaasst huet. D'Gebietbuch, da mat Grafike vum Nico Maria *Klein* häerzlech illustréiert as, mat Virwieder vum Marie-Franc Bemtgen-Jost, Bartréng an der Marianne Käwohl, Freiburg/Br. as fir al, schwaach a kran Leit geduecht. Et kascht 200 Frang plus de Porto

* * *

D'Vesprieche vum Weltfridden; eng Deklaratioun un d'Vëlker vun der Welt, mat enger Aféierung vun der Chamberpresidentin Erna Hennic Schoepges as elo op lëtzebuergesch do, Iwwersetzung vum Georges Pfeiffenschneider, un c de Robert Siuda eng Hand mat ugepaakt huet vun der Bahai, Lëtzebuerg erausgi gouf. — J Bahaismus, zu persesch Baha Ullah (Glanz Gottes) as den Eierenumm vum Grënner, dem Mi Husain Ali (1817-1892) as eng nei universal Religion, déi aus dem Islam entstanen as (nom I den).

* * *

Kabarä. De *Jhemp Schuster*, gebuer den 29. Februar 1948, e fräischaffende Schriwer, bekannt Kannertheater «Jaddermunnes», kabarä sch bis elo 30 Kannerstécker an 10 Kabaräsprogrammer, Kuurzgeschichten, Hörspiller a Lidde Kanner a Grousser geschriwwen huet, dräin Lëtzebuenger Litteraturpräis fir de beschte Kabarä krut, de beschte Kabarettist fir 1990 gekouf, leet äis elo dat Buch mat Kabarästexte «Rout, wäis, schro», a «Geschnauft» op Dësch mam Titel «Schnëss-Stécker». Wann den 29. Februar gebueren an e Fräischaffende as, da muss ee *Schnëss-Stécker* hun, esou wéi

deen um Titelbild vum Renée Weber d'Schnëss esou oprappt, datt ee mat engem heegelederte Won kënt erafueren oder esou wéi et vun engem gekockelte Wäissfësch gesot gët. — Nu gutt an deem Buch, dat Op der Lay, beim Gollo *Steffen*, L-9850 *Esch/Sauer* erauskoum a fir 400 Frang (Postscheck 89095-49) ze kréien as, as eng Auswiel vum J.Schuster sénge beschte Kabarástexter aus de leschte Joren. Et heescht et kënt een derbäi schmunzelen oder laachen oder och emol derzou kommen, fir nozedenken, dat soll deen dann erausfannen, deen sech et uschaaft. Mir hun dat alles alt emol fäerdeg kritt, mä et as ewéi mat engem Theaterstéck, dat ee liest, et muss ee sech et lieweg virstelle kënnen, sech et lieweg maachen, wéi den Autor seet, an dem Mady et zouerkant huet, dat «dës Texter lieweg gemat huet».

* * *

An de Publikatioun vum National Archiv as an der Serie «Etüden» eng éischt Nummer erauskomm. Et as: *Déifferdang am éischte Weltkrich* vum Armand *Logelin-Simon*. Op 89 Säiten gët hei, mat Dokumenter an Illustratiounen, déi batter an uerg Zäit vum éischte Weltkrich ganz particeleg beschriwwen a weist wéi arem a wéi aremséileg et deemools fir d'Leit war. — De *Cornel Meder* schreift am Virwuert «Kleng Geschicht»: . . . nët di ideologesch Prinzipien, nët di wirtschaftlech, nët di militäresch Strategien interesséieren hien (den A. Logelin) - séng Welt as nët dat, wat sech historesch ofspillt - séng Welt, dat sin déi kleng Leit, déi un deem brucken, wat déi «Déck» ausgefriess hun». - Sou as et och; a wann een déi verschidden Ofschnëtter duerchliest, da gesäit een dat ëmmer méi, wéi den Honger grouss wor, wéi Leit sech an deer Zäit mat hire Matmënsche beholl hun asw. Et as eng wiirkelech fläisseg Aarbecht, déi déi kleng, batter Geschicht vun dene 4 Jor weist. Loose mer awer soen, datt d'Buch ganz op Lëtzebuergesch geschriwwen an an der Dréckerei Guy Kieffer a 500 Stéck gedréckt gouf. E Wuert sief awer iwwer d'Sprooch erlaabt, wou mer misse gesinn, wéi se changéiert odder vun deem ofwäicht, wat een (ech) géif anescht soen. Bei äis gouf d'Holz ëmmer, elo och nach, gehaen an nët geschloen, mir hun an haten ëmmer e Leëndecker a keen Daachdecker, mir hun och keen hongere mä hëngere gelooss, de Boni wor bei äis méi wéi derwärt an nët filleswärt, (ee vun do aus dem Duerf sot mir: mir si vu Rolléng, déi Jong soen awer

Lamadeleine), mir haten alt emol Mëschler fir Brout ze baken, dat kee Mëschelsbrout gouf, et wouss kee wat Kachspeek wir, a Schluppäer, a Këschtëner, 't sin och keng Leit fäschte ma fechte gaang. Wéi ee Gëft a Gal iwwer Hol a Mol späize kann as engem nees nët klor. D'Alliteratioun as schéin a gutt, mä se guet sech nët; déi Zäit gouf et nach nëmmen Zeitungen, woufir da vu «geschriwwener Press» schreiwen, wat engem och widder de Stréch geet dat sin déi Verbal (Partizip.) - adjektiven: ugeluechtent Grënnongsfest, schaffend Klass. Nu gutt, dees Geméich genuch, well mat Freed fënt een awer och Ausdréck, déi al buedemstänneger sin, ewéi benter, gedit.

Wann nach eppes iwwer d'Schreifweis gesot sollt gin, da wir et, datt nieft an nët niwët, dréchen, geséichert geschriwwe sollt gin an nët dréchen a geséichert. . .

Alles wat hei virdrun iwwer d'Sprooch an d'Schreifweis gesot gouf, soll nët quiesch opgeholl gin, et soll nëmme jhust drop higewise gin, wéi dat sech mat der Sprooch huet, well et schuet dem Buch glat a guer näischt, wat zielt, as datt et do aus enger Zäit, déi arem a batter wor, mat vill Nosichen a Fuerschen, de Leit vun haut weist wéi et du wor, well déi vill Jonger sech haut esou Zäiten nët virstellen, vläicht och nët richtig begräife kënnen.

* * *

Eng nei Lëtzebuurger Bibliothéik as geschafte gin. Et as de Litterareschen Archiizenter, deen 1987 gegrënnt gouf, dee mat dem Ministär vun de Kulturelle Saachen an dem Staatsministär a vun engem Grupp vu fënnf Editeuren (dem St. Paulus-Verlag, der Editioun phi, Borschette, Schortgen a Mersch) gehollef kritt, déi, nieft der moderner Produktioun, Autoren aus fréieren Zäiten 19. an 20 Jb., wëllen, datt e puer vun hiren interessante Wierker ze Liewe bléiwen. Déi Serie soll verschidde Konditiounen erfellen: d'Texter gi vu Fachleit verschafft, mat Kommentaren derzou, an esou iwwer d'Wierk ewéi iwwer den Autor eppes vermëttelen; d'Auswiel misst thematesch variabel sin (Theater, Nouvell, Roman, Poesie, Essay asw.) an déi dräisproocheg Situatioun vun der Lëtzebuurger Litteratur erëmgin; d'Oplo muss béich genuch sin, fir datt d'Wierk eng Zäit laang ze kréien as; de Präis vun de Bicher soll esou gehale sin, datt och jonk Lieser (och am Kader vum Schoulprogramm) Intressi fannen, an esou iwwer d'Autore Bescheid kréien. D'Oplo vun all Buch as

2000 Stéck a gët nieft dem Verlaggrupp och an de Bicherbuttécker verkaaft. Sou ongeféier heescht et am Reklamsziedel, dee mer kritt hun. Et kann een nēme frou dorivwer sin an et wēnscht een, datt dat, wat geplangt a virgesin as, och duerschléit.

Wéi et schéngt kommen da vun Zäit zu Zäit all Joër dräi Bicher eraus: eent lëtzebuergesch, eent däisch, eent franséisch.

Déi elo do sin, sin als Nummer 1 d'«Léierche» vum Michel Rodange, dat zweet de Marc Bruno vum Félix Thyès; dat drëtt en Theaterstéck vum Nik. Welter: d' Lene Frank.

Wat äis am meeschten intresséiert, ounst dobäi awer de Wäert vun denen aneren z'ennerschätzen as d'Léierche vum Michel Rodange, dat d'Actioun Lëtzebuergesch an engem borgenē Facimilé 1973 erausgin huet. Vun deem Facsimilé sin haut nach eng 20 Stéck do, déi ee fir 500 Fr. an der Actioun Lëtzebuergesch B.P. 98, L-2010 Lëtzebuerg, kréie kann.

War et nun néideg dat Gedicht nach eng Kéier erauszeigin? Mir menge jo soen ze kënnen, well et hei ganz akribesch vum Alain Atten kommentéiert gët, déi verschidde gedréckt Fassongen analyséiert an d'Situatioun vum Akerbau aus deer Zäit, 19. Jorhonnert, duerleet. Den Alain Atten huet hei eng benediktesch Aarbecht gelescht, déi sech an dene verschidde Ofschnëtter weisen. Et gët fir d'éischt dem Michel Rodange (1827-1976) säi Liewen a säi Wierk beschriwwen; dono gët d'Léierchen an alle Fassongen ennersicht (wéi a wou a vu wem ewell eppes dervun oder ganz gedréckt gin as), dono kënt dann den Text vum Léierchen an der Urhandschrëft mat enger Transkriptioun an der Schreifweis vun haut, nom Lëtzebuerg Dictionnaire, wou en textkriteschen Apparat a Verskonkordanz mat engem grouse Glossar ofschléisst. Déi «Zeittafel zur Geschichte der Landwirtschaft» zu Liefzäite vum M. Rodange as nēt nēmmen intressant, mā weist äis wéi et op deem Gebitt vun 1819 bis 1876 ausgesin huet. E puer Illustratioune fir dat Ganzt passe gutt bei dat Léierchesgedicht. (Plou, Hobitz, Monument Dombasle zu Nanzeg)

Nu, kuurz a gutt, den Alain Atten huet hei eng Aarbecht gemaacht, déi wuel séng Zäit gebraucht huet fir esou partickelg an ausféierlech iwwer déi verschidde Aspekte vun deem Lidd ze informéieren, datt ee mat rougem Gewesse ka soen, datt wuel knaps nach eppes do z'erfuerschen an nozesiche bleift.

All Buch aus der Serie kascht 450 Frang, déi dräi zesumme kritt ee fir 1200 Frang, e Präis, deen och dee mat engem méi dënne Portmonni aussetze kann, wann en sech och nēmmen e bēssche fir eis Litteratur intresséiert.

Déi aner zwee Bicher, dat vum Félix Thyès (1830-1855) «Marc Bruno», e Roman kommentéiert de Frank Wilhelm, mat Bréiwer vum Thyès, Kritiken iwwer d'Buch aus deer Zäit an dono. Dee Band, mat Illustratioune, huet esou 317 Säite kritt.

Dem Nik Welter (1871-1951) säin Theaterstéck «Lene Frank» gët vum Germaine Goetzinger ennersicht a kommentéiert, no litteraschem, politischem Geschéien, an no alle Säite beliicht, eng Bibliographie maachen dee Band wuel interessnt. En as illustréiert an huet 194 Säiten.

* * *

De Claude Meintz huet an dem National Archiv eng zweet Bibliographie vun der Lëtzebuerg Litteratur 1989 mat engem Supplément vum Jor virdrun zesummegesicht, déi an der Serie «Centre d'archives littéraires et d'études de la littérature nationale» erauskomm as. Oplag 1500 Stéck. Fotoë vun: Heinen Nicolas, Lily Unden, Marie-Louise Tidick-Ulveling, Christiane Schlechter-Wirtz, Evy Friederich. Nēt manner ewéi 1726 Nummere gin opgezielt. Autoren an analytischen Index. 154 Säiten.

* * *

De Lëtzebuerg Litteratur Archiv huet, fir un de René Engelmann ze erënneren, eng Ausstellung opgebaut, déi zu Veianen vum 9. November bis den 2. Januar 1991 war an zu Dikrech vum 11. Januar bis 27. Januar gedauert huet. Fir déi Ausstellung iwwer de René Engelmann, 1880-1915, Liewen, Wierk, Zäit huet de Cornel Meder mat dem Claude Meintz en déckege Katalog ausgeschafft (430 Säiten) an deem alles, wat elo iwwer a vum R. Engelmann gewousst as, ze fannen as. Et muss eng Hedenaarbecht gewiescht sin, fir dat alles beieneen ze fannen an ze rafen, dat hei opgezielt gët. Dat wiirklecht schéint a gutt Buch as eng Publikatioun vun der Fondatioun Servais an as an de Bicherbuttécker fir 650 Frang ze kréien. Oplag 1000 Stéck. Drock Kremer-Muller & Cie, Féiz.

* * *

An drëtter, iwverschaffter Oplo as e Buch, *Lëtzebuurger Texter*, fir d'7^{ième} a 8^{ième} mat 400 Säiten erauskomm, déi op denen zwou éischten opbaut an e Koup néi Texter vun eise Schrëftsteller vun haut derbäi komm sin. D'Buch as an zéng Kapitelen agedeelt, déi vu «Land a Sprooch», iwwer «aus aler Zäit, schwéieren Zäiten, Lëschtetes, Zäitkritik a sozial Problemer, Theater, Cabaret an aner Dialogtexter, Lyrik, Epik (Epos, Ballad, Roman), Saachtexer a Sproochtheorie» reecht. Et kann ee mat rouegem Gewëssen dat ënnerschreien, wat déi Kommissioun (Fernand Rasquin, Jean Rinnen, Jos Schmit a Paul Schumacher), mengen, datt dat Buch nët nëmmen e Schoulbuch as, mä eng Anthologie, déi vill Grousser kafen a liesen. Grafiken, Zeechnungen a faarweg Illustratioune maachen dat Buch nach méi attraktiv, Illustratioune, déi aus deer éischter an zwitter Editioun iwwerholl si gin, wou de Charel Schmit an de Roland Gaul neier bäigesteiert hun. — D'Bemierkung iwwer d'Schreifweis kann een unhuelen, wann een (ech) och léiwer gesinn hätt, datt se konsequent no de Regele vun deer offizieller duerchgeféiert wir gin, ofgesi vun dene lokale Mondaarte. Et mag sin, datt de Schluss «n» am Minett nët esou ausgesprach as, mä, no deer Analys vum J.P. Goudaillier weess een nët wou en «n» ophält an dee vum neie Wuert (dat mat engem «n») ugeet, well se aneeneen iwvergin, wann nët extra ofgebrach gët. Datt den (Hittchen) duurch eng Tild ersat gouf kann een nëmme gutt halen. Eng kleng Bemierkung sief erlaabt: den Tit Schroeder as zu New-York gebuer; de Ferd Gremling as 1970 zu Lëtzebuerg gestuerwen; de Guelf Nic. gouf am Duerf «Bock, de Schwaarze» genannt.

* * *

An dem phi-Verlag, B.P. 66, Iechternach as mat der Ënnerstëtzung vum nationale Kulturfong dem Nico Helminger säi Roman *Frascht*, 342 Säiten, Präis 960 Frang erauskomm. E moderne Roman, heescht et, mat all séngem Modernen a Verwureltem, guer nët schlecht geschriwwe fir dat, wat e wëllt soen. Ëm wat et geet: do as een e puer Deg um Wee fir heem, ouni sou richtig ze wëssen, wat mat him geschitt, en hat jhust wëllen e bëssen danze goen, an elo as en an engem Trëndel, aus deem en nët méi erauskënnt. . . esou an der Ukënnegung. Den Autor, deen 1953 zu Déiferdang gebuer as, däitsch, franséisch an Theaterwëssenschaft am Centre Universitaire zu Lëtze-

buerg, op den Universitéite Saarbrécken, Wien a Berlin studéiert huet, eng Zäit laang zu Paräis an zu Lëtzebuerg Schoul gehalen huet, Freed mat Wuertgespills huet, Ausschnëtter aus Zeitungge mat erapecht, alles kleng schreift, e «Vocabulaire, Lexique, Index, Alex» séng Fantasi a Kombinatioun mat de Wierder fräi lafe léisst a Fänkes spillt, jongléiert. . . mag engem gefalen oder nët. Do soll de Lieser selwer uurtelen.

* * *

Bléif äis nach eppes vum «Mariekalenner» 1991 ze soen an deem de *Raymond Schaack* fir all Mount e Gedicht verfaast huet, déi sech op d'Stad bezéien (Plëss fir Plëss - Darem gefällt mer nët) an *d'Monique Hermes* op 4 Säiten iwwer d'Lëtzebuergesch an der Schoul vun deemools an haut munches ze soe weess. Et brauch een de «Mariekalenner» nët weider virzestellen, deen 1991 fir d'110. Kéier erauskomm as, en Zeechen, datt en ëmmer nach vill Uklank bei de Leit fënt an deen eenzegen as, deen op esou en Alter kann hannescht kucken. Vun denen anere sëllege gët et nach de Bauerekalenner, deen et bis elo gepackt huet.

* * *

An zu gudder Lescht *d'Sandweiler Notizen*, Nr. 3, well d'Lëtzebuergesch do och matschwätzt, et sief am Artikel d'Chronik vun den Duerfstrossen oder al Sandweiler Hausnimm, Flouer- a Stroossennimm, apaart dach dat iwwer déi Sandweiler Sprooch, déi awer am Vergoen as. De Jhemp *Stein* schreift, datt zu Sandweiler den «a» e bëschen duurch d'Nues ausgesprach gët a vill Wieder laang a breet duurch de Mond gezun a ganz oft (fir wat nët «dacks») de Vokal «oa» virkënt ewéi an «Toart», en huet «gefoart» oder «äe» ewéi «äessen, fräessen». . . Well een nun nach selten (fir wat nët «selen») am Duerf eis Sprooch, héchstens nach am Gespréich mat e puer ale Sandweiler, héiert, bei de Schoulkanner bal guer nët méi, sou war et derwäert, déi puer nach bekannt Wierder schrëftlech festzehalen.

* * *

Patrimoine Nr. 5. heescht eng Rei vu Mappen, déi am Verlag Emil Borschette, L-7640 Krëschtnesch, erauskommen a vum *Carlo Haas* gemoolt sin. Déi ganz schéin Aquarelle vun nationale Monumenter hun an deer Fënnefter Mapp deer Biller

vu Lëtzebuerg (Tur Malakoff), Heeschdrëf (Stesel-d'Haus wou d'Schwësteren haut dra sin.), Ierpeldéng (Ettelbréck), Rouspert (Tudorshaus), Branebourrg, Huelmes, Weiler z. Tuurm an Uewerwampech (wuel d'Cicignon-Haus). D'Mapp kascht 1500 Frang, Format 250×350 mm, as an engem Portofolio, se kënnen esouwuel an der Mapp selwer versuergt ewéi agerummt gin, maachen op déi lescht Manéier esou e Raum schéi lieweg, well d'Faarfkompositiounen een esou richteg usprieche. D'Serie as mat aacht Mapp geplangt vun denen déi véier éischt ewell vergraff an héchstens nach am Antiquariat ze kréie sin. Bestelle kann ee sech dës Mapp, an déi dono beim Verlag Emil Borschette, Postscheck 88560-96.

De Moler, de Carlo Haas, as de 6. Juli 1945 zu Eschduerf op d'Welt komm, wunnt zu Kolm-Bierg an hat vu Kanddeën u vill Freed mam Molen an Zeechnen; mat 15 Jor (1960) huet e fir d'éischt probéiert de Pënsel méi professionnel ze brauchen, gouf Member vun den «Amis de l'Art»

vu Wolz, a bis dohin Autodidakt, huet en e Cours bei de «Famous Artist Schools» (1966) matgemaacht, du 1983 d'Technik vun der Aquarell-Molerei geléiert an a méi ewéi 20 Ausstellungen séng Molereien ausgestellt. — Wéi gesot, et si schéin Aquarellen, déi een sech emol an engem gudde Bicherbutteck sollt weise loossen, se sin et derwäert.

* * *

Aus den Zeitung si mer gewuer gin, datt en neit Buch fir Kanner mam Titel: *D'Geschicht vun de Stärkanner* erauskomm as. Et gouf vun der Joffer Danielle Noesen, mat de Kanner an denen hiren Elteren zesummegeat, vun Nouspelt, an hirer Nouspelter Sprooch geschriwwen, vun de Kanner selwer gemoolt an esou e Buch vu Kanner fir Kanner geschafen. Et kascht 350 Frang a ka bei der Joffer Danielle Noesen, 4, Schoulwee. L-8391 Nouspelt, bestallt gin oder, méi einfach, fir et ze kréien déi Zomm op de Kont vun der BIL 1-146/2786 iwwerweisen.

Huet Dir dru geduecht, fir d'Cotisatioun vu 500 Frang
op ee vun eise Konten ze iwwerweisen ?

Notizen

No enger Fro vum Dëpëtierte Robert Angel un de Schoulminister Marc Fischbach, fir gewuer ze gin, wat gemaacht géif gin, fir Auslänner ze integréieren a wéivill Leit géifen an e Cours goen, wor d'Antwort vum Minister, datt 763 Leit an déi *Lëtzebuergesch Cours-e* gewiescht wieren, déi vum Ministär mat der Actioun-Lëtzebuergesch gehale gin. Et wieren 1989/1990 753 Leit ageschriwwen, 406 kruten um Enn vum Schouljor en Zertifika. Deer Cours-e fir Auslänner, déi am Land wunnen an aus den Nopeschregiounen kommen, sin zu: Bartréng, Betebuerg, Biissen, Dikrech, Déifferdang, Diddeléng, Ettelbréck, Jonglënster, Kielen, Lëtzebuerg-Stad, Mamer, Nidderaanwen, Péiténg, Rammerech, Réimech, Sandweiler, Schëffléng, Schuller, Schëtter, Stengefort, Stroossen, Veianen a Walfer. — Et gët och nach Cours-e fir aner Sproochen ze léieren, wou Lëtzebuurger an Auslänner dra gin, nieft denen iwwer Informatik, Dactylographie, Skulptur, Foto, asw. — De Sproochenzenter hält dernieft nach Intensivcours-e fir Friemsproochen an déi 706 Leit ageschriwwen wore (1989/90) vun denen 114 Lëtzebuurger a 592 Auslänner sin.

Fir déi alleréischte Kéier as e *Cours fir Gemengebeamte* gehale gin, fir richteg *Lëtzebuergesch Schreiwten* ze léieren. De Cours gouf vum Jacques *Steffen*, Professer, gehalen an huet 12 Nomëttecher gedauert.

Et haten sech der souvill gemellt gehat, datt se nët all ugeholl konnte gin a dofir en anere Cours nach virgesin as. Hiren Diplom kruten se de 15. Dezember 1990 vum Inneminister Jhang *Spautz* iwwerreicht an deer hien an de Präsident vun der Actioun Lëtzebuergesch *H. Rinnen*, se felicitéiert hun an hinne merci sot, fir deen Intressen an déi Ausdauer, déi se gewisen hun. De Cours wor vun der Federatioun vun de Gemengebeamte gewünscht gin.

Am 12. *Saarlännesche Dialektconcours 1990* hun de Roland *Harsch* a Jemp *Schuster* de «Gëllene Schniewel» kritt. D'Gedichter, déi den 30. Oktober 1990 am Lux. Wort stongen haten den Titel: «Keng Zäit» (Roland Harsch) a «Vläischt eng aner Kéier» (Jemp Schuster). — Et woren 8.200 Texter ageschéckt gin, d'Jor virdu 4000, vu Lëtzebuerg sin der 110 derbäi gewiescht. — Nom offiziellen Akt gouf et Schnittercher an e Patt (Lux Wort 30.9.90)

De Lëtzebuurger Schrëftsteller-Verband huet am Januar 90 «Beim Engel» um Fëschmaart *Winterliesunge* gehat. Do liesen dann d'Dichter aus hire Wierker, all Kéier dräi, déi vun engem Musécker begleet gin.

D'*Lëtzebuurger Kabarets-Entente* huet e Concours fir lëtzebuergesch Kabaretstexten - a - liden ausgeschriwwen. De Concours as geduecht fir all Autor, deen op lëtzebuergesch schreift; et gi fënnf Präisser vun 12.000, 9.000, 5.000 an 2.000 Frang; d'Texter musste bis de 16. Januar erageschéckt si gin.

D'Kabarets-Entente hat vu 7 Autoren 41 Texten iwwert Lëtzebuurger Kabaret fir den LKE-Concours 1991 kritt.

D'Jury, déi aus dem Pir Kremer, dem J-Pol Roden, dem Fons Ruppert, dem Nic Weber an dem Lambert Schlechter bestan huet, huet des Texten priméiert: 1. Präis: De Kulturflapp, vum J. Michel Treinen, wat gläichzäiteg de «Christiane Schlechter - Präis 91» bedeit

2. Präis: En Archeolog wullt am Dreckstipp vun der Natioun, vum Jhemp Hoscheit.

Méng drëtt Chance, vum Jemp Schuster.

Fräizäitpyromanen, vum John Moris.

Kannersprooch, vum Jhemp Hoscheit.

D'Präisser gin den 20. Abrëll am Kader vun de 5. Lëtzebuurger Kabaretsdeg offiziell iwwereicht!

Et sief drop higewise, datt d'Jury nach Texter vum Jhemp Hoscheit (2), Jemp Schuster (2) an J. Michel Treinen (1) eng Mentioun kritt hun.

Den 13. Dezember 1990 huet d'UGDA en Disk an eng Cassette vun «*Lëtzebuenger Kannerkéier sange Lëtzebuenger Krëschtlieder*» virgestallt. Sponsore woren d'Spuerkeess an d'Versécherungsgesellschaft «La Luxembourgeoise». — Eise Comitésmëmbler *Robert Sinda* wor och mat engem Krëschtlied derbäi.

D'regional Dialekter, dorënner d'Lëtzebuergesch an der Areler Géigend, sin elo an der «Communauté française de Belgique», no laangen Aarbechte vun «Areler Land a Sprooch» unerkannt gin, wou awer nom «Decret» prezisiéiert gët, datt d'Franséisch déi éischt Sprooch an der Communauté bleift. Dat wäerd eise Kollegen aus der Areler Region wuel eppes méi Courage maachen, fir mat hirer Aarbecht virun ze fueren. Et muss een elo emol gesinn ewéi dat da virugeet, well eng Fro bleift nach op, déi, datt se och Léierpersonal kréien, déi déi zwou Sproochen, déi kleng an déi grouss kënnen; well wa sénger Liewen nëmme franséisch-sproochegt Personal an déi Géigend kéim, wir et e Pabeierdecret. — Zu Messancy, lëtzebuergesch Mietzeg, gouf den europäesche Büro fir manner verbreet Sproochen, Sëtz Dublin, emfaangen, wou zënter dem September eng Spillschoul franséisch-lëtzebuergesch fonktionnéiert. Et as e Genoss gewiescht, heescht et an «Areler Land a Sprooch», d'Kanner souwuel op lëtzebuergesch ewéi op franséisch äntwären ze héieren.

«Areler Land a Sprooch» huet fir dëst Jor 1991 e Lëtzebuenger *Litteraturkalenner* erausgin, wou fir déi zwielef Méint e lëtzebuergesch Gedicht derbäi steet. Fir all Mount fënt een och déi al Wiederregelen, d'Namensdeg op lëtzebuergesch. De Kalenner kascht 100 Frang an et kritt een en hei am Land am Pallcenter ze kafen.

An der «Gewan» (Nr. 28) d'Zäitschrëft vun der, «Associatioun francique» an dem Lottréngesch, Diddenhewen heescht et am Rapport iwuer d'Generalversammlung, datt d'Praxis vum fränkische Lëtzebuergesch progressiv bei dene

jonge Leit géif ofhuelen, mä datt op deer aner Säit nach virugewuddert géif (misst) gin, fir dohin ze kommen, datt hir Regionalsprooch unerkannt sollt a misst gin. Fir 1991 as en internationale Colloque iwuer den Trilinguisme virgesin.

RTL 92.5 huet vum 1. Januar 1991 e Programm vu 15 Stonnen den Dag. Et géif e «bonte Musekprogramm» mat kuerze «Magazinbeiträg» gebueden, dat apaart fir «jong Leit» geduecht as — déi déi brauchen näischt méi, dat si keng gutt Konnen? — de Moderator Gilbert Bertolo schméisst de ganze «Laden» eleng, ouni Touningénieur, an et géif nach munneches aneschters derbäi kommen, dat alles, fir déi nei CLT-Proposition, «sozio-kulturell» Emissionen an en 92,5 - 100,7 Programm anzebauen, sou datt den RTL-Radio fir jüdderee geschafe wir. (tageblatt 19.12.90).

Den RTL sicht en neie Journalist fir säi lëtzebuergesche Programm. Et gët no lëtzebuergesche Studië gefrot (fir Journalissem a Kommunikatiounswissenschaften), de Kandidat misst eng «excellente maîtrise» vun der Lëtzebuenger Sprooch hun, wou däitsch, franséisch an englesch derzou gewënscht gët; eng gutt Diktioun muss hien (hatt) hun, eng Experiënz am Journalissem wir och gutt an e bësse Schreifmaschin sollt een och kënnen. Fir wat, datt nieft dem Curriculum vitae och eng Foto gefrot gët, duerf ee sech froen; et gesäit een e (hatt) jo nët (oder as et fir den «hei elei kuck elei»?). D'Annonce war iwregens op exzellent «franséisch» well 't hätt jo emol kënnen sin, datt e(ng) Kandidat(in) d'Lëtzebuergesch nët géif verstoen. (Lux. Wort 26.1.1991)

Vum 10. Dezember 1990 kréie mer den RTL vum Kiirchbiërg aus zerwéiert, den 8.12.90 hun se ugefaang aus der Villa Louvigny ze plënnere, fir äis méindes den 10. vum Kiirchbiërg aus ze beglécken. E puer Daten aus der Geschicht vum Radio: 19.12.1929 Gesetz iwuer Radioen déi do sin an déi geschafe gin; 29.9.1930 Konzessioun fir d'Société d'Études radiophoniques, déi 1931 d'Compagnie luxembourgeoise de Radiodiffusion (CLR) gouf; 1931, éischte Stee fir de Sender Jonglënster; 1932 d'Villa Louvigny gelount, 1937 kaaft; 12.2.1932 op Laangwell 1250 éischt Emission; 1935 kouw eng Lëtzebuenger Stonn all Woch; 19. Oktober 1959 éischt Emission op 92,5 vun owes 7 bis halwer zéng; dono koumen

d'Stonne vun halwer eng bis zwou mëttes derbäi, nët laang dono wor de Programm vun halwer zwielef bis zwou a vun halwer siwe bis 10 Auer owes; vum 5. Januar 1970 koum de Mueresprogramm vun halwer siwe bis halwer néng, du e puer Jor derno de ganze Mueren derbäi, an elo si se 15 Stonnen all Dag um Dill. (nom Joseph Lorent - Lux. Wort 11.12.90)

Am Leitartikel vum «tageblatt», den 3.1.91, «Nun as alles hei an der Rei» vum Jos. Braun heescht et e.a.: «Sorge bereitet die schleichende Dekadenz der Luxemburgischen Sprache, die als Identitätszeichen der Nation mit jedem Jahr ärmer, verfälschter anmutet und weder in der Literatur (wenige äußerst löbliche Ausnahme bestätigten die Regel) noch von den Sprachpflegern (wo sind sie eigentlich geblieben?) und schon gar nicht von den Erziehungsverantwortlichen in Schutz genommen wird. — Seit 1964 gibt es keinerlei geschichtliche Aufarbeitung unserer Mundartdichtung mehr, bis zum Jahr 2000 müsste dieser dann fast 40 jährige Rückstand wettgemacht werden; in Kompetenz und Sachlichkeit!..»

Wenn de josy braun freet, wou sin d'«Sprachpfleger», da muss een him soen, datt deer nach do sin, mä sech dran ergin hun; soen se eppes sin et Puristen a Fanatiker, soen se näischt. . . dann as et och nët wéi et soll sin. . . — D'Actioun Lëtzebuergesch huet zjor un de Schoulminister geschriwwen, datt nët nëmmen op denen zwou (oder deer) ënneschte Klassen an de Lyceën, nieft der Primärschoul, och Lëtzebuergesch op der deuxième a première gemaacht misst gin; et gouf och drop higewisen, datt déi Lëtzebuurger Stonn ze lücht fir aner Sproochen op d'Säit geréckelt gët an, an ,an . . . (cf Eis Sprooch Nr. 27/1989).

(Am Fong hätten déi Bréiwen an «Eis Sprooch» publizéiert solle gin, mat den Äntwerten.)

Am «tageblatt» vum 10.1.1991 heescht et dann am Leitartikel: Wieso sind wir denn «sprachlos»? vum Josy Braun, wou emol déi drëtt Oplo vun de Lëtzebuurger Texter fir 7^{ième} als Ophänker fir den Artikel gebraucht gët, fir nach eng Kéier op «d'Dekadenz» vun eiser Sprooch hinzewisen. Wat hien an deem ganzen Artikel mengt as wuel durcheweich richteg, mä eppes änneren, do froe mer mat him, wéi dann. D'A.L. huet hiirt bis haut gemaacht, dat ka wuel keen ofstreden. As se nët «agressiv» genuch? — Hie mengt mir hätte jo wuel deen décken Dixonär, dee wir awer voll Lächer an Oniwuerluegtheten, et wir stéckweis e richtige Sproochmüsee, geschweins

e liewege Bur. — Et as vun eiser Säit aus ëmmer an ëmmer gesot gin, datt ee Lëtzebuergesch och sollt (misst) léieren, sech «intensiv» dermat ofgin, ouni dobäi mussen oder sollen al Wieder ausgruuen ze goen (Wann een dat lescht mécht gët et kritiséiert. . .!)

Wou hält et? As et d'A.L., as et d'Schoul, si mir et alleguer? Dorop sollt emol jidderen sech äntweren. Wie wir esou këng vu sech ze behaupten säi Lëtzebuergesch wir dat eenzeg Richteg? Missste mer dofir keng Norme festleën, a wien hätt de Courage dat ze maachen? Eng Aart Norm as d'Koiné. Wie seet äis wat d'Koiné as, wéi se soll sin? — Lächer am Dixonär sin ze stoppen, d'Inkonsequenze bleiwen ze beweisen. Datt en ausgebaut misst gin, wees jiddereen, nëmme sollen dann all déi däitsch a franséisch Wieder, déi jidderee lüchtschaz an de Mond hëlt, zemol fir déi wou mer e Wuert derfir hun, dragesat gin? Jidderree weess, datt eng Sprooch ännert, ophëlt a fale léisst, awer wie wëllt Riichter sin, fir do eppes ze maachen a virzeschreiwen. Mir entzannen äis, wa mer eis Sprooch esou «verfriemen», mä wien dorop hiweist gët als Purist a Fanatiker vernannt. — Ganz recht huet de j.b., datt et nët duergeet, wann an der Mëttschoul nëmmen eng Stonn Lëtzebuergesch as, et freet ee sech, ob déi dann, déi déi Stonn halen esou Lëtzebuergesch kënnen ewéi et misst sin? Wou hätten s'et dann ogeléiert? Mécht nët jiddereen et no séngem Gefill? Vun der Schreifweis wëlle mer emol näischt verlaude loossen; et kann een awer unhuelen, datt do sech eppes ännert, well hautdësdaags dach méi dorop gehale gët. Et muss een dem josy braun zougeston, datt en an deem Artikel munnech Fro opgeworf huet, munneches festgestallt huet an och frou sin, datt vu journalistescher Säit aus fir eis Sprooch gewünscht gët, datt se dat bleift, wat se as, nët nëmme versuergt soll gin, mä och dee Respekt kritt, dee se verdéngt, trotz allen «Ënnerganksproféiten».

D'A.L. weess ganz gutt, wat nach feelt a wat nach ze maache wir (geschéie misst) a, wann hie mengt, datt d'Pionéier vu soss sech mat Veräinsgedéngels, nëmmen, géifen ofgin, da menge mer dach, datt en sech iirt. Eent as sécher, et sin der midd, a si waarden op eng Ofléis. Awer wie léist wien of?

D'Tatiana Klioueva an de Waldemar Weber hun 1988 eng *Anthologie* iwwer *Lëtzebuurger Poésie op russesch* erausgin, wou e laangt Virwuert vun der

Tatiana Klioueva iwwer eis Geschicht, eis Sproochesituatioun a s'eng Autore geschriwwe gouf. Si huet elo e Buch iwwer Lëtzebuerg fäerdeg, dat fir déi ieweschte Klasse vum Enseignement geduecht as, Geschicht, Sprooch, Litteratur. Wéi se elo hei war, krut se déi 3 Bänn vun der «neier Bibliothéik» geschenkt, sou datt déi och zu Moskau as. (Rosmarie Kieffer - tageblatt 31.12.90)

* * *

Lidder wéi eng Fauscht, heescht en CD vum lëtzebuergesche folk group «Millermoaler». Et sin Aarbechterlidder; dräi lëtzebuergesch Texter mat original Melodië; 4 sin adaptéiert, aacht aner Texter sin op däitsch an een op italiénesch. Lëtzebuergesch Texter si vum C.M. Spoo. Josy Braun a Willy Goergen. Präis vun der CD 710 Frang.

* * *

E Lëtzebuergesche *Adventskalenner* gouf fir déi éischt Kéier op lëtzebuergesch publizéiert mam Titel: Wou geet et hei op Bethlehem?

* * *

An de *Billerbicher*, egentlech «Bandes dessinées» as an der Walt-Disney-Serie d'*Sireenchen* erauskomm, dat de Lex Roth nees op lëtzebuergesch iwwersat huet.

«*Affär vum Jorhonnert*» heescht dat lescht Geschichte-Billerbuch vum Superjemp, dat als Papp de Lucien Czuga mat den Texter an de Roger Leiner als Zeechner huet. — An enger Bespreechung am Lëtzer Bauer freet den Dani wéi een op lëtzebuergesch fir «Bande dessinée» egentlech géif soen. . . Ja, wéi seet een derfir? Wéssst dir et?

* * *

Am europäeschen Insitut zu Mënsbech gouf en neit Buch vum Mars Schmit a Robert L. Philippart mam Titel: «*Charnière d'Europe - Bindeglied Europa*» virgestallt, dat een eventuell och «Um Uwenner vun Europa» nenne kënnt. De Mars Schmit, deen ze jonk de 14. Oktober 1990 gestuerwen as, huet d'Buch illustréiert mat Zeechnungen aus der Saar-Lëtzebuerg - Lottréngen - Palz - Rhänland - Géigend. 23 Artikele si vum R.L. Philippart zesummegeraaft gin, déi Leit aus der Politik, der Ekonomie an der Kultur geschriwven hun. Vu Lëtzebuerg si Beiträg vum Chr. Calmes, Germain Lutz, Nic. Bley, Fern. Rau, Pol Spang, Jul Christophory, Lex Roth, Gast. Mat-

hey, Georges Boever a Robert L. Philippart, dovun zwéin op lëtzebuergesch.

* * *

Am *Possenhaus* zu Bech-Maacher, beim Pross, huet de Leon *Blasen* de 27. Oktober iwwer «D'Lëtzebuergesche Operetten» e Virdrag mat Gesank a Pianobegleitung gehalen, wou en och emol eng Kéier festgehale huet, wat dann egentlech eng Operett as.

* * *

802 Milliounen stin am *Budget* 1991 fir d'Kultur, wat der 115.6 méi sin ewéi zjor. E Kredit as doranner (20 Milliounen) fir eng Wanderausstellung (wat fir eng?), 1,7 Milliounen fir Litteratur, 1,2 Milliounen fir Theater a Folklor, fir Musek 12 Milliounen a 6,1 Milliounen fir soss kulturell Initiativen. (Lux. Wort 6.12.90 vum jj.) — Wann awer ewell 1,6 Milliounen fir de «Päerdsdéif» dovun ewech geholl si gin?

* * *

An der «gazettchen» vum 19.12.1990 schreift den *Heng* iwwer: Wéi wir et mat «Le tipp en question» an deem et heescht. . .

. . . Vun Dreck geet scho keng Rieds méi. Et gët «Müll» doheem produzéiert, deen an de «Bac» oder an d'«Mülltonn» gehäit gët. Herno kënnt en op d'Déponie sou wéi en as, oder, wann e verbrannt gin as, gët et alt «Flugäsch»- oder-stëbs». . . . Wie wëllt nach eppes vun engem Tipp wëssen, vun engem Dreckstipp oder enger Drecks-këscht . . .

. . . A kengem franséischen Dictionnaire, dee mär an der Redaktioun hun, war dat schéint Wuert «déponie» ze fannen. Am Däitsche schon, an da gët et «décharge» iwwersat. Mär Lëtzebuergesche hu scho laang en Talent, fir friem Wieder an eis Sprooch eranzehuelen. . . wa mer emol eng Kéier de Fransousen en neit Wuert bäibréngen wëllen, da misste se e lëtzebuergesch huelen. «Un tipp» wir dach op d'manst esou flott ewéi «une déponie».

Iwwer d'«Mülldeponie» am 92,5 gët sech och am *Journal* (16.02.91) an am «tageblatt» geiergert:

Nolauschtererbréif

«**Dreckstipp**», wann ech gelift!

All Kéier wann ech 'd Wuert «Mülldeponie» um «92,5 ukw» héieren, spiren ech méng Hor zu Bierg stoen. 't as eng vun dese ville Manifesta-

tiounen vun deem Fernseh-lëtzebuergesch, dat ons lues a lues iwwerschwemmt.

Op lëtzebuergesch war ët fréier den Dreckstipp («Art Wall, der durch reglemäßige Müllabfuhr gebildet wird»). Oder och — 't as je nodeem — 'd Dreckskaul (vertiefte Schuttablagerungsstelle).

Am Stot gët den Dreck an een Drecksemer («Mülleimer») oder an eng Dreckskëscht («Kehrichtkasten») gehäit oder gepucht den Dreck op den Drecksteimer — oder den Drecksmann schëtt en an den Dreckscamion — a féiert en op den Tipp.

Loosse mer lëtzebuergesch schwätzen, wann ech gelift!

AIDO

* * *

Zu Esch-Uelzecht hun se un de 100. Gebuertsdag vum *Louis Petit*, Musekprofesser, Komponist, Kouerdirigent erënnert, deen op Krëschtdag 1890 an der Stad gebuere gouf. Sénger Lidder gin haut nach vill a gar gesongen, ouni datt wuel déi meesch wësse vu wem se sin. An enger Ausstellung vum 30. November bis de 5. Dezember 1990 gouf am Foyer vum Escher Theater, och an engem Concert mat sänge Lidder, un de Louis Petit erënnert. Hien huet ëmmer héich op eis Sprooch gehalen, selwer Texter geschriwwen a Gedichter vu Lëtzebuurger Autoren vertount. — Den 9.12.1990 wor dee selwechte Concert am Stater Theater.

* * *

Virun Neklosdag huet den David *Greenwood* vu Esch-Uelzecht eng nei, hëlze Spillsaach virgestallt, e Puzzle vu 25 Stécker, déi zesummegesat d'Wopen aus dem Land gin. Dee Puzzle aus Holz kascht 650 Frang; d'Wierkstat huet hien «Därel-déier Spillsaachen» gedeeft an en huet wëlles nach aner esou Spillsaachen ze fabrizéieren. Vill Chance!

* * *

An der Zäitschrëft «Schweizerdeutsch» (1990 III), soss huet se «Schwyzertüütsch» geheescht, heescht et: Mir wëllen eng gutt Mondaart! Wat as nu gutt, wat as nu falsch, gët gefrot, sou mengt deen een, dat wat hie géif soen, dat wir richtig, wat deen anere seet, wir falsch. — As et bei äis nët och esou? — E puer Beispiller. Mir huelen eent, dat sech grad esou bei äis weist. Mir haten (hun), och esou déi Schwäizer, grad ewei mir dräi Wieder fir 2, eent fir de Masculinum, eent fir de Femininum an eent fir den Neutrum, also: zwéi

Frang, zwéi Männer, zwou Fraen, zwee Kanner (Schwäizer: zwee Franke, zwou Fraue, zwä Chind, a virun 1000 Jor hätt et zwêne, zwa oder zwô geheescht.) A grad ewei bei äis geet et elo do och durcherneen. Haut héiert ee bei äis ewell, méi dacks ewei soss, zwee Männer amplaz zwéi, beim Fem. an Neutrum as et bliwwen. Ännerjen, déi aus dem Héidäitsche kënnt, grad ewei «hie wëll» amplaz «hie wëllt», dat mer haut Dag fir Dag am UKW héieren. Huet dat «hie wëll» zënter dem Robert Bruch sänge Fuerschongen 1954 esou zougeholl, wou hien dat «wëll» vereenzelt nëmmen un der Musel opgeholl hat?

* * *

De 15. November 1990 hat d'Nationalbibliothéik ronn 50 Bibliothekären an d'Schlass Buerglënster agelueden, fir iwwer eng besser Zesummenaarbecht ze diskutéieren. Et gouf bedauert, datt keng eenzeg Stadbibliothéik e Su vun der Regierung krit; et géif Fachbibliothéiken, déi nët vill profitéiert géife gin a wou een och ganz schwéier un eppes erukéim. Eng vun dene gréisste Bibliothéiken am Land as de Paatren hir vu Klierf, déi all Jor 1000 Bicher méi kréien. (Journal 16.11.1990)

* * *

Am «Lux. Wort» vum 15.11.1990 schreift de Prof. Fernand *Hoffmann* iwwer «Kulturpolitik als Sproochpolitik an der Schoub» nieft anerem dat hei: An déi Dräisproochegkeet, dat heescht, op Héidäitsch, Franséisch a Lëtzebuergesch ze ënnerriichten, muss vu jidderengem verlaangt gin, deen a Lëtzebuerg wëllt ënnerriichten. Hei musen déi Verantwortlech haart bleiwen. Grad an engem integréierten Europa as et méi wichteg ewei eemol, datt d'Lëtzebuergesch séng kommunikativ Fonktioun behält. Dat heescht nët, datt d'Orthographie an d'Grammatik misst an d'Käpp ageschloe gin. . . D'Lëtzebuergesch misst virun allem eng Stäip vum Léier- an Erzéiungsprozess sin, ouni datt d'Héidäitsch an d'Franséisch vun hirer Plaz verléiere géif. Dat as nëmme méiglech, wann dat ganz Léierpersonal, déi zu Lëtzebuerg Schoul hale wëllen, och Stacklëtzebuurger sin oder awer d'Lëtzebuergesch wéi e gebuerene Lëtzebuurger kënnen.

Wa Lëtzebuerg sech vu baussen hier a séng Sproochpolitik dra schwätze léisst, da gët Lëtzebuerg sech an Europa selwer op. (Den -Artikel as

op däitsch a vun äis esou op lëtzebuergesch, gekiirtz, iwwersat gin.) - Recht huet en!

* * *

Am «tageblatt» vum 23.11.89 (oder wor et 90?) geet Rieds vun engem «*Grammatischen Tëléfon*», deen et op der RWTH, Oochen, germanistescht Institut, gët, wou ee gewuer ka gin ewéi een e Wuert soll schreiwen; zu Saarbrécken as och esou eng Plaz, natiirlech kritt een och bei der Duderredaktioun Ausstreech, wou nach d'Universitéit Düsseldorf an d'Gesellschaft für deutsche Sprache zu Wiesbaden derbäi kënn.

Wat wir dat e Geschäft fir eis Post, wa mir och esou en Telefonsdëngscht hätten, wou ee gewuer kënn gin ewéi een e Wuert op lëtzebuergesch misst (sollt) schreiwen! Oder sollt dat nët de Fall sin; well der vill jo dach schreiwe wéi si wëllen?

Ma trotz allem, et gët awer Leit, déi sech un d'Regele wëllen halen, sou wéi et de Cours fir d'Gemengebeamten an der Stad bewisen huet, an och wéi deen, deen elo zu Nidderaanwe wor.

* * *

Den Erzbëschof *Jean Hengen* huet an engem ëffentleche Brëif de Leit op gutt lëtzebuergesch merci gesot, déi him fir säi gëllent Geeschlech-Jubliäum gratuléiert hun. (Lux. Wort 1.12.90). Deen neien Erzbëschof *Fern Franck* huet de „Faaschtebrëif“ fir dëst Jor och op lëtzebuergesch redigéiert.

* * *

Fir déi nei Identitéitskaarte kann ee froen, datt deen däitsche Virnumm an e franséischen ëmgeschriwwen ka gin; et gët awer nët gesot, ob een en och op lëtzebuergesch ëmschreiwen duerf.

* * *

D'CGFP huet an enger Zirkulär sénge Mëmbren ze wësse gedin, wat si d'lescht Jor bei der Regierung fir déi nei Gehälter erreecht huet, wou et nieft anerem heescht, *datt am allgemengen Déngschtrecht 2. eng Bestëmmung anzeschreiwen as, datt een, deen an de Staatsdëngscht wëllt kome déi 3 Verwaltungssproochen Lëtzebuergesch, Franséisch an Däitsch misst zerguttst kënnen.*

* * *

An engem Lieserbrëif un d'Zeitunge freet de René *Wirtz*, ob et onbedéngt néideg as fir op den 3 Eechelen e Musée fir 3 Milliarden ze bauen, an

och nach vun engem amerikano-chineschen Architekt. — Een anere mengt, de Jean-Paul *Mertz*, se sollten d'Fanger vun den 3 Eechelen ewechloossen (Journal 21.11.90, Lux. Wort 8.12.90, 24.11.90) — cf. och Rob. *Roemen* am «Journal» vum 22.11.90 den Artikel «Dräi-Eechelen-Museum mit Peter Ludwig?»)

* * *

Fir d'*Servais-Haus* zu Miersch an d'Rei ze maachen, fir den nationale Litteraturzenter, goufen 183 Milliounen am Budget virgesin. — De Staatsminister wor frou, sot en, datt dat aalt Haus nët ofgerass wir gin, wéinst enger Strooss, déi do geplangt wor. — Hätt een dann nët fir déi Suen e komplett neit Haus kënnen bauen? — Nu ja, mir si Spezialisten op deem Gebitt, fir d'éischt loosse mer esou Haiser hallef an e Koup falen an da fänke mer un se an d'Rei ze maachen. Mäi Gott, mir hun et jo, och wa mer 10 Milliounen am ale Fraerisong verbëtzelt hun, well do *aner* Plangen op eemol gemacht si gin, fir e moderne naturhistorische Musée draus ze maachen.

* * *

Um 2. internationale Festival fir Skulptur huet den Nico *Schenck* vun Drénkelt de Präis Hank Vogel fir séng Holzskulpture kritt: éisträischesch Kleder, Box, Hutt, Rucksak a Biergschong. (Lux. Wort 10.11.90)

* * *

Mat deem *neie Porto*, deen d'Post vum 1. Januar 1991 freet, fir Bicher an Zäitschrëften huet se dat fäerdeg kritt, datt haut all Publikatioun e gudde Krack méi deier gët; fir ausser dem Land an Iwwerséi en onerhéierte Porto wëllt. — Wa mir «Eis Sprooch» an Amerika schécken, wou mer e puer Mëmbren hun, da kascht dat äis ron 650 Frang d'Jor. — Nun, d'Amerikaner an aner Länner brauche jo och nët ze wëssen, datt et e Lëtzebuerg gët an, datt do och alt Bicher an Zäitschrëften erauskommen.

Esou gët d'Buch dat deierst Geschenk, schréift den S. am Lëtz. Journal den 9. Januar 1991. — Aner batter Reklamatiounen hun nët gefeelt.

* * *

D'franséisch Verwaltungsgeriicht huet den europäesche Gerichtshaff gefrot wéi et wir, wann een aus engem Mëmberstat vun der EG, an engem, anere Land wëllt Schoul hale goen. De Grond derzou wor, datt eng Däitsch sech fir de

«Concours externe du certificat d'aptitude au professorat de l'enseignement secondaire d'allemand» ageschriwwen hat. Nom franséische Beamterecht muss een dofir awer déi franséisch Nationalitéit hun. Den Unterréchtsministär huet dowéinst d'Gesuch nêt ugeholl, d'Fra huet dorop eng Klo beim EG Gericht agereecht, wou se sech op den Artikel 7 an 48 vun der EWGV op Gläichberechtigung beriff.

* * *

An der Agankshal vun der Spuerkeess steet zënner dem Oktober en anert Monument vun der Groussherzogin Charlotte. Et as dat e Wierk vun der Lëtzebuergescher Artistin *Benedicte Weis*, gebuer 1949, deer hir Skulptur nêt fir d'Monument um Schoulbiërg ugeholl wor gin, mä d'Spuerkeess dat Wierk esou gutt fond huet a se fir d'Agankshal ugeschaaft huet.

As kee Stull do?

Et gi Leit, déi halen (Chapeau!)
op Niveau
beim Schwätzen,
do muss ee sech einfach setzen.

Onnëtz Aarbecht.

Du kanns um Spigel botzen a botzen
a blénken a reiwen,
souguer d'neit Schläife kann näischt
notzen,
dëng Flecken, déi e weist, déi bleiwen.

Bremsen.

Maach de Schrack
nêt ëmmer am éischen Ablack,
du hëls der Leed a Kaf,
waart léiwer deen zweten af.

Asiicht.

Besser ganz wäit
auserneen,
wi am Sträit
beieneen.

Kreeslaf.

Wie per pedes duerch d'Bëscher rennt,
gët nêt bal en Häerzpatient,
mä 't sin d'Bëscher, déi äis den Otem hau-
chen,
déi haut den Dokter brauchen.

Resultat.

Mir sichen d'Gléck mat Suerg a Méi
a fannen et ganz rar,
mir sichen d'Réischen an der Bléi
a picken äis um Dar.

...ouni e Wuert ze soen.

Wann een der Ongläich deet,
dann duerfs d'em näischt nodroen
a looss dech, wéi an der Bibel steet
schéi lénks a riechts op d'Bake schloen...

Deer Leit...

...déi näischt Gutts iwwer sech selwer
erzielen, gët et sielen!
(meeschtens as bei en all
de Konträr de Fall)

Vitesse.

Den Ufank, déi éischte Kéier,
as ëmmer schwéier,
mä 't gleeft 'mol keen, wéi et fir d'zweet
sou liicht schon an d'Gewunnecht geet.

Paradox Geschichten.

Wat am beschte schmaacht,
léisst ee besser aus dem Mond
a wie sech krank laacht,
hält sech laang gesond.

Robert Siuda


De Jos wollt nees e Päerd

Dës lescht souzen am Café un engem Niewendesch e puer Leit, déi iwwert hiirt Hemechsduerf geschwat hun a sech e sëlliche vu gëschter an haut ze erziele woussten. Well si zimlech haart geschwat hun, hun ech ongewollt och alt dëst an dat matkritt. Zu deem engen Ouer eran an zu deem aneren eraus. Mä eppes hat ech verlauschert, wat ech ower verhale wollt. D'Saach mam Päerd. An déi wor ongeféier esou:

«Wësst der», sot ee vun dene Gäscht, «datt den Déngens Jos elo nees e Päerd huet, en

décke Flamänner?» — «Ma neen», hun déi aner geäntwert, «hat deen dat dann néideg? En huet dach zwee oder dräi Trakteren.» — «Mä genee dat selwecht huet dem Jos séng Fra, d'Tréis, och gemengt, wéi hien him gesot huet, säi gréisste Wonsch wir nees e richtegt, liewegt an zolidd Bauerpäerd am Stall ze hun. A wësst der wat de Jos dem Tréis geäntwert huet? En huet hatt vun ënne bis uewen a vun uewe bis ënne bekuckt a sot du ganz dréchen: «Ech hat dech och nët néideg, mä ech wollt dech hun an ech hun dech och kritt.»

Gil Mandy



Jhemp Biver

Daachvigel

Et as em Jousepsdag. D'Vigel halen Houchzäit. Dee bäi de Vigel e Stot grënnë wëllt, muss och eng giedlech Stopp fanne fir en Ascht ze bauen.

Op der Sich no enger Bauplaz huet e Karmëschhunn eng onerhéiert Chance. Den Ament gët an der Noperschaft e Réibau gedeckt. Am Gespär vun esou engem Neibau as maliicht Plaz genuch fir eng Hickecht hongreg a wibbeleg Karmëschchen opzezillen.

Dee Bau as deer neimoudescher een: d'Mauere sin nët mat äerden oder aner Zillen a Speis gebaut wëi dat esou Usus as. Vum Keller bis ënner den Daach sin an dësem Fall Stack fir Stack Styroporzillen openeegesat a mat Bëtong gefëllt gin.

Fënnef Zantimeter as dee Styropor déck. Dat gët eng staark Isolatioun, well Styropor as e Material dat wiermst wann s De d'Hand drop lees. Dee Prinzip duerchkuckt esouguer eise Karmëschhunn. Dofir baut heen ouni ze Zécken an deem Styroporgemaier e mocklegt Ascht. Wëi en den éischten dréchene Grashallem fir séng Wunnecht leet, fällt him eppes op: dat ongewinnt Baumaterial léisst sech wonnerbar verschaffen. Déi Hielecht ënnert dem Gespär an déi hee säin Ascht baue wëllt, kann hee liicht méi grouss maachen. Et sollt ee mengen, eisen Daachvugel wir bei e Spiecht an d'Léier gaang: hee meesselt mam Schniewel säi Meescht a säi Bescht bis séng Wunnecht esou as wëi heen se brauch.

Heen denkt ower nët drun, dass heen sech domat verréit, well wou gemeesselt gët fale Spéin. An dësem Fall Styroporgrimmelen. Esou fällt et Jhenn op, dass e Locataire am

Gaang as, fir a säin Neibau eranzeplënnere. Hee wëllt awer nët hun, dass eng Koppel Karmësche jhust dann zillt, wann d'Fassad gemaacht géif. Dofir setzt en alles dru fir den Daachvigel keng Chance ze loosse fir ënnert d'Gespär ze bauen. Et sollen ower och keng schlecht Gewunnechten opkommen. Also stoppt Jhenn d'Lächer ënnert dem Daachgehëlz komplett zou, an dat esou séier ewéi e kann. Déi Actioun bréngt et mat sech, dass eis Daachvigel eng hallef Dose Mol en Ascht ufänken a keent fäerdeg kréien. Jhenn wënnst d'Course géint d'Zäit, op d'mannst mengt hien emol. Dofir geet hien erliichtert u séng gewinnt Aarbecht. . .

Ma wat as dat do, wat gesäit heen do uewen op der Daachfiischt? Dat si jo nees séng zwee Locatairen! Lo hun di zwee jo an der Isolatioun vum Daach, déi hei véierzéng Zantimeter déck as, eng nei Stopp fir hiirt Ascht fond. Nun as et mam Daach ewéi mat der Fassad: hei misst di ganz Hickecht ouni Dirwiechter délogéiert gin esoubal den Daach gedeckt géif. Esou eng Actioun géif Jhenn nët iwert sech bréngen, well och en Daachvugel huet séng Plaz an der Natur a wëllt liewen. . .

Stoes Fouss hëlt Jhenn eng Decisioun: die Splack an der Isolatioun iwer der Fiischt muss zougestoppt gin. Jhenn léisst eenzock den Hummer falen a setzt d'Leder widder de Kulang. Heen erwëscht séng Schaumpistoul a scho sëtzt en do uewe fir di Splack voll Schaum ze sprëtzen. Sou, dass hätte mer! Déi Locataire kënne mer vergässen.

Jhenn hëlt déif Loft wëi en erëm mat zwéi Féiss um Buedem steet. He war nach ni e

Kulangshues. Dat Turnen, héi an der Luucht, as sénges näischt. Ma elo geet et erëm derwider. All verluere Minutt kascht Geld. Wéi sot do een, e krut d'Englesch nët iwer d'Zong: *Den Zeimes a de Monni!*

Wéi Jhenn esou rondëm de Bau wuddert, fällt em op eemol e Gejhiips op. Et kléngt esou ongewinnt, datt heen automatesch dohi kuckt, wou et hirkénnt: op den Daach. Do uewe fladdert de Karmëschhunn opgedréit hin an hir a jhiipst esou erbäermlech, datt et Jhenn duerch Muerch a Schank geet. Wat huet deen dann, denkt Jhenn. E geet hannen ëm de Bau erëm, fir den Daach vun der aner Säit ze gesinn. Soubal heen d'Fiischt erbléckst, versteet hee wat de Karmëschhunn huet: séng Gefuedesch hänkt mat de Patten an deem frëschen Isoléierschaum dee Jhenn virun e puer Minutten an d'Lach iwver der Fiischt gespreätzt huet. Verzweiwelt klappt se mat de Flillécke fir lass ze kommen. Ma dat dingt se näischt, de Schaum pecht exzellent. Si as gefaang.

Dat as e Vugel fir d'Kaz. Jhenn schwätzt mat sech selwer. Wa keen deem hëlleft, da muss deen do uewen aarmséileg krépéieren. Jhenn iwerleet nët laang, setzt d'Leder erëm wider den Daach a klëmmt nees op. Mat där enger Hand gräift en d'Mësch, mat där aner hält en de Batz Schaum un. Virsiichteg mécht en de Vugel lass. Da stécht en dat aremt Déier ënnert d'Hiem. Hee brauch séng zwou Hänn fir erofzeklammern. D'Karmësch deet kee Mucks an der Däischtert.

Endlech um Buedem. . . Jhenn hëlt d'Mësch ënnert dem Hiem eraus. S'as ganz roueg a sénger Hand. Jhenn spiirt jhust hiirt klengt Häerz klappen. Et as wéi wa se verstan hätt, datt se gehollef kritt.

Jhenn séng Fra muss eng Hand mat upaken fir dee mëlle Schaumball vun de Patten erof ze zéien. Et as eng Operatioun ouni Komplikatiounen. Nach eng kleng Grimmel Schaum tëscht den Zéiwen, an d'Karmësch as geheelt.

Jhenn geheit de Vugel eenzock an d'Luucht. Deen as frou fir d'Flillécken ërem opklappen ze kënnen. Zesumme mat séngem Komper verschwénnt en am éischtbeschte Bam.

'lo kënnen mer s'awer definitiv vergäassen, mengt Jhenn. *Ma Ire sin och Mënschen?* Wochen drop gesäit heen eng Koppel Karmëschchen iwver dem Balkon aus- an afléien. Wéi en d'Saach méi genä ënnersicht, fënt en hiirt Ascht an engem Mauerlach ënner der Fiischt. Do hënneren se den Ament keen, an duerfir léisst Jhenn se gewäerden.

A wann e gewosst hätt. . . Ma wéi soen se: *Wa Wann en Duerf a mäin Oosch e Kuerf, da kënnte mer Äer hääsche goen.* Di Eechternoacher drécken dat selwecht mi fein aus: *Wa wann nët wir, wir Steenem mi no bäi Eechternoach.* Et sief wi et as, hannenno si mer ëmmer méi gescheit. Ma dovun eng aner Kéier.

¹ Time is money

² oder heescht et: Iren as mënschlech

Adrien Ries

Biwels-Bari zu Fouss

1. Méindes, den 2. Aprëll 1990, géint aacht Auer moies, gi mir zwéi vu Biwels fort a Richtong Iechternach. Mir zwéin: dat sin ech, seet de Geck, an eisen Néckel, dee säi Schietech als Beruffskach fir siwe Méint un den Nol gehaang huet, fir mat mir ze goen. Op dësem éischten Dag vun engem Tréppeltour, dee siwe Méint an ongeféier 5000 km daure soll, si mir awer nët ganz eleng. Méng Fra, eist Shanti a säi Frënd Alain, eise Stéphane a séng Frëndin Valérie, gin di éischt puer Deg mat eis. Hallef Biwels steet op der Gaass, wéi de Luc vum Hei elei séng TV-Kamera dréie léisst a wéi dem Gest säi Jean-Paul e puer flott Fotoë knipst, wouvun eng den Dag drop am Tageblatt publizéiert gët. D'ganz Ländche weess Bescheed, datt mir eis op de Wee op Jerusalem maachen, well RTL 92,5 huet géint véierel op siwen eng Sendung vum Romain Goerend doriw- wer bruecht.

2. Gëschter owend souze mir zu Zaponella an enger Trattoria an hun op eist Iesse ge- waart, du koum op eng Kéier eng Serveuse bei eisen Dësch a frot a gebrachenem Lëtze- buergesch: «Sid Dir zwéin Häre vu Lëtze- buerg?» — Mir waren natiirlech eppes ver- wonnert. «Ech hu fënnef Joër laang zu Déif- ferdang geschafft», sot hatt, «a méng Schwë- ster wunnt och do.» — «Hat Dir da scho Lëtze- buerger hei am Restaurant?» frote mir dunn am Gespréich. «Jo,» sot d'Joffer, «hei- ansdo héieren ech Klienten, déi Lëtzebuergesch matenee schwätzen an da maachen ech ët wéi den Owend, ech soen zum Bäi- spill: «a wéi as et da mäi Jong!»

«Ma hat Dir da scho Lëtzebuergger hei am Restaurant, déi zu Fouss ënnerwee waren?» hu mir gefrot. — «Zu Fouss?» frot hatt, «Dir

sid dach gewass vu Lëtzebuerg bis heihin zu Fouss kumm?»

Mir hun extra gutt beim Meedche giess an hun him och een extra déckt Dréngeld ge- looss, mä och dono huet hatt eis nët ge- gleeft, datt mir zu Fouss ënnerwee wieren. Wéi mir zur Dir ausgongen, sot hatt eis, hatt kéim aus dem lottréngesche Grenzgebitt an hatt nëmmen eng Iddi am Kapp: «fort aus Italien an nees heem. Hei sin d'Leit verréckt. Hei as nët ze liewen.»

3. Ech weess nët, ob d'Meedche vun Zapon- ella säi «fort aus Italien an nees heem!» mat dru Schold as, datt mir zwéin, eisen Néckel an ech, hett de moiën, am Ufank vu Bari, de- cidéiert hun, eise Pilgergank vu Biwels op Jerusalem hei ze ënnerbriechen. Vu Pescara u gi mir jidfer Dag aacht bis zéng Stonne laang iwwer di grouss Verkéiersstrooss laanscht d'Adria. Mir gin am Kaméidi an am Gestank an, wat méi domm as, an der per- manenter Gefor, iwwerrannt ze gin.

Hett de Moië géint halwer néng, no 14 km an engem total verréckte Verkéier, hu mir eis gefrot, ob mir näischt méi Gescheites ze din hätten, wéi eis Gesondheet an esouguer eist Liewen hei op d'Spill ze setzen.

Am Liewe muss e kënnen agesin, datt een eppes falsch gemaach huet. An da muss een de Kuraasch hun, déi richteg Decisioun ze huelen. No bal 1800 km um Wee vu Biwels op Jerusalem hu mir dofir hett de moiën, Méttwochs, de 6. Juni decidéiert, eis hei zu Bari an den Zuch ze setzen an heem zee fue- ren.

Zu Bari hate mir ee gudden Drëttel um Wee vu Biwels op Jerusalem gemaach. Wéi si mir vu Biwels op Bari gangen? Den éischten

Deel vum Wee huet eis vun doheem engem riichte Stréech op der Landkaart no bis op de Bodensee gefouert: 547 km an 18 Deg. Um Bodensee hu mir eis véier Roudeg mat ménger Fra zesumme geleescht. Dono gong et iwwert d'Alpe bis op Verona: 487 km a 15 Deg mat engem Roudag zu Verona. Vun do aus si mir duerch de Po-Dall iwwer Ferrara a Ravenna op d'Adria getréppelt an laanscht d'Küst bis rof op Pescara: jhust 500 km a 15 Deg. Vu Pescara aus si mir mam Zuch op Roum gefuer an hu 5 Roudeg zesumme mat ménger Fra an eisem Stéphane um Mëttelmier verbruecht. Mir sin nees mam Zuch hannescht op Pescara gefuer an hu schliisslech déi 260 km téschent Pescara a Bari an dene leschten aacht Deg gemaach.

A kurze Wieder: mir ware 66 Deg ënnerwee, mir hun 10 Roudeg geholl a sin also 56 Deg laang zu Fouss gaangen, genee 1794 km wäit. dat sin am Duerchschnitt 32 km pro Dag. Di längst Etapp war 47 km wäit, vu Riccione op Pescara, di kierz hat nëmmen 22 km, vu San Severo op Zaponella.

5. Do loug virun Dillingen, um Rand vun der kanalisierter Saar een ongeheier laangt Schëff, mat engem décke Bauch, wéi een se och bäi eis op der Musel gesäit. Dat Schëff awer hat weder Kuelen, nach Minett oder Sand gelueden, mä een anert Schëff, ee richteg Passagéierschëff. De Matrous huet eis verzielt, si hätten dést Schëff zu Bremen opgelueden a géiwen et well am Flosshafen vun Dillingen auslueden. De lokale Fëscherklub hätt et kaaft a géif doraus ee Schwammklubhaus maachen. Mir hun dem President vum Fëscherklub, deen sech an deem Ament gewisen huet, feliciteiert fir di originell a brilliant Iddi, an hien huet eis op d'Schëff invitiert: «Wenn Sie das nächste Mal hier vorbeilaufen», sot hien.

6. Villes kënnen mir um Wee léieren. Zum Bäispill un de Velosweër, dene mir laanscht d'Our, d'Sauer, d'Musel an d'Saar nogaange sin. Am Preisesche gin et där Weër op Schratt an Tratt, si si gutt gezeechent a gutt ënnerhal. Am Frankräich hu mir keng een-

zeg Velospist ze gesi kritt. Bäi de Fransouen zielt nëmmen den Auto. Trotz der Tour de France a Paris-Roubaix, wovun mir d'Arrivée op der TV zu Niederbronn gesin hun, gët an dem Land zesoë näischt fir d'Velosfuerer gemaach. Den Auto as iwwerall, och an den Dierfer a besonnesch op den Trottoiren. Et fällt kengem Fransous an, säin Auto an der Strooss ze parken. Dee gehéiert ëmmer an iwwerall op den Trottoir. Foussgänger gin et keng oder si sin «non existing persons».

7. Déi evangelesch Stadtkirche vu Freudenstadt as ee grouse massive Bau mat zwee Kiircheschëffer, en denen hirem rechte Wénkel den Altor steet. D'Kiirch war struppevoll, wéi den Dirigent Punkt halwer aacht d'Zeeche fir den Ufankskouer «Herr, unser Herrscher, dessen Ruhm in allen Landen herrlich ist!» gin huet. Den Orchester souz am Krees, ronderëm den Dirigent, an circa 120 Sänger stongen op hëlzen Träpplécken, déi extra duerfir opgeriicht gi waren.

Mir hun zwo Stonne laang intensiv materlieft, wat den Hellege Johannes eis verzielt huet a wat dee grouse Johann Sebastian musikalesch doraus gemaach huet. A wéi de Schlusschoral «Herr Jesu Christ, erhöere mich, ich will Dich preisen ewiglich», verklonge war, du blouf den Dirigent wéi eng Statu stoën, d'Musikante blouwe sätzen, d'Sänger hun sech net geréiert, a mir hun alleguer den Otem ugehal. Während gutt zwo Minutte war et, no deem musikaleschen Héichpunkt, esou roueg an där grousser Kiirch, datt een eng Spaweck hatt zidderen héieren.

8. Wat as di Schwäiz mol ee speziell Land! Alles as esou propper, esou voller Uerdnung a Manierlechkeet, iwwerall steet den Tëppelchen um i, jidferee seet frëndlech moiën, d'Zich déi de ganzen Dag laanscht flitze, gesin aus wéi am Kino, et as eppes wéi eng Modelleisebunn. Esouguer d'Waasser vum Bodensee an d'Inten, déi drop schwammen, schénge speziell schwäizeresch auszegesin.

Di Eidgenossen sin hett nach esou seriös wéi zur Zeit vum Wilhelm Tell. Wéi ech zu Konstanz iwwert Grenz gong, hat ech mech verlaf an ech hun de Schwäizer Douanier em Hëllef gefrot. «Sou», sot hien «lo dot emol schéin äre Rucksak aus an da weist der mir ären *Ausweis* an da sot der mir, wat dir am Rucksak huet.» Wéi ech mäin Pass am Grapp hat, huet den Eidgenossen e puer Minute laang de syrischen an de jordanesche Visa studéiert a buschtawéiert; déi Saach as him nüt koscher virkom an hien as mat mëngem Pass an engem Büro verschwonn. Et huet nawell laang gedauert bis hie rëmkoum, ouni ee Wuert iwwert d’Kontroll ze verléieren, huet hie mir genee erkläert, wéi ech erëm op de richtige Wee kéim.

Ech hu säi Rot befollegt a konnt esou feststellen, datt Konstanz an Däitschland a Kreuzlingen an der Schwäiz am Abrëll 1990 duerch een zwee Meter héijen Zonk mat Bëtongs- oder Eisepéil an zwee gedeelt sin. Eng Zort Berliner Mauer am klengen, jhust datt kee vun der Konstanzer/Kreuzlinger Mauer schwätzt an datt d’Lett op denen zwou Säiten dësen Zoustand als normal ugesin. Scho méi wéi 50 Joër laang!

Vu Biwels bis op Kreuzlingen, queesch duerch Däitschland a Frankräich, hun ech mäi Pass nüt eng eenzeg Kéier gebraucht, weder op der Grenz nach an engem Hotel. Bäi den Eidgenosse gouf ech geléiert, de Pass ëmmer schéi prett am Grapp ze hun. Well och d’Hotellierë fillen sech an der Schwäiz derzou beruff, eng minutiös Identitéitskontroll vun hire Gäscht duerchzeféieren. Well verstin ech besser, fir wat se tëschent Konstanz a Kreuzlingen dee gräisslechen Zonk brauchen.

9. An du koum den drëtten Dag an den Alpen, vun Au am Dall bis op Lech, uewen an de Bierger, iwwer den Hochtannbergpass. Bäi 1675 Meter uewen am Schnéi hu mir eis een den anere fotograféiert. An dunn huet et ugefaang ze schneien, datt mir bal näischt méi gesin hun. Mir sin zu Lech gelant, enger weltbekannter Wintersportstatioun, mat

Honnerten Hotellen a Pensiounen, mat Dausenden Zëmmeren, mat Restaurant-en wéi Dir Iech se wënscht. Leider war d’Saison de leschte Sonndeg op een Enn gaang. An zu Lech war alles, awer och alles zou. Mat vill Méi an no vill Getëlëfonéiers huet déi gespréicheg Joffer am Verkéiersbüro schliisslech awer een Zëmmer fond, natüürlech zum Präis vun der Wintersaison! An dobäi läit Lech an Eisterräich an nüt an der Schwäiz!

10. Eisen Néckel gong rechts duerch d’Wisen op di grouss Verkéierstrooss zou, fir do an engem Buttek nei Stroossekaarten ze kafen. Ech si gemidderlech weider op d’Grenz zou spadséiert an dunn nees iwwert Strooss hannerzeg eisen Néckel entgéint. Op eemol héieren ech et hanen u mir päifen. Dat Päife gët ëmmer méi haart a méi energesch; ech héieren och, wéi ee Kreesch deet. Dunn dréinen ech mech mol em. A wat mengt Dir! Do kënnt jo nüt een eisterräicheschen Douanier op mech zougerannt; hien hëlt mech mam Schlawittchen a féiert mech manu militari an d’Douansgebai. Do hält hie mir eng Stropfriedegt, dees ech doe mäi Rupsak aus, fir de Pass rauszehuelen. Ganz mësstrauesch ënnersicht hien de Pass:

– «A wat heescht dat do», seet hien, wéi en déi sëlliche Visaë gesäit: Zaire, Rwanda, Syrien, Jordanien.

– «Dat heescht jhust, datt ech wëlles sin, vun hei aus zu Fouss bis a Syrien an a Jordanien ze goën.»

De Mann as ganz duercherneen. Séng Kollege laachen hien aus. Hee weess nüt, wat e maache soll. A wéi eisen Néckel rakënt, brauch hie säi Pass mol guer nüt ze weisen.

Nujee, ech kann an der Welt goë wuer ech wëll, ech hun ëmmer Zodi mat den Douanier-ën. Si musse mir et ofgesin, wat fir schlecht Naupen ech mat mir dorëmmer schlefen.

Geet virun an N° 32

Si hun äis fir ëmmer verlooss . . .

† Felix Steinberg

Nees eng Kéier hu mer, den 21.10.90, ee vun dene verluer, eréischt 69 Jor al, déi virun 20 Jor derbäi woren, ewéi d'Actioun Lëtzebuergesch entstanen as.

De Felix Steinberg kann ee mat guddem Recht als ee vun denen äifregsten ugesin, déi mat geschafft hun, fir d'Actioun Lëtzebuergesch ze grënnen. Wann et ëm d'Lëtzebuergesch gaangen as, war hien nët ze bremsen. Dacks konnt een am «Lëtzebuergesche Journal» Artiklen a Gedichter vun him liesen, deer Zeitung deer hie vun Ufank un all Ennerstëtzung gin huet. Hie wor virdrun e Mataarbechter vun der Zeitung «Unio'n», déi zwee Jor laang nëmmen op lëtzebuergesch erauskoum, wat fir hien als Resistenzler méi wéi richtig wor, fort vum Däitschen. Wéi dunn 1948 d'Fusioun mat der «Obermosel-Zeitung» an der «Unio'n» koum, as séng Aarbecht do och viru gaangen am neie «Lëtzebuergesche Journal». Dat huet e bis zu séngem Doud mol méi, mol manner réigelméisseg gemat. An der «Revue», e Virgänger vun deer, déi mer haut nach hun, huet e säint och mat bäigin, e wor esouguer am Ufank Redakter dervun. — Et brauch een nët ze wonneren, datt hien als liberale Mënsch och am «Groupement» eng Haaptpersoun gouf, déi Partei, déi sech haut «Demokratesch Partei» nennt.

En etlech Jor huet en och de Bréifdréieschkalenner opgesat an all Fest-Dag ee Lëtzebuergesche Numm gin, mat denen heepsten Deg aus der Geschicht, déi an d'Jor gepasst hun. Dobäi huet hien apaart op séng Duerfsprooch gehalen a se virun d'Koinè ge-

sat. Wor hien nët och ee vun denen, wann nët den Haaptmann, déi gehollef hun d'Monument fir de Siggy (Lucien Koenig) am Starter Park oprüchten ze loossen, Monument, dat de Lucien Wercollier geschafent huet? (cf. Eis Sprooch, Nr. 21/1987). Esou wor et och fir der Komponistin Lou Koster hir Büst, déi de 5.5.1990 an de Conservatoire stoe koum.

Déi puer Wieder sollen un en äerdegen an äifrege Mëmber vun der Actioun Lëtzebuerg erënnere an hëllef säin Undenke waakreg ze halen.

† Victor Robert

Am Alter vum 88 Jor as en treie Mataarbechter vun «Eis Sprooch» den 9.12.1990 vun äis gaangen: de Victor Robert. Zënter Joren huet hien déi kleng Geschichten aus sénger Hemechtstad, Schëffläng an Esch-Uelzecht, doran erzielt, déi ee mat Freed gelies huet, wou een déi Gedichter a «Witzen» nët iwwersi wëllt.

† Jos. Harpes

En aneren treien an ale Frënd vun eiser Sprooch hu mer mam Jos. Harpes verluer, deen am Alter vun 90 Jor dee Wee geholl huet, vun deem een nët méi erëm kënnt. — Déi esou éierlech Gedichter, déi mer vun him ze liese kritt hun, huet en trotz séngem Alter esou op der Hand geschriwwen, wéi et nëmmen e Schoulmeeschter aus deer Generatioun et konnt.

† Pol Leuck

Op Äschemëttwoch, de 13. Februar 1991, as e Mann gestuerwen, deen déi allermeescht wuel der Stëmm no kannt hun: de Pol Leuck, 76 Jor al. Vun him kann ee soen, datt hie Radio Lëtzebuerg, op lëtzebuergesch personifizéiert huet, well et wor hien, dee vun 1944 am Radio geschwat huetan dat op eng Aart a Weis, déi engem Freed mamm Lëtzebuergesche gouf. Séng Ausdrockweis hat vill dees Stacklëtzebuergesch, dat dër en etlech alt alschliéeg ugesin hun, wann e vu Bataaljen, Gedeler ersierkleches ouni Gehackels ze melle wouss. Hien huet de ganze Wee vun nom Krich u mam Radio gemaacht, fir d'éischt mat sénger Emissioun «Welcome to our friends» (1.10.1944), dunn «Le Luxembourg parle à ses amis de l'étranger» bis en op d'Noriichten op lëtzebuergesch koum, fir d'éischt op Laangwellen, dono op Mëttelwelen a fir d'lescht op dem UKW zënter 1959 bis en 1979 a Pensioun gaangen as. Wie vun denen hätt séng «Zaldotestonn» aus deer Zäit vergiess, déi e sondes nomëttes mat Geschéck fir eis Zaldoten zu Béibreg zesummegeat huet. D'«Krankenemissiou» huet bestëmmt alt munne-

chem Kranke gehollef sai Leed fir eng Stonn ze vergiessen. Séng Kommentaren iwwer d'Politik haten Hand a Fouss, déi en och na dono gemat huet, wéi en ewell pensionéiert wor. — E war e Journalist duurch an duurch, deen an den drësseger Joren am «Lux. Wort» matgeschafft huet, an der «Revue» séng Artikule vum «Landbuet» engem ëmmer gutt gefall hun. Séng krëschtlech Iwwerzegong huet en nët verstoppt a fräi a frank dat gesot, wat hie fir richtig a gutt gehalen huet, ob et engem gefall huet oder nët. — Et sief nach ernimmt, datt hien als jonge Mënsch Generalsekretär vun dem kathoulesche Jonktemverband a Redakter vun der Zäitschrëft «Jong Lëtzebuerg» wor. — Am zwete Werltkrich huet en op dem Aarbechtsamt geschafft an do gehollef huet, fir jong Leit laanscht den Aarbechtsdéngscht an d'«Wehrmacht» ze kommen, vun deem en awer keen Ophiewes gemat huet.

De Pol Leuck as nët méi, mä déi, déi e kannt hun, a sief et och nëmme vum Héieren, wärden hien nët vergiessen. — De Familje vun de Verstuerwenen eist oprichtegst Bällied. (no: Lux Wort. 14.2.1991)

Huet Dir dru geduecht, fir d'Cotisatioun vu 500 Frang
op ee vun eise Konten ze iwwerweisen ?

Actioun Lëtzebuergesch - Eis Sprooch

21, Bredewee, L-1917 Lëtzebuerg
Postkëscht 98, L-2010 Lëtzebuerg
Tél. (Äntwertapparat) 47 06 12
Konten: Postscheck : 6644-48
Spuerkeess: 1000/7250/4
BIL: 4-100/9748

Wat huet d'A.L. bis elo erausgin ?

Mir kënnen nach offrëieren:

d'Zäitschrëft «Eis Sprooch»

1-1972*	30 F	16-1984	70 F	25-1989	120 F
8-1977	70 F	17-1985	70 F	26-1989	120 F
9-1978	70 F	18-1986	70 F	27-1989	120 F
10-1979	70 F	19-1986	70 F	28-1990	120 F
11-1980	70 F	21-1987	120 F	29-1990	120 F
13-1981	70 F	22-1988	120 F	30-1990	120 F
14-1982	70 F	23-1988	120 F	31-1991	120 F
15-1983	70 F	24-1988	120 F		

*) Facsimilé, Ried vum C.M. Spoo 1896

d'Extra-Serie

No 1	De Rick , 2. Oplo vum René Kartheiser	50 F
No 2	«Ueter d'Jor» , 2. kompletéiert Oplo vum Heng Rinnen	150 F
No 3	Stuelen (Modeller) fir all festlech an aner Geleënheten, eis Uertschaftsnimm, Menuën, d'Schrëifweis asw.	90 F
No 5	«Vu Wëllef, Afen, Quetschen a Kanner» Concours 1984 Geschichte fir Kanner	300 F
No 6	«Dem Prënz Muttwëll séng Rees an d'Mäercheland» e Mäerchespill vum Edith Roeder, mat der Musek vum Louis Beicht, an d'Lëtzebuergesch iwwersat vum Robert Siuda, Illustratiounen vum Pel'Schlechter	300 F
No 7	«Kuurzgeschichten» Concours 1989	90 F
No 8	Klenggeketen vum Robert Siuda	90 F
No 9	de Kapp an de Stären vum René Kartheiser, gebonnen	465 F
No 10	Kuerblummen um Lamperbiërg gepléckt vum J.F. Gangler (1788-1856) mat der Schrëifweis vun haut vum Tun Gonner	90 F
No 11	Lëtzebuergesch-Franséischen Dictionnaire (M. Th. Kroemmer)	100 F
No 12	Radiospiller vum Jhemp Hoscheit	60 F
No 13	Mat Laachen a Kräischen vum Tony Bastian	150 F
	«d'Leierchen» (dem Léiweckerche säi Lidd) M. Rodange, Facsimilé an Transcriptioun (1973)	500 F
	d'Buch fir Lëtzebuergesch-Couren: «Kommt mir léiere Lëtzebuergesch» (lëtz. -franséisch) + Porto 80,- F	500 F
	d'Traduction vum lëtz. Text vum Buch op däitsch, en- glesch oder portugisesch, all Kéier	150 F
	déi 3 Cassetten déi zu dësem Buch gehéieren (et kann een d'Buch oder d'Cassetten och eleng kafen).	945 F
	d'Spéngel vum der A.L.	50 F
	d'bronze Plaquette vum Dicks - Rodange - Lentz	1.250 F + Porto 100,- F

Eis Gléckwonsch- a Neijooschkaarten

d'Neijooschkaarten mat Text

1014 Greinskapell	1034 Huelmes
1044 d'Schibbreg	1144 Siweburen
1214 Réimech	1224 Mënsbech
1234 Iechternach	1244 Clausen

d'Kaarte mat an ouni Text

1334 Zolverknapp	1344 Schläifmillen
1514 Méchelskiirch	1524 Branebuerg
1534 Déifferdang	1544 Rëmmereg
1614 de Mëlldall	1624 Iechternach
1634 de Pafendall	1644 d'Fiels

1990/91 Zeechnungen aus dem Buch »Le Luxembourg»
dans les gravures du 19e siècle» vum François Ewen

1714 Esch-Sauer	1724 Veianen
1734 Ansenbuerg	1744 de Gronn

de Präis vun dëse Kaarten as 15 F d'Stéck

bei 100 Kaarten kritt ee se fir 11 F d'Stéck

Porto fir d'Kaarten hei am Land

1 Serie (4 Kaarten) 25 F

3 Serie (12 Kaarten) 40 F

doriwwer 60 F

fir Europa: 30,- / 60,- / 90,-

fir Iwwerséi: 70,- / 155,- / 230,-

Gléckwonschkaarten (ouni Text)

1990 / 91 Aquarelle vun der Madame Nicole May-Simon

512 Alstad 522 d'Zuchebréck 30 F d'Stéck

Gléckwonschkaarten fir Hochzäit oder Gebuert

Zeechnunge vum O. Nalezinek

4 verschidde Kaarten 15 F d'Stéck

d'Präisser déi mir ugin, si fir d'Mëmbren.

Schoulen, Gemengen, Veräiner oder Mëmbren, déi am
grousse kafen, kënnen Rabatt kréien.

Bestelle kann een durch Iwwerweisungen op ee vun eise

Konten: Postscheck 6644-48

Spuerkeess 1000/7250-4 — BIL 4-100/9748

Schreift w.e.gl. op äre Virement/Versement genee wat dir
wëllt an och d'komplett Adress.

All Informatiounen kënnen dir um Téléfon 47 06 12

(Äntwertapparat) kréien. Wa keen am Büro as, da sot w.e.gl.
är Téléfonnummer, mir ruffen Iech dann erëm.

Bestelle kënnen dir och schrëftlech un eis Adress:

Actioun Lëtzebuergesch

Postkëscht 98, L-2010 Lëtzebuerg.

Porto fir 1 Buch/Zäitschrëft fir Lëtzebuerg (wann nët extra
vermierkt) 40 F

fir d'Ausland a bei méi grousse Commanden, rüchte mir eis
nom Posttarif.

Et kann een natierlech och séng Bestellung an eisem Büro

op Nummer 21 am Bredewee an der Stad ewechhuelen.

Am beschte freet een dofir e Rendez-vous.



Äre Partner
an alle Finanzfroen

SPUERKEESS